



lechen, awer och dem technesche Fortschrëtt, deen natierlech och hei opgrond vun der Medezinn an opgrond vun der Fleg gang und gäbe ass, woufir och regelméisseg muss adaptéiert ginn.

Zwee verschidde Reglementer si virgesinn am Kader vun dem Qualitéitskontrollsystem.

Dat éischt determinéiert d'Normen an d'Koeffizienten, déi d'Qualitéit vun de Leeschtunge be treffen an déi ënner anerem och gebraucht ginn, fir de Präis vun hinne mat de Prestatairen zesummen all zwee Joer op konventioneller Basis festzeleeën.

Dat zweet Reglement betrëfft de Contenu vun der Fleegeedokumentatioun - och ee Volet, deen hei schonn ugeschwat gouf -, d'Dokumentatioun an d'Indicateuren, déi et der Administratioun erlaben, hir Aarbecht nach méi strukturiert kënnen duerchzeféieren.

Regelméisseg a systematesch ginn d'Leesch tungen och evaluéiert, souwuel déi vun de Presta tairé wéi och natierlech déi vun de Persounen, déi sech doheem ëm eng fleegebedürfteg Persoun bekëmmern, also vun deene sougenann ten „aidants informels“, meeschtens eng Persoun, déi aus dem direkten Ëmfeld vun der Persoun kënnt.

Beim Service vun de Leeschtungen am Alldag bei de fleegebedürftige Leit kënnt et zu enger méi grousser Individualisatioun, déi duerch eng renforcéiert Flexibilitéit erméiglecht gëtt. An op déi Flexibilitéit sinn eenzel Riedner agaangen, ee vun deene wichtege Punkten, deen effektiv och heidrënner erëmfannen ass. An ebe grad dat, wat ugeschwat ass, déi Zäit, déi engem feelt, fir mat der fleegebedürftegter Persoun ze schaffen, dat ass och wierklech nach eng kéier ënnerstrach an nach eng kéier nei orientéiert ginn. Vill méi geziilt an adaptéiert wäert an Zukunft vun de Prestatairen op déi alldeegelech Besoinen a Wësch vun de fleegebedürftige Leit, déi vun Dag zu Dag verschidde sinn, reagiert kënnen ginn.

D'Eropsetze vun der Transparenz a vun der Effizienz sinn zwee weider Elementer, déi mer hei kënnen ënnersträichen. D'Tatsaach, datt den Zoustand vun de fleegebedürftige Leit a regelméisseg Ofstänn, an dat ass och nei hei, a systematesch vun där neier Administratioun an Zukunft wäert iwwerpréift ginn, garantéiert, datt d'Leesch tungen permanent de Bedürfnisse vun de Leit ugepasst ginn. Et ass dat, wat de Gast Gibéryen zitëiert hat: déi regelméisseg Adaptatiounen vum de Besoinen um Terrain, d'Persoun am Mëttelpunkt, dat gëtt hei méi no eriwuerbruecht.

D'Situatioun vun den Aidants informels gëtt redefiniert a gëtt gestärkt. Op Basis, an dat ass och nei, vun engem spezielle Formulaire, deen am Kontext vun der Evaluatioun ausgefüllt gëtt, kann hien an Zukunft besser a vill méi kloer wéi bis elo vun der Administratioun identifizéiert ginn. An d'Gesetz gesäit do och kloer an transparent Kritäre vir, fir an esou enger Situatioun ze erméiglechen, déi néideg Kontroll och ze maachen an déi néideg Mesuren dann och derzou ze huelen.

Dozou gehéieren natierlech wéi bis elo schonn d'fleegeesch Fäegkeete vun där Persoun, déi den Aidant ass, hir Disponibilitäten, souwuel zäitlech wéi och geografesch, hir physisch an hir psychesch Belaaschtbarkeet iwwerhaupt, fir eng Persoun mat ze soignéieren.

An den Aidant gëtt virun allem an Zukunft och ee vun deenen effektiv, déi duerch verschidde Mesuren da kënnen entlaascht ginn. De professionellen Aidant informel ass selbstverständlech dem Aarbechtsrecht ënnerleucht. Dat war vun Ufank un esou an dat ass och ganz kloer esou am Text virgesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir vläicht e puer technesch Erklärungen awer eriwuerzeginn: A puncto vun den Actes essentiels de la vie, den AEV, gesäit dat neit Gesetz vir, eng Rei vun hinne ze reformuléieren, ouni allerdéngs hire Contenu bedeiend ze änneren. Opgrond vun enger individueller Evaluatioun - an ech betounen „individueller Evaluatioun“ -, déi persounbezunn a multidisziplinär bleift a bei där den néidege Volume vu Leeschtunge fir all Demandeur erhuewe gëtt, gëtt an enger Synthèse de Besoin vum Beneficiaire festgehalten.

D'Leesch tungen ginn dann op Basis vun Niveaue vum Prestataire a Charge geholl. Dëst bréngt eng gréisser Flexibilitéit fir d'Fleg vun de Leit, wat dann och eng besser Liewensqualität wäert bedeuten a virun allem eng besser Planungssécherheet fir d'Prestatairen hannendrun.

Et ass wichteg ze ënnersträichen, datt déi verschidden Niveaue op Basis vun Erfahrungswärter festgeluecht gi sinn. Eng Rei vu weidere Leeschtunge ginn nach méi staark wéi bis elo un d'AEV gebonnen. Dat si virun allem déi sougenannt „activités de soutien“, déi och

hei schonn diskutéiert an zum Deel kritiséiert goufen, déi regroupéiert ginn, déi net ofgeschaaft ginn, mä déi regroupéiert ginn an opgedeelt ginn am Kader vun neien Activités d'appui à l'indépendance, den AAlen, respektiv Activités d'accompagnement en établissement, den Aaen, an Activités de maintien à domicile, den AMDen.

Dës dräi Ënnerscheeder si wichteg, fir ze soen, datt näischt ofgeschaaft gëtt, datt d'Persounen näischt geholl kréien. Et gëtt nei regroupéiert, et gëtt nei orientéiert, et gëtt méi effikass organiséiert, fir dat och ëmzesetzen. An ech brauch nëmmen hei zu de Stonnen, déi jo anscheinend ewechfalen, ze soen, datt d'AEVe bis zu véier Stonne pro Woch kënnen individuell accordeiert ginn! Et ass dat, wat mer eng kéier nogebessert haten nach, wat och am Konsens an der Kommissioun selwer diskutéiert gouf, fir kënnen op individuell Besoinen anzegoen, wat dann och an der Grupp bis zu 20 Stonne pro Woch méiglech ass. Dës Leeschtunge gi souwuel doheem wéi och am Etablissement gemaach.

D'AAen, par contre, si Leeschtungen, déi spezifesch an den Haiser virgesi sinn, wou mer hei virun allem - wat zum Schluss elo och ugeschwat gouf - besonnesch den Encadrement brauchen, aus Sécherheetsgrënn oder virun allem, wéi richtegerweis gesot gëtt, fir effektiv och eng sozial Ausgrenzung ze verhënneren. Also, déi bleiwe bestoen an deem dote Beräich.

Här President, Dir musst mer nach e puer Minutte ginn, well soss...

(Brouhaha)

Neen? Okay.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech si Wuess an den Hänn vun der Chamber. Wann d'Chamber dermat d'accord ass, mengen ech, kënnen mer...

(Brouhaha et interruptions)

Net ëmmer, Här...

(Hilarité)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Den Här Krieps hat och iwwerzunn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Minister, wann ech gelift.

► **M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale.** - Här President, ech soen lech Merci.

(Interruption)

Et geet och just ëm eng textlech Analys. An ech wollt lech nach eng kéier d'Virdeeler vun dëser Reform eriwuerzunn, fir datt Der lech nach eng kéier mat beschtem Gewësse kënnt iwwerleeën, wat Der hei ofstëmmt a wat Der hei kënnt fir e Fortschrëtt maachen, fir d'Fleegeversécherung nach eng kéier ze verbesseren. Dofir Merci, Här President, fir dës Asiicht!

Well effektiv, d'AAe, wéi gesot, par contre si Leeschtungen, déi spezifesch an den Haiser ugebuede ginn an déi also wierklech och op de Beräich vun der sozialer Ausgrenzung aginn.

D'AMDe si Leeschtungen, déi aktiv d'Leit doheem, an hirem Heem ënnerstëtzen. An individuell kënnen hei och virun allem 14 Stonne pro Woch oder an der Grupp bis zu 40 Stonne pro Woch accordeiert ginn.

Den Aidant informel, et gouf ugeschwat, ka selbstverständlech, wéi hei stoung, aacht Stonne Weiterbildung kréien. Déi kann awer ëmmer erëm widerholl ginn. A vun do hier sinn dat also net déi aacht Stonnen, déi do stinn, mä pro Joer kënnen ëmmer erëm aacht Stonne Praxisformatiounen gemaach ginn; déi wäeren och do.

Wat nei dobäi ass: De Pilotprojet, wat déi ganz Nuetswaach ubetrëfft, gëtt elo an d'Fleegeversécherung gesat. An hei kënnen zéng Nuechte pro Joer vun der Fleegeversécherung iwwerholl ginn. Dat ass en neien, wichtege Facteur, deen hei eriwuerkënn. All déi aner Aiden, do ginn ech elo driwwer ewech: Aides techniques, Adaptation du logement, Matériel d'incontinence, déi ginn net ofgeschaaft, déi bleiwe bestoen, mä do wäert awer och dee ganze Katalog vu Leeschtungen nei reglementéiert ginn.

Här President, derniewent nach zwee Voleten: Éischtens, mir wäerten a mussen awer kucken - an d'Erfahrungen hunn dat och gewisen am Bilan vun der IGSS, awer och virun allem am Bilan vu Situatiounen, déi sech duergestallt hu bei Prestatairé virun allem -, datt mer kuerzfristig all zwee Joer ee Bilan maachen iwwert dat, wat d'Qualitéit vun de Leeschtunge betrëfft. An zweetens, virun allem mussen mer och kucken: Wat ass dee finanziellen Impakt? Deen ass also all zwee Joer och ze kucken an ze adaptéieren, soudatt mer net herno a Situatiounen lafen, wou effektiv d'Schéier ganz schnell ausernegeet tëscht Recetten an Depensen.

An da mussen déi Diskussiounen kommen, wou mer soen: Wat muss dann elo adaptéiert ginn?

Musse mer net elo u Recetté goen, wou mer d'Cotisationsen erhéien? Och déi Saache sinn ugeschwat ginn. An dee Moment kann een dat maachen. De Moment ass dat net néideg, well mer Recetté genuch hunn, fir dës Reform och an der Depensésäit ze stëmmen.

Voilà, zum Schluss, mengen ech, soen ech all deene Merci, déi sech ausgedréckt hunn an elo scho gesot hunn, si géifen dës Reform ënnerstëtzen. Ech hoffen, datt déi Argumenter an dee bësse Surplus un Zäit, deen ech hei kritt hunn, mer et och erlaabt hunn, och déi aner dovunner ze iwwerzeegen, datt dëst eng gutt a wierklech eng wäitsiichteg Reform ass. Ech mengen, all Parteien, déi de Moment Visiounen weisen, déi soen: „Mir setzen d'Persoun, déi fleegebedürfteg Persoun an de Mëttelpunkt!“, déi soen: „Mir wëlle längerfristeg de System of-sécheren, wéi a villen anere Systemer“, déi sol len dëst Gesetz stëmmen! An déi drécken domat aus, datt d'Persoun am Mëttelpunkt steet an datt mer e gudden an dee beschte System hunn, deen et gëtt.

Merci bien.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci, Här Minister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7014 iwwer goen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7014 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

De Projet de loi ass mat 32 Jo-Stëmmen, bei 25 Nee-Stëmmen an 3 Abstentionen uegoholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7014 est adopté par 32 voix pour, 24 voix contre et 3 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusti Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Losché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mmes Martine Mergen, Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzufroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eise m Ordre du jour iwwergoen, der Orientéierungsdebat iwwert d'Zukunft vun der EU an der Eurozon. A mir géifen direkt de Rapporteur zu dëser Orientéierungsdebat héieren, den honorabelen Här Marc Angel, fir de Rapport vun der Kommissioun virzedroen.

3. 6944 - Débat d'orientation sur l'avenir de l'Union européenne et de la zone euro

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. Här Aussenan Europaminister, Här Finanzminister, léif Kollee ginnen a Kollegen, erlaabt mer vläicht direkt mat enger Citatioun unzefänken: «L'Europe ne se fera pas d'un coup, ni dans une construction d'ensemble: elle se fera par des réalisations concrètes créant d'abord une solidarité de fait.» Dëst Zitat vum Robert Schuman, dat ganz am Ufank vun onsem Rapport steet, ass aus dem Joer 1950. De Robert Schuman huet deemools fir d'Grënnung vun der CECA plädéiert. Mat dësem Zitat huet hien och seng Visioun dervu presentéiert, op wéi eng Manéier Europa zesummewuesse sollt.

An och haut, 67 Joer méi spéit, si mer dervun iwwerzeegt, dass dës Method nach ëmmer hir

Gültgkeet huet. Et ass och en Zitat, wat d'Es senz vun onsem Rapport erëmispigelt a firwat ech och mäi mëndleche Rapport domadder ufänke wollt.

Et ass en Zitat, dat eis drun erënnert, dass et virun allem dorëms geet, konkret Verbesserungen um Terrain ze schafen. An op deem Wee, Schratt fir Schratt, komme mir an Europa och nees virun.

Grouss institutionell Debatte maachen zwar engem klenge Krees vun europäesche Spezialiste Freed an als Ideal, op dat een hischaffe soll, si se natierlech och immens wichteg, well et muss ee jo och wëssen, wouhin een eigentlech ënnerwee ass. Wann et awer u kloer Resultater an Aktiounen feelt, da kënnen esou institutionell Debatten de Gros vun de Bierger net begeeschten a matrassen. An da bleiwe mer eben iergendwa ganz stoen oder dréien dem Projet Europa souguer de Réck.

Dofir plädéiere mer an dësem Rapport, sech zum momentanen Zäitpunkt net op grouss institutionell Froen ze konzentréieren, mä mir mussen ons zu dësem Zäitpunkt virun allem op politesch Inhalter fokusséieren, fir déi reell Politik weiderzedreiw. Institutionen sollen nëmmen insofern diskutéiert ginn, wéi se fir d'Emsetzung vun den Inhalter vun der Politik erfuerderlech sinn. Am Geescht vun dëser Leitlinn hu mir och verschidde konkret Konklusiounen zur Zukunft vun der Eurozon gezunn.

Ech kommen herno nach am Detail dorop ze schwätzen, mä ech wëll elo just ee Beispill dozou hei nennen. Mir si selbstverständlech der Meinung, dass eng méi staark Eurozon och eng méi staark parlamentaresch Kontroll brauch. Fir dëst ze erreechen, muss een d'Gewichtung vum Pouvoir tëscht den Institutionen nei ausleeën, fir dass d'Europaparlament an déi national Parlamenter dës Roll och erfëlle kënnen.

An deem Sënn muss noutwendegerweis och iwwer Institutionen geschwat ginn, mä et brauch een dofir keen neit Parlament vun der Eurozon ze schafen. Dat ass eng onnéideg institutionell Debat, wou mer dach bestoend Institutionen hunn, déi dës Aufgab erfëlle kënnen. Dofir schwätze mir eis och géint esou en neit Parlament aus an dofir plädéiere mir awer fir eng Stärkung vun der Roll vun de besteeënde Parlamenter.

Här President, léif Kollee ginnen a Kollegen, Europa brauch eng nei politesch Volontéit. Europa brauch staark Institutionen. Mä fir Europa staark ze maachen, därer een net op de Wee goe vu rengen institutionelle Reformen. Wann nëmmen un institutionelle Reforme gedokt gëtt, distanzéiert Europa sech vun de Bierger.

Dëse Rapport seet dofir: Mir brauchen e politesch Europa. An ech mengen, mir sinn um gudden Wee mat méi enger politescher Kommissioun, déi d'Debatten op d'Zukunft vun Europa ausrichte wëllt, mat engem politeschen Opwand, deen Europa guttdeet - d'Wahlen an enger Rei vun europäesche Länner weisen, dass eng grouss Majoritéit vun de Leit sech net vun engem nationalisteschen Discours de repli beandrocke léisst -, a mat nationaler Parla menter, déi dës Besoin fir méi politesche Wëllen an Europa mat ënnerstëtzen, andeems se ëmmer méi kooperéieren.

De Fait eleng, dass d'Chamber iwwer ee Joer un der Fro vun der Zukunft vun Europa schafft, weist, dass et déi Volontéit gëtt an dass d'Parla menter sech där Responsabilitéit och bewosst sinn a se och huelen.

Et ass also immens wichteg, dass mer deen Debat elo maachen, zu engem Zäitpunkt, wou en eben aktuell ass a wou iwwerall iwwert d'Zukunft vun Europa nogeduecht gëtt.

An dësem Rapport kéint ee sécherlech nach villen adaptéieren an nach villen ausbauen an abauen. Mä d'Häerzstéck ass wierklech dës Message: Fir Europa - entre Guillemets - „ze retten“ oder fir et méi staark ze maachen, mussen mer Europa méi no un d'Bierger bréngen, an dofir soll ee keen institutionellen Engineering an de Vierdergrond stellen. Anstatt sech institutionell vun de Leit ewechzedenken, geet et drëm, méi a besser Politik fir d'Leit, op Basis vun deem, wat den Traité de Lisbonne erlaabt, ze maachen.

Här President, léif Kollee ginnen a Kollegen, fir lech duerch de Rapport ze féieren, wëll ech ufänke mat engem Réckbléck dorop, firwat mer dës Rapport iwwerhaupt geschriwwen hunn, an de Froen, déi sech ons gestallt hunn. Duerno rappeléieren ech déi wichtegst Punkten aus de Sitzungen, déi mer mat der Lëtzebuerger Zivilgesellschaft an den internationalen Ex-

perten a mat de Regierungsvertrieder organiséiert haten. An zum Schluss widmen ech mech deem interessanten Deel: de gemeinsame Konklusiounen, déi mer als Kommissioun aus dëser Debatt gezunn hunn.

D'Initiativ fir dëse Rapport geet indirekt op eng Ufro vun déi Lénk am Hierscht 2015 zrëck. D'Kolleege vun déi Lénk haten deemools kuerz no der Presentatioun vum Rapport des cinq présidents eng Interpellatioun ugefrot, fir iwwert dësen ze schwätzen, genau wéi iwwert déi laangfristeg Zukunft vun der Eurozon. D'Conférence des Présidents vun dëser Chamber huet awer doropshin decidéiert, dass dëst am Fong eng Fro wier, zu där d'Chamber besser hätt, méi en ausféierlechen Debat no entsprecherender Virbereedung ze féieren.

Dowéinst goufen déi méi konkret Froen iwwert de Rapport des cinq présidents an enger Question élargie am Dezember 2015 hei an der Plénière behandelt an et gouf decidéiert, méi e breeden Débat d'orientation mat Rapport ze organiséieren.

D'Froen, déi mer ons du fir dëse Rapport gestallt hunn, si wéi gesot iwwert d'Zukunft vun der Eurozon erausgaangen. Mir hunn allgemeng derno gefrot, duerch wéi eng politesch Orientatiounen mer d'wirtschaftlech Entwécklung, d'Solidaritéit an d'Stabilitéit an der Europäescher Unioun kënne féideren a schliisslech och, an dat ass, mengen ech, och wichteg fir eis alleguer heibannen, wéi eng Roll dobäi d'national Parlamenter, wéi eng Roll dës Chamber dobäi ze spillen huet.

D'Preparatiounsaarbechte fir de Rapport goufen der aussepolitichescher Kommissioun uvertraut, déi mech direkt am Ufank vun den Aarbechten zum Rapporteur ernannt huet.

Mir hunn dunn tëschent Januar 2016 an Abrëll 2017 eng ganz Rei vu Kommissiounssitzunge gehat, fir den Debat vun haut ze preparéieren. Dorënner waren och eng Rei Sitzunge mat Experten a mat der Zivilgesellschaft, op déi ech méi am Detail wëll ze schwätze kommen. Besseresch ervirzesträiche war de groussen Hearing, dee mer den 3. Juni 2016 organiséiert haten zesumme mam Finanzminister, de Vertrieeder vun de Gewerkschaften, de Berufsskummere an der CSSF. Mä loosst mech chronologesch virgoen!

De 17. Februar 2016 hate mer eng éischt Reunión mat Vertrieeder vum Europaparlament vun der AFCO-Kommissioun, dat ass d'Kommissioun vun den Affaires constitutionnelles. Hir Presidentin, d'Madamm Hübner, war net derbäi, mä d'Rapportrice, d'Madamm Bresso, déi zesumme mam Här Elmar Brok e Rapport iwwert d'Zukunft vun Europa verfaasst huet, war do an de Rapport Bresso-Brok war jo och eng vun de Virlagen, déi mer als Grondlag zu dësem Rapport geholl hunn. Si hunn d'Méiglechkeeten ënnersicht, wéi d'EU sech ouni Changementer vun den Traitée ka weiderentwéckelen.

Och d'Madamm Bresso huet ënnerstrach, dass d'Potenzial vum Lissabonner Vertrag nach laang net ausgeschöpft ass, sief dat an der Gouvernance économique oder och an enger gemeinsamer europäescher Verdeedegungsopolitik, niewebäi bemierkt jo e Feld, wou entretemps ganz vill Bewegung drakomm ass.

Mir hate mat der Madamm Bresso och d'Diskussioun iwwer e Parlament vun der Eurozon an och si huet aus der Sicht vum Europaparlament drop verwisen, dass esou eng Propos d'Memberstate splécke géif an dass d'parlamentaresch Kontroll besser duerch déi bestoend Parlamenter sollt geschéien. Si ass par contre och der Meenung, dass d'Roll vun den nationale Parlamenter, zum Beispill am Europäesche Semester, misst verstärkt ginn, mä dass d'national Parlamenter sech selwer mussen d'Moyene ginn, hir Regierungen och um europäeschen Niveau ze kontrolléieren.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Si huet ausserdeem nach den Appell gemaach, dass mir nees mussen zrëckkommen op d'Méthode communautaire an de Conseil européen seng ursprénglech Funktioun nees muss unhuelen.

De 6. Mee d'lescht Joer hate mer dunn och eng ganz interessant Presentatioun vum Dokter Ian Cooper vum Institut universitaire européen vu Florenz iwwert d'Roll vun den nationale Parlamenter an der Europäescher Unioun. Bei der Prozedur vum Contrôle de subsidiarité, also beim „carton jaune“ a beim „carton orange“, huet hien derfir plädéiert, dass den Delai vun aacht Wochen op zwielef Wochen eropgesat soll ginn. Dëst, fir dass d'national Parlamenter méi Zäit kréien oder genuch Zäit kréien, fir eng

Proposition de directive kënnen ze diskutéieren an eng Positioun auszeschaffen.

Mä virun allem huet hien och recommandéiert, eng kloer Definitioun vum Principe de subsidiarité anzeféieren. Leider ass et haut oft de Fall, dass dëse Prinzip vun den EU-Géigner pauschal als Argument géint all Propos genotzt gëtt an doduerch pervertéiert gëtt. Dat kéint duerch eng besser Definitioun vum Subsidiaritätsprinzip verhënnert ginn, och wa mer all wëssen, dass dat e ganz schwieerege Exercice ass.

Am Kader vum politeschen Dialog huet hien och recommandéiert, dass d'national Parlamenter sech méi oft sollen ofschwätzen a gemeinsam politesch Avise schreiwen, anstatt just bilateral mat der Kommissioun a Kontakt ze trieden. Dofir bräicht een natierlech e verstärkt administratiivt Sekretariat vun de jee-weilegen interparlamentaresche Konferenzen, déi et jo tëschent dem Europaparlament an den nationale Parlamenter gëtt.

Schliisslech hu mer awer och nach iwwert d'Méiglechkeet vum „carton vert“ diskutéiert, fir dass déi national Parlamenter och kéinten aktiv Virschléi un d'Kommissioun riichten. An esou eng Prozedur gëtt et jo schonn informell an déi huet och schonn hir Friichte gedroen.

Den Highlight, mengen ech awer, vun eise Preparatiounsaarbechte war awer sécherlech de groussen Hearing, dee mer hei an dësem Sall hate mam Finanzminister, zesummen mat der Zivilgesellschaft, den 3. Juni d'lescht Joer. Mir hunn zesumme mam Finanzminister, wéi gesot, dem OGB-L, dem LCGB, der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers, der Chambre des Salariés an der CSSF iwwert d'Propositione vum Rapport des cinq présidents diskutéiert.

Ech wäert also elo net op alleguer déi Bäitrag am Detail agoen, dat kënnt Der alles a mengem schrëftleche Rapport noliesen.

Am Gespréich mam Minister hu mer awer festgestallt, dass et zu enger méi staarker Abanung vun den nationale Parlamenter a vun de Sozialpartner an d'Europäescht Semester soll kommen an dass Lëtzebuerg sech do scho virun zwee Joer ëmgestallt huet. Virun zwee Joer huet ons Regierung decidéiert, dass de Finanzminister an de Wirtschaftsminister de Pacte de stabilité et de croissance an de Plan national de réforme an der Chamber virstellen a mir dës Pläng dann och hei diskutéieren, ier se op Brëssel geschéckt ginn.

Dat war 2016 eng grouss Ännerung, an zwar eng, déi der Wichtigkeet vun dësem Dossier Rechnung dréit. Effektiv gesäit een och duerch de Rapport des cinq présidents, dass et och europawäit an esou eng Richtung goe soll.

D'Vertrieeder vun der Chambre des Salariés a vun de Gewerkschaften hunn an hiren Interventione virun allem drop higewisen, dass de soziale Volet am Rapport des cinq présidents ze kuerz kënnt. Si hunn derfir plädéiert, d'Defizitregle fir den nationale Budget nei ze definéieren, fir Investisementer kënnen ze berücksichtegen a fir verbindlech sozial Indicateuren an d'Europäescht Semester anzeféieren.

Ausserdeem hu si drop higewisen, dass d'Kompetitivitéit net just d'Lounkäschten als en negativen Facteur soll abezéien, mä och d'positiv Effekter dovun mataberechnen, genau wéi Investitiounen, Innovatioun, Formatioun oder och d'Qualitéit vun de Services a Produiten eng Roll bei der Kompetitivitéit vu Betriber spillen.

D'Vertrieeder vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers hu selbstverständlech op d'Wichtigkeet vun gemeinsame Maart a vun engem staarken a stabillen Euro fir d'Betriber higewisen, fir dass si ënner stabille Konditiounen schaffen kënnen. Virun allem fir d'Betriber an engem klengen Land ewéi Lëtzebuerg ass dat enorm wichteg a si profitéiere ganz staark vun enger méi staarker europäescher Integratioun an dësem Beräich.

Mä fir dass d'Wirtschafts- a Währungsunioun propper fonctionnéiere kann, musse Sanktiounen, wann d'Regele gebrach ginn, och duerchgezu ginn, an zwar bei de Memberstaten alleguer.

Ausserdeem brauch d'Eurozon och eng gemeinsam Budgetspolitik.

Dat zu de Positiounen vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers.

Mat der CSSF hu mer schliisslech virun allem iwwert den éischte Pilier vun der Bankenunioun geschwat, d'Surveillance vum Bankesystem, woufir d'CSSF jo responsabel ass. Et gouf betount, dass deen neie System, no deem d'Banken iwwerwaacht ginn, eng radikal Ännerung duergestallt huet, déi awer zu enger besserer Koordinatioun vun den Autoritéiten an zu positiven Effekter op den „level playing field“ gefouert huet.

Ech weisen och nach gär op ee Punkt hin, op deem wierklech Unanimitéit tëschent alle So-

zialpartner geherrscht huet. Mir waren ons all eens, dass mer d'Schafung vun engem neie Conseil national de compétitivité net guttheesche géifen, deen d'Fräiheete vun de Sozialpartner géif beschränken. Ausserdeem gëtt et hei am Land scho genuch Organer, déi d'Kompetitivitéit iwwerwaachen: den Observatoire de la compétitivité an de Conseil économique et social.

Am Juli d'lescht Joer hate mer och nach eng Entrevue mam Gaston Reinesch a mat anere Mataarbechter vun der Lëtzeburger Zentralbank. An dëser Entrevue hu mer direkt nach eng Kéier bestätegt, dass d'Schafung vun engem Conseil de la compétitivité fir Lëtzebuerg problematesch ass.

Zur Gouvernance vun der Eurozon hu mer festgehalten, dass, wann et zu engem Transfer vu Souveränitéit kënnt, dëse mat enger besserer parlamentarescher Kontroll muss kombinéiert ginn. Ausserdeem hu mer och festgehalten, dass d'Stabilitétskritäre gläichermoosse fir alle guerten d'Memberstate gëlle mussen, ouni Ausnam, well si soss keng Wierkung kënnen hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, niewent all dëse Reuniónen hu mer awer och dovun profitéiert, bei de Visite vum europäesche Politiker an héije Beamten iwwert d'Theme vun onsem Rapport ze diskutéieren. Am Oktober 2016 - pardon, Madamm Presidentin, ech hat mech geiert -, am Oktober 2016 hate mer hei am Sall e ganz interessanten Austausch mam éischte Vizepräsident vun der Europäescher Kommissioun, mam Frans Timmermans.

De Frans Timmermans huet a senger Introduktioun betount, dass sech d'europäesch Integratioun nëmmen duerch eng Zesummenaarbecht mat allen Akteuren, also och mat den nationale Parlamenter, réaliséiere léisst. Hien huet och betount, dass sech d'europäesch Bierger virun allem Äntwerten op déi konkret Problemer wënschen, déi sech hinne stellen, sief dat um regionalen, nationalen oder europäeschen Niveau, an dass mer dofir alleguer zesummen eis Verantwortung mussen iwwerhuelen.

An der Froestonn, déi mer du mam Här Timmermans haten, hunn ech hien no senger Meenung iwwer eng méiglech Ännerung vun den Traitée gefrot. An ech war frou ze héieren, dass och den éischte Vizepräsident vun der Europäescher Kommissioun déi aktuell Situatioun als net opportunn hält fir esou eng Debatt.

Hien huet an deem Kontext do virdru gewarnt, dass d'EU mat esou enger Debatt geläamt géif ginn an dass et elo wichteg wier, dass mer géengt bleiwen. An hien huet awer och deemools am Oktober schonn drop higewisen, dass et ganz daitlech wier, dass verschidde Memberstate vill méi wäit wëlte goe wéi aner. Deem Fakt huet jo d'Europäesch Kommissioun bei der Presentatioun vum Wäissbuch mat hire fënnf Zukunftszeenarien dunn och entsprechend Rechnung gedroen.

Als Nächst hate mer en Austausch an der Kommissioun mat enger Damm, déi bei ons an der aussepolitichescher Kommissioun wierklech eng enorm Power a positiv Energie fir d'Europäesch Unioun verspreet huet. Et war dat d'Madamm Tocci, d'Conseillère spéciale vun der Madamm Mogherini fir d'Global Strategy. Si war den 3. Februar dëst Joer bei ons, fir mat ons iwwert d'Global Strategy vun der europäescher Ausen- a Sécherheetspolitik ze schwätzen.

Och wann dat elo net d'Haapthema vun dësem Rapport ass, hu mir dës Sitzung am Rapport awer ernimmt, well aussepolitisch Themen oft genuch direkt Repercussiounen op d'europäesch Innenpolitik hunn, sou zum Beispill, wann am Kader vun der Kris an der Ukrain Wirtschaftssanktiounen géint Russland decidéiert ginn - fir nëmmen ee Beispill ze nennen.

Dofir ass et och wichteg, dass mer déi extern Dimensioun vun der Europäescher Unioun net ganz aus den Ae gelooss hunn, och wann an der Haaptsaach iwwert d'Zukunft vun der Wirtschafts- a Währungsunioun diskutéiert ginn ass.

Déi lescht Reunión, déi mer aus Aktualitéitsgrënn awer och onbedéngt nach wollten an dëse Rapport integréieren, war d'Virstellung vum Wäissbuch vun der Europäescher Kommissioun iwwert d'Zukunft vun Europa duerch d'Madamm Yuriko Backes de 7. Abrëll. D'Madamm Backes ass d'Cheffin vun der Vertrieedung vun der Europäescher Kommissioun hei zu Lëtzebuerg, mat där mer iwwregens a villen europäeschen Dossier an als Kommissioun an och als Chamber exzellent zesummeschaffen. Mir hunn an dëser Diskussioun virun allem festgehalten, dass et net deen ee perfekte Zeenari gëtt, mä dass se alleguer Vir- an Nodeeler hunn.

Den éischten Zeenari vun deene fënnf Zeenarien «S'inscrire dans la continuité» géif am Fong alles esou loosse, wéi et haut ass. Dësen Zeenari huet zwar de Virdeel, dass een dofir

iwwerhaupt keng gréisser Reforme vun den Traitée oder soss engem Beräich muss ugoen, allerdéngs huet eis dësen Zeenari zum Deel dohinner gefouert, dass d'EU iwwerhaupt an déi Polykris komm ass.

Den Zeenari zwee géif vorschloen: «Rien d'autre que le marché unique.» An dësem Zeenari géif ausser der Wirtschaftsunioun eigentlech guer keen europäesche Projet méi weidergedriwwen ginn. An do si mer ons awer och all eens, dass mer domat d'Problemer net léise géifen, mä éischter neier schafen.

Den drëtten Zeenari gesäit vir, dass „ceux qui veulent plus, font plus“. Dëst ass e realistesch Zeenari, vu dass d'Méiglechkeet vun enger Coopération renforcée jo schonn am Lissabonner Vertrag virgesinn ass an een och dofir keen Traitéchangement bräicht. A mir gesi jo entre-temps och schonn, dass zum Beispill an der Defense un esou enger Coopération renforcée geschafft gëtt. Allerdéngs huet dësen Zeenari den Nodeel, dass en intransparent ass, an dass et de Problem géif verschäerfen, dass net all d'europäesch Bierger déiselwecht europäesch Rechter hunn.

De véierten Zeenari proposéiert: «Faire moins, mais de manière plus efficace.» Dëst ass en interessant Gedankespill, well een nach ëmmer kloer misst definéieren, wéi eng Beräicher dat da wieren, wou d'EU eng wierklech Valeur ajoutée huet. Et kéim drop eraus, d'Subsidiaritéit kloer ze definéieren, wéi mer dat och mam Dokter Ian Cooper diskutéiert haten.

A wéi mer do scho festgestallt hunn, ass dat e schwieerege Exercice. An ech denken och net, dass een do bei deem Exercice elo esou einfach e ganz schnelle Konsens géif fannen.

De fënneften Zeenari schliisslech gesäit vir: «Faire beaucoup plus ensemble.» Dëst ass de federalen Zeenari an deem, an deem d'EU-Memberstate missten e gréisseren Deel vun hirer Souveränitéit ofginn ewéi haut. An dofir géifen d'Prozeduren awer och verstärkt a méi transparent gestalt ginn. Allerdéngs wier dësen Zeenari ouni Ännerung vum Traitée net ze realiséieren.

Vu dass alleguer dës Zeenarien also hir Vir- an Nodeeler hunn, hu mer och missen d'Fro stellen, awéifern se sech kombinéiere loosse. An do ergi sech eng ganz Panoplie u méiglechen Zeenarien. Ech beschränke mech awer elo hei op d'Presentatioun vun de fënnf Zeenarien an onser gemeinsamer Problemanalys. An ech si sécher, dass déi eenzel Spriecher oder Spriecherinnen herno hir Vuen nach am Detail wäerte presentéieren.

Madamm Presidentin, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, loosst mech elo zu den Haaptkonklusiounen kommen, déi mer am Rapport gezunn hunn!

D'Aarbecht vum leschte Joer iwwer Europa erlaabt et ons haut, eng Analys doriwwer ze maachen, wéi et ëm d'EU steet a wéi et an der EU soll weidergoen. Fir de Moment huet d'Europäesch Unioun déi eminent Gefor vun der Sortie vun engem Memberstat aus der Eurozon iwwerstanen, mä se steet dofir awer elo virun der Erausforderung Brexit, also der Sortie vun engem Memberstat aus der Europäescher Unioun.

Dofir ass et enorm wichteg, dass mer déi europäesch Unitéit - a mir haten d'lescht Woch am Kader vum Brexit jo länger doriwwer diskutéiert -, dass mer déi europäesch Unitéit zu dësem wichtige a kritesche Moment vun hirer Geschicht bäibehalen. Bis elo ass dat am Kader wéi gesot vum Brexit gutt gelongen an et wier ze hoffen, dass et ons geléngt, déi Unitéit och nees op de gesamten europäesche Kader ze transposéieren.

Den Zeenari dräi vum Wäissbuch, d'Coopération renforcée, also Käreuropa, dat sinn interessant Konzepter, fir virunzekommen an der europäescher Iddi och nees neien Elan ze verschafen. Mä mir mussen dobäi gutt oppassen, dass mer doduerch net nees op eng Logik zrëckfallen, wou mer a Bléck vu Memberstaten denken, statt als Unioun alleguer zesumme virunzekommen.

D'Wirtschafts- a Währungsunioun muss schrëttweis weidergedriwwen a fäerdeg gebaut ginn, fir dass se stabil ass a gutt fonctionnéiere kann, well nëmmen da ka si d'Stabilitéit bidden, vun där grad och kleng Länner wéi Lëtzebuerg ofhängeg sinn.

Déi parlamentaresch Kontroll ass ze schwach, bis zum Deel inexistent, a muss dréngend gestärkt ginn. Dofir solle mer awer kee Parlament vun der Eurozon schafen, mä d'Kontrollfunktions vum den nationale Parlamenter a vum Europaparlament am europäesche Semester a bei deenen anere finanztechneschen Instrumenter besser definéieren a stäerken.

Dorun uschlëssend soll een dann och nach eemol iwwert d'Règle d'or budgétaire diskutéieren, fir ze kucken, ob een Investisementer



ënner gewëssene Konditiounen soll vun der 3%-Defizit-Rechnung kënnen eraushuelen. Dervun muss och déi sozial Dimensioun am Kader vun der Wirtschafts- a Währungsunion eng vill méi staark Roll spillen.

Mir appelléieren dofir och un d'Europäesch Kommissioun, déi sozial Froen bei all neier Proposition de directive an de Mëttelpunkt ze stellen, fir eng Convergence vers le haut ze erreechen. An der Fiskalpolitik muss mer den „level playing field“ erhalen, deen de Garant fir eng equitabel Konkurrenz ass, ouni eng „race to the bottom“ an der Steuerpolitik ze kréien.

Schliisslech fuerdere mer d'Europäesch Union nach op, d'Sozialpartner éischter an den europäesche Gesetzgebungsprozess anzubannen a sech net just op d'ekonomesch Effikassitéit vum Marché unique ze fokusséieren.

Déi gréisste Gefor fir d'Europäesch Union ass, dass sech d'Enttäuschung vun de Bierger iwwer feelend konkret Resultater, an där mierke si ganz oft virun allem um soziale Plang, do-uerch ausdrécke wäert, dass si sech géint d'EU ausschwätzen. All institutionell Reform, ech hat de Punkt schonn agefouert, riskéiert, d'Bierger weider vun der EU ze distanzéieren.

Den Traité vu Lisbonne bitt genuch Méiglechkeeten, fir d'europäesch Integratioun virunzedeiwen an eng besser Politik ze maachen. Wann dës Méiglechkeeten haut net genotzt ginn, da läit dat virun allem um feelende politesche Willen an un der feelender Solidaritéit tëschent de Memberstaaten. An an deem Kontext wier et souwisou net realistesch, eng institutionell Reform duerchzeféieren, well d'politesch Tendenzen ze wäit ausmeeginn.

Aus deem Grond wëlle mer, wéi gesot, keng institutionell Reformen direkt an och keng Zukunftsszenarien, déi kuerzfristeg e Changement vun den Traitée virgesinn. Stattdes wëlle mer eng Verdéiung vun der Europäescher Union am Kader vun de besteeënden Traitéen, e pluralistescht, e solidarescht Europa mat offene Bannegrenzen, eng Konzentratioun op europäesch Politik an e Renforcement vum konstruktive Rôle vun den nationale Parlamenten.

A fir dës konstruktive Rôle vun den nationale Parlamenten ze stäerken, muss d'Chamber bei sech selwer ufänken. Dofir deposéieren ech heimadler eng Resolutioun am Nimm vun der aussepolitischer Kommissioun, fir d'Aarbechtsweis vun der Chamber op den europäeschen Dossier ze verstärken an ze verbesseren. An ech sinn och frou, dass all Fraktiounen an och déi zwou Sensibilités politiques heibannen dës Resolutioun matdroen a gewëllt sinn, an déi Richtung ze schaffen.

Madamm Presidentin, heimat iwwerreechen ech lech déi Resolutioun, déi ech mer ganz kuerz erlabe virstellen.

Résolution 1

La Chambre des Députés, considérant

- qu'en 2006, la Chambre des Députés avait adopté une nouvelle stratégie en matière de traitement des dossiers européens pour répondre aux défis se posant à l'époque,

- que le Traité sur l'Union européenne a par la suite donné une base juridique au contrôle de subsidiarité des parlements nationaux,

- que depuis la mise en œuvre de cette stratégie, la prise de décision au niveau de l'Union européenne a évolué et nécessite aujourd'hui une coopération plus étroite entre les pouvoirs législatifs et exécutifs,

- que le pouvoir législatif nécessite davantage de moyens pour pouvoir travailler de manière plus efficace dans le domaine des affaires européennes, surtout dans les matières très complexes, par exemple dans les domaines des finances ou du commerce extérieur,

- que les parlements nationaux peuvent contribuer à la démocratisation du projet européen en y associant de manière plus large les espaces publics nationaux,

s'engage à améliorer sa procédure européenne à travers

- une prise en considération encore plus large des questions législatives européennes au niveau des commissions parlementaires par la nomination d'un rapporteur pour chaque dossier, l'introduction de délais de réponse et le suivi des dossiers essentiels à travers une procédure écrite,

- une coopération plus étroite avec le Gouvernement pour discuter en amont la position luxembourgeoise sur l'ensemble des dossiers politiques et législatifs européens en invitant les membres du Gouvernement avant et après les sessions du Conseil dans les commissions,

- l'invitation du Premier Ministre à la commission compétente selon l'ordre du jour du Conseil européen,

- l'invitation, selon sujets, des membres luxembourgeois du Parlement européen dans les commissions spécialisées,

- l'augmentation de sa propre expertise en affaires européennes,

- le renouvellement de la demande exprimée dans la lettre du 22 septembre 2010, et réitérée dans les lettres du 10 octobre 2011 et du 8 octobre 2012, adressée au Premier Ministre afin d'obtenir communication des fiches d'impact sur les propositions législatives européennes préparées par les ministères compétents, mais également la transmission des dossiers qualifiés «limités, restreints» ou des «non-papiers», selon des modalités à convenir,

- une évaluation et une adaptation de l'aide-mémoire avec le Gouvernement en matière de dossiers européens aux nouvelles réalités de la politique européenne,

- le traitement prioritaire des dossiers essentiels pour le Luxembourg,

- l'augmentation du nombre de débats d'actualité en séance publique ayant comme objet un sujet européen,

- l'organisation d'un débat public lors de l'adoption d'un avis motivé ou politique,

- l'organisation plus systématique d'auditions avec la société civile sur des sujets européens pertinents,

- des échanges plus systématiques de l'Administration parlementaire avec les institutions européennes dans les domaines étant dans la compétence des commissions sectorielles,

- une meilleure concertation avec les autres parlements nationaux au sujet des papiers de consultation de la Commission européenne,

- la définition de dossiers européens prioritaires auxquels la Chambre des Députés doit réagir en prenant position.

(s.) Marc Angel, Claude Adam, Marc Baum, Eugène Berger, Alex Bodry, Fernand Kartheiser, Laurent Mosar.

► **Mme Simone Beissel**, Présidente de séance.- Merci.

► **M. Marc Angel** (LSAP), rapporteur.- Mir stellen als Chamber also fest, dass mer säit 2006 eng Prozedur hunn, eng Strategie hunn, fir europäesch Dossieren unzegoen, dass awer säithier vill Entwécklung kumm sinn, dass mer déi mussen iwwerdenken, dass mer nach méi enk mat der Regierung mussen zesummeschaffen an dass mer als Pouvoir législatif och méi Moyene mussen kréien.

An eng wichteg Feststellung ass och, dass d'nationale Parlamenten duerch hir europäesch Aarbecht zur Demokratisatioun vum europäesche Projet bäidroen kënnen, well mir sinn et, déi ganz no bei onse Wielerinnen a Wieler sinn, bei also de Biergerinnen an de Bierger vun Europa.

Dofir wëlle mer eis als Chamber engagéieren, nach méi staark déi europäesch Dossieren an eis legislativ Aarbecht anzubannen, dass, wa mer Dossiere vu Bréissel kréien, Rapporteurinnen nomméieren, mer wierklech déi Dossieren nach méi intensiv, wéi mer dat bis elo maachen, suivéieren.

Mir wëllen och déi Kooperatioun, déi Kollaboratioun mam Ausseminister a mat deenen anere Ministeren, déi schonn, muss ech soen - dat kann ech als President vun der aussen- an europapolitescher Kommissioun bestätegen -, schonn exzellent ass, mä mir sollen déi nach méi verstärken, fir dass mer zesummen en amont diskutéieren kënnen iwwert d'Positiounen vu Lëtzebuerg a verschiddenen Dossieren. An, wéi gesot, déi meescht Ministeren komme jo regelméisseg viru Conseilen an no Conseile bei eis.

Et ass un eis, de Presidente vun de Kommissiounen, de Sekretäre vun de Kommissiounen, de Membere vun de Kommissiounen, och ëmmer e Bléck dorop ze halen, wat um europäesche Plang leeft.

An dofir soe mer jo och: Mir sollen eis selwer, eis propre Expertise, mir sollen eis eegen europäesch Dimensioun och stäerken a jee no Ordre du jour solle mer och de Premierminister hei invitéieren, wann ee Conseil européen ass.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Marc Angel** (LSAP), rapporteur.- Dann hu mer nach eng Evaluatioun...

(Interruption)

Jo.

Dann hu mer eng Evaluatioun an eng Adaptatioun.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Also, Dir wësst jo, dass mer en Aide-mémoire hunn. Dee war ausgeschafft gi virun e puer Joer, deen ass och Deel vun eisem Reglement,

wou mer d'Zesummenaarbecht vu Chamber a Regierung an Europafoeren definéiert hunn. Dat solle mer nach eng Kéier evaluéieren an, gegebenenfalls, adaptéieren. A mir sollen och regelméisseg hei Débats d'actualité maachen iwwer europäesch Froen. Ech mengen, dat war de Fall. A mir sollen do weiderfueren.

Ech erënneren drun: Virun zwou Wochen hate mer en Debat iwwert de Welthandel, wou jo Europa eng wichteg Roll spillt, d'lescht Woch iwwer Brexit, haut dat hei. Ech mengen, mir sollen an déi Richtung weiderfueren.

Mir sollen och systematesch Auditiounen mat der Société civile organiséieren an eis mat hinne iwwert déi grouss europäesch Dossieren echangeieren an och eis besser mat deenen aneren nationale Parlamenten nach ofschwätzen. Dat zur Resolutioun.

Léiwen Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Rapport, deen ech elo a senger grousser Linne presentéiert hunn, ass d'Resultat vun, wéi gesot, enger intensiver parlamentarescher Aarbecht, déi iwwer ee Joer gedauert huet. Et ass e Rapport, deen déi aktuell Diskussioun probéiert anzefänken, deen d'Meenunge vun der Lëtzebuerger Zivilgesellschaft gelauschtert huet an och Experten empfaangen huet, fir dorauer d'Konklusioun vun der Lëtzebuerger Chamber ze zéien.

Dese Rapport gouf am Geescht vun engem Lëtzebuerger Konsens geschriwwen. An dofir hunn ech mech och gefreet, dass en zum Schluss mat esou enger breeder Majoritéit an der Kommissioun gestëmmt ginn ass. Dat, wat ech lech elo presentéiert hunn, ass soi-disant alles, wat Konsens ass.

Vun de Kolleegen aus de Fraktiounen a Sensibilitäten freeën ech mech elo, am Debat ze héieren, op wéi enge Punkten hir politesch Meinung doriwwer erausgeet.

Ech soen lech domat Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Wiseler fir d'CSV.

Débat

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Villmools Merci, Här President. Ech hat virun enger Rei Joren d'Zäit an d'Méiglechkeet an d'Chance, dem Helmut Kohl ze begéinen, eng Diskussioun och iwwer Europa mat him ze féieren. Et ass eng Begéining, déi ech net esou schnell vergiesse wäert. An eppes, wat mech markéiert huet bei engem Mann, deen a senger Zäit gelieft huet, deen och seng Zäit an d'Geschicht vu senger Zäit gepräagt huet, dee se matgeschriwwen huet, dat ware seng Iwwerzeegungen, déi en hat an déi en ausgedréckt huet, wann e mat engem geschwat huet.

Wat mech am meeschte gepräagt huet, dat ass, datt et e Mann war, deen ni iwwer Europa gemekert huet, deen ni Europa schlechtgeschwat huet, deen ni Europa d'Schold zougeschoben huet, sou wéi anerer dat alt heiansdo maachen, deen ëmmer Europa als eng Erfollegsgeschicht dohigestallt huet, beschriwwen huet, säit de 60er Joren un eng Erfollegsgeschicht.

Europa huet eis Fridde säit 60 Joer bruecht, wat awer an där mouvementéierter, zerrassener europäescher Geschicht vu Jorhonnerten aussergewöhnlech ass. Europa huet d'Grenzen opgehewen. Ech ka mech nach drun erënneren, net méi meng Generatioun, mä déi, déi 5, 10, 15 Joer méi al si wéi ech, déi stolz Fotoe gemaach hunn, wéi se op de Grenze stoungen an déi héich Barrieren an d'Luucht gehuewen hunn oder se duerchgeset hunn.

Europa huet d'Gemeinsamkeeten, déi mer zesummen hunn, ënnerstrach. Eng gemeinsam Musek, andeem et eleng de Beethoven als den europäesche Komponist dohigestallt huet. Europa huet eis eng zolidd an eng staark Wärgung ginn, déi eis awer gehollef huet, iwwert d'Krisen ze kommen.

Ech wëll net wëssen, wat geschitt wär, wa mer nach e Lëtzebuerger Frang, deen un de belsche Frang gebonne war, gehat hätten an esou enger Kris! Europa huet eis d'Méiglechkeet ginn, Studenten duerch ganz Europa fieren ze loosse. „Mäin Erasmus-Joer“, schwätze se haut esou einfach, an et ass fir si eng Natierlechkeet an et ass immens flott, datt dat funktionnéiert an an d'Studenteliewen einfach als eng Normalitéit erakomm ass.

Europa huet eis méi Sécherheet bruecht, obwuel mer an deene leschte Joren, an deene leschte Méint haaptsächlech vill Schwierigkeiten trotzdeem hunn. Mä hätte mer dat net, géife mer haut nach ganz anescht dosto!

An Europa huet eis schlussendlech och e Krisenmanagement bruecht, deen eis gehollef huet, iwwer schwéier Momenter zesummen ewech-

zekommen. An ech muss soen: Lëtzebuerg wär net dat, wat et haut ass, wou mer kënnen stolz drop sinn, wa mer net déi ganz europäesch Geschicht hanner eis gehat hätten, déi eis gedréckt huet an déi eis gehollef huet, do ze stoen, wou mer haut stinn.

De Problem ass, datt ee sech schnell un den Erfolleg gewinnt an datt Erfollegsgeschichte ganz schnell zu eppes Normalem, zu eppes Selbstverständlech ginn, fir wat ee sech net méi brauch anzesetzen, well et jo normal a selbstverständlech ass a well et do ass. Et kämpft een net méi fir Europa, well et eppes Alldeeglech ginn ass. Et ass normal ginn, et ass keen Zil méi. Et ass deelweis souguer eng Excuse gi fir Responsabilitäten, déi een net selwer wëllt huelen, ewechzedrécke vun engem selwer. Europa huet och e gudde Bockel, well Europa wiert sech normalerweis net.

Et ass eng Geschicht, déi ech hei wëll erzielen, déi mech immens markéiert huet. Virun e puer Méint hate mer eng grouss Diskussioun an Zeetungen iwwer Europa, wat elo géif ufänken, de Kanner hir Tuschfaarwen ze verbidden. „Kann Europa sech dann net bekëmmern ëm déi wichteg Saachen an net ëm déi kleng Saachen, wou se eis dann och nach d'Freed vun de Kanner ewechhuelen?!“

Ech hu mer geduecht: Wat ass dann elo do hannendrun? A wann een da kucke geet, wat geschitt ass, da gesäit een, datt Europa eng Direktiv geholl huet, wou et festsetzt, wivill Bläi effektiv a Faarwe kann dra sinn a vu wat fir engem Punkt un et ufänkt, geféierlech ze ginn, wann ee Bläi dran huet, well d'Kanner déi Faarwe jo an de Mond huelen.

An da stelle mer fest, datt evidenterweis Europa net d'Tuschfaarwe verbitt an datt all déi oder déi meescht, déi an Europa produzéiert sinn, ënner all deenen Norme leien, mä datt mer domat eng ganz Rei Importer vu bausse verbueden hunn, déi wäit iwwert deene gesondheetschiedlechen Normen do louchen.

Hätt Europa et net gemaach, wat hätte mer da gejaut, well mer Gesondheetsregelen net agehalen hätten a well mer net eng Basispräventioun an der Gesondheet gemaach hätten!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mä wéi dat bis erkläert war, huet kee Mënsch méi driwwer geschwat. Du war et jo net interessant méi.

(Interruption)

A mer hu sécher, wa mer sichen, vill esou Beispiller, wou et esou einfach ass, de Ball emol hinzerwerfen, schlechtzemaache Saachen, déi gutt sinn.

Ech hätt gär, datt mer an der Politik géifen déi Saachen ëmdréien a soen: Wat bréngt Europa eis? Europa net d'Schold ginn, mä Europa als d'Leisung vun enger Rei vun eise Problemer duerstellen.

Am Fong war de Brexit eng äänlech Geschicht. E konservative Politiker huet fir seng eege Problemer a senger eegener Partei probéiert, en Auswee ze fannen, an huet emol e Referendum versprach, well dat em gehollef huet, iwwer seng intern an duerno och iwwert déi nächst Wahlen ze kommen, andeem e gehofft huet, d'Leit géifen awer mat Nee stëmmen. Et ass awer schif ausgegangen. An et ass net anormal, datt et schif ausgegangen ass, well wann een 20 Joer Europa d'Schold gëtt, da kann et emol eng Kéier esou wäit kommen, datt d'Leit engem dat gleewen. An da stëmme se dat, wat se do gestëmmt hunn.

Europa ass net de Problem! Europa ass ganz oft d'Leisung! Ouni Europa si mer alleguer, esou wéi mer eenzel sinn, Lëtzebuerg souwisou, mä och Däitschland als grouss Land, net méi ganz vill. Et gëtt jo Länner, déi wëssen, datt se kleng sinn, an et gëtt Länner, déi et nach net wëssen, datt se kleng sinn an Europa, mä déi et iergendwou an hirer Geschicht och gewuer wäerte ginn.

2015 hu mer 22% vum PIB mondial, an zéng, fofzéng Joer nach 15%. Eis Demografie läit haut bei 6% vun der Weltpopulatioun an 2060 bei 4%. Wann ee kuckt, wéi Afrika mat 13% haut op 26% an deenen nächste Jore wäert an d'Luucht wuessen, da gesäit een, wéi déi Verschibunge sech maachen. An da gesäit een, datt Europa eng Noutwendegkeet fir eis alleguer - fir eis alleguer! - ass.

Europa huet sécherlech Problemer, mä ech géif hei einfach soen: Kommt, mer halen op, dauernd d'Problemer ze beschreiwen an ze diskutéieren; kommt, mer beschreiwen an diskutéieren d'Leisunge vun de Problemer! Domat si mer wesentlech méi utile, wéi wa mer just dauernd ronderëm de Problem dréien. A



vläicht, soen ech, mat deene Schwieregkeeten, déi elo do sinn, ass et genau déi richteg Zäit, fir waakreg ze ginn a fir et emol ganz anescht eng Kéier unzepaken.

De Jean-Claude Juncker huet an enger Ried, déi e virun e puer Deeg iwwert d'Verdeedegungspolitik gehalen huet, vun enger „sleeping beauty“ geschwat, wéi en Europa beschriwwen huet. Eng „sleeping beauty“, déi da misst erwächt ginn. Elo ass den Donald Trump an der Fro vun der Verdeedegungspolitik vläicht net den „prince charming“, vun deem mer gäre gekéist wären. Awer trotzdem...

► **Une voix.** - An Äppel.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Awer trotzdem, muss ech soen, ass hei eng Zäit, wou déi „sleeping beauty“ ka waakreg ginn a wou aus hir eppes ka ginn a wou se ka weiderkommen.

Och de Brexit war en äänleche Warnschoss fir Europa, wou mer kënnen eppes draus léieren a wou mer mussen weiderkommen. De Jean-Claude Juncker huet duerfir e Wäissbuch erausbruecht. De Marc Angel, deem ech Merci soe fir dee gudden Rapport, deen e mëndlech a schrëftlech gemaach huet, huet och doriwwer geschwat. Dat ass och net e fäerdeg Rezept, wat do um Dësch läit, mä et ass u sech e Pabeier, wou eng Rei Solutionen an eng Rei Pisten opgezeechent sinn. An déi ginn opgezeechent, fir datt mir, d'Parlament an d'Regierung aus deene 27 Länner, sollen eng Kéier driwwer schwätzen, eis emol Gedanke maachen, wat mer da schlussendlech gär hätten, positiv gär hätten, anstatt ëmmer doriwwer ze meckeren.

Déi stellen d'Fro un d'Regierungschef: Jo, wat wëllt Der dann elo? Bekennt emol Faarf, wann ech gelift! An da kënnen mer weider iwwert d'Zukunft diskutéieren. An an deem Sënn fannen ech et am Fong en extrem pädagogesch Instrument, wat mer do virleien hunn. An ech sinn och dankbar, datt mer hei kënnen haut am Parlament e puer Antwerten an deem do Kontext ginn.

Wat sinn déi fënnf Zeenarien? De Marc Angel huet se schonn opgezielt.

Den éischten, dat ass deen, wat ech dann op Lëtzebuerger - Dir hutt et op Franséisch gesot - den „Weider esou“ géif nennen. No der Abberzuel vun „wake-up calls“, déi mer kruten, déi mer och vun deenen Elektoralen a Frankräich, Eisträich an Holland an där leschter Zäit kruten, mengen ech ganz kloer, ass deenen Zeenari net tragbar an net méi drobar an och net méi fonctionnel.

Den zweeten Zeenari konzentréiert sech just op de Bannemaart an domadder just op dat Ekonomesch an dat Finanziell. Dat war d'ailleurs an der Vergaangenheet de Problem vun Europa an ass a mengen Aen och net zukunftsweisend, well eis Union méi ass wéi just eng Fräihandelszon. A fir d'CSV ass deenen Zeenari sécherlech och keng Optioun. Et wär d'ailleurs den Zeenari gewiescht, dee Groussbritannien sech gewünscht hätt, wa se derbäilivwe wären a wa se mat Europa weidergemaach hätten.

Deen drëtten Zeenari ass scho méi interessant. D'Kommissioun nennt en: „Wie méi wëllt, mécht méi.“ Muncher schwätzen och vun engem Käreuropa oder vun engem Europa a géométrie variable. D'Kommissioun hält sech e weening heiraner zrëck. Et ass dat sécherlech net d'Idealléisung a long terme, awer kuerzfristeg a programmatesch kann an eisen Aen esou Europa mat deene sougenannte Coopération-renforcée nei lancéiert ginn an erëm déi Resultater liwweren, déi d'Bierger vun Europa erwaarden, och wann d'Kommissioun des net expressis verbis ernimmt.

Allerdéngs muss dës Kader ëmmer en oppene Kär sinn, eng Zort Pionéierkär, deen de Wee opmécht. D'CSV ass jiddefalls der fester Iwwerzeugung, datt en intelligent an oppent Käreuropa och Gesamteuropa ka weiderbréngen. Esou wéi mer et haut op der Télee kucken, eng Echappée en fin de compte am Tour de France och gutt ass, wann duerno awer sämtlech Coureuren iergendwann eng Kéier iwwert d'Ligne d'arrivée kommen, et muss awer een den Éischte sinn. Mä d'Haaptsaach ass, se kommen alleguer iwwert d'Ligne d'arrivée. Genau ass et an Europa. A besonnesch an de Beräicher Aussepolitik, Verdeedegung, Wirtschaft a Finanzen, Sécherheet oder och nach Energie.

Mir verstinn d'ailleurs d'Suergen och vun deene Staten aus Osteuropa, déi keng Zwouklassegesellschaft wëllen. Mä bei enger oppener Kärndynamik vu Coopération renforcée gesi

mer des Gefor awer ënner Kontroll. De Kär ass jiddefalls de Géigendeel vum Stëllstand a mam Stëllstand vum Enn vun Europa.

Dat treëft och fir den Zeenari véier vun der Kommissioun zou: „Manner, awer méi effizient.“ Dësen Zeenari kann d'ailleurs an eisen Aen absolutt kompatibel si mat dem Zeenari dräi. Et kann ee sech virstellen, datt Europa op verschiddene Pläng vun Iwwerreguléierung méi lues trëppelt, duerfir awer do richteg Gas gëtt, wou et drop ukënnt, wou et bei de Leit an och an der Welt kann e Méiwäert schafen. A firwat net do dann als Kär funktionéieren, wann nach kee Konsens bei en alleguer do ass? „Grouss bei grouss Saachen a kleng bei klenger Saachen“ hat emol een an der Kommissioun eng Kéier gesot.

Da gëtt et nach e fënneften Zeenari vu vill méi zesumme maachen. Muncher denken hei och un dat federaalt Europa. Mir als CSV hale laangfristeg an engem federalen Europa als Zil fest, awer - an ech soen dat och ganz kloer - net kuerzfristeg, net mëttelfristeg an och net als Selbstzweck oder als e Projet, wou een d'Leit zu hirem Gléck muss zwängen. Dësen Determinismus ass e weidere Feeler aus der europapolitischen Vergaangenheet, dee mer an Zukunft mussen evitéieren.

Fir et kloer ze soen: Et ass haut net d'Zäit, fir d'Leit zu hirem Gléck ze zwängen. Haut ass d'Zäit, fir mat enger moderner Form vu Leadership an Argumenter, fir mat Programmatik a Resultater ze iwwerzeegen. Dat ass och eng Kritik, déi een un der europäescher Konstruktioun vun deene leschte Jore sécherlech ka maachen. Den Zuch ass zwar gefuer, vläicht net ëmmer genau an déi richteg Richtung, mä heiansdo stoungen d'Leit nach um Quai a sinn net matgefuert.

Et bleiwen also an eisen Aen d'Zeenarien dräi a véier, mä net just als abstrakt Bréisseler Gedankespieler, mä als eng nei Method, déi wierklech och Resultater produzéiert fir d'Leit.

An dëser Geschirkëscht vum Zeenari dräi ass dat wichtegst Instrument wuel d'Coopération renforcée aus dem Lissabonner Vertrag. Si gëtt vu munchen als Këscht vun der Pandora ugesinn. Fir anerer ass se eng verbuerge Schatzkëscht am Traité. D'Wourecht läit wahrscheenlech an der Mëtt. Richteg genotzt, am Kader vun engem oppene Kär, ka se wierklech Europa substanzuell weiderbréngen mat engem konkreten Output och fir d'Leit.

Woubäi ech och kloer wëll soen, datt ech der Meenung sinn, datt een haut ganz gutt muss oppassen, datt een net als Haaptzilsetzung vun eisen nächste Jore politischer Aktioun eng Emännierung vum Traité dohistellt. Och wa mer se laangfristeg, an dat gesi mir ganz gutt, eng Kéier brauchen. Mä mir mengen, haut domadder unzefänken, sech dorobber ze konzentréieren an ze probéieren, 27 Länner ze iwwerzeegen, Traitéssänerungen ze maachen, wär e ganz geféierleche Wee, deen eis ganz vill Energie géif huelen a mat engem ganz groussen Risiko schlussendlech verbonne wär.

Duerfir wär eis Suggestioun: Kommt, mir fänken emol mat deenen Traitéen un, mat deene Moyenen, déi mer hunn - déi hu mer net all ausgenotzt an de Verträge -, an da kucke mer emol, e Stéck weiderzekommen! Dat fannen ech wesentlech an der haiteger Situatioun, an där mer sinn.

Dat bréngt mech dann zum wichtigsten Deel vun den Iwwerleeungen zur Zukunft vun den europäesche Politicken, zum Inhalt also, op deen et ukënnt, well d'Leit interesséiert net onbedéngt just de Betribsystem, d'Leit interesséieren d'Applikatiounen, déi se duerno all Dag kënnen praktesch benotzen.

Mir wëllen d'Zeenariosdebatt duerfir duerch eng inhaltlech Zukunftsvision vun de Resultater ausweiten. D'Wäissbuch vun der Kommissioun ass do just en Input. Derbäi kommen d'Reflexiounspabeieren iwwert d'Wirtschafts- a Währungsunion, iwwert d'Defense, iwwert d'Globaliséierung an iwwert dat sozialt Europa. Derbäi kënnt och d'Deklaratioun vu Roum, bei Geleeënheet vum 60. Anniversaire vun de Réimescher Verträge. All dës Pabeiere muss een zesummen an all dës Pabeieren, mengen ech, muss ee vernetzt liesen.

Ufänke wëll ech mat der Zukunft vun der Wirtschafts- a Währungsunion, mat der Eurozon also. An domat och mat der Zukunft vum Euro, well dat jo och spezifesch en Thema vun haut de Mëtten ass.

D'Kommissioun huet och hei e Reflexiounspabeier virgeluecht, deen eng Rei vun de Recommendationen vum Rapport vun de fënnf Presidenten vun 2015 iwwerhëlt. Gläich virop wëll ech soen, datt mer hei net genuch aarbechtsmaartrelevant Wirtschaft, net genuch Wuessumsapproche, net genuch Politik, net genuch Union an net genuch Bierger dran hunn. Dat géllt virun allem fir de Stabilitéits- a Wuessumspakt, wou d'Stabilitéit ze dacks eleng ge-

kuckt ginn ass. Wa mer also verdéiwe wëllen, mussen mer virun allem eis Wirtschaftsunion verdéiwen.

Trotzdeem, den Euro ass haut déi zweetstärkste Währung vun der Welt. D'Defiziter si praktesch iwwerall erof an Europa. Den Euro ass e Succès an e Schutzschëld. Un dësem Succès hat och eise fréiere Statsminister Pierre Werner e groussen Undeel. Den Esprit vum Werner-Plang bleift richteg fir d'Zukunft vun der Eurozon: eng Währungsunion, déi och eng Wirtschafts-, jo, eng Sozialunion ass an déi fir allgemeng Croissance a Wuelstand suert an domadder och vun enger renger Stabilitéitsunion zu enger Jobunion gëtt.

Et ass evident, datt mer zu Maastricht an och duerno d'Konvergenz vun eise Wirtschaftspolitik vernetzt hunn an eisen Aen. Mir hunn ze vill op sougenannte Spillover-Effekter gesat a gehofft, eng gemeinsam Wirtschaftspolitik géif quasi vum selwe kommen. Haut mussen mer duerfir dës Wirtschafts- a Währungsunion vervollstännegen an esou den Euro stärken.

Natierlech läit wéi esou dacks den Däiwel am Detail a fir den Detail ass duerfir och de Laurent Mosar zoustänneg, deen herno nach därer a wäert op déi Problematiken do agoen.

(Interruptions)

Dat ass och säi Spezialgebitt.

(Brouhaha)

Richteg ass awer...

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Mir hunn e puer Gudder.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Den Här Mosar, den Däiwel vun der CSV!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Richteg ass awer, datt mer eis Wirtschafts- a Währungsunion nach méi schockresistent géint Krise mussen maachen. Oder, wéi de Jacques Delors seet: „Nodeems de Pompjee passéiert ass, brauche mer elo den Architekt.“ Well fréier oder spéider kënnt den erëm eng Wirtschaftskris. An déi weinegst Regierungen an Europa gi scho vun engem schéine Croissanciewieder bis 2060 aus. Déi weinegst denken esou. Mä wann een net just d'Dageswieder, mä och dat wirtschaftlecht Klima iwwert d'Jorzéngte kuckt, da gesäit een, datt dat net realistesch ass. Richteg bleift awer: Et ka kee bessere Kriseschutz wéi den Euro ginn, souguer am onperfekten Zoustand.

Mä och hei brauche mer Bewegung an der Debat. An och hei huet d'Wahl vum Emmanuel Macron eppes an der Denkweis bewierkt. Ech si sécher net mat all Paräiser Iddi elo d'accord, awer d'Iddi vun engem Finanzminister vun der Eurozon ass interessant, fir driwwer nozedenken. Mir sinn awer iwwerzeegt, datt mer emol fir d'Éischt e professionelle President vun der Eurozon géife brauchen an datt dat sënnavoll wär.

Weider Iddien, iwwert déi et sech lount, nozedenken, sinn den europäesche Fonds monétaire an och de Budget vun der Eurozon. Well e Finanzminister ouni Budget ass wéi e Kapitän ouni Schëff. Mä gradesou kloer muss sinn: E Parlament vun der Eurozon ass keng gutt Iddi. D'Parlament vun der Eurozon muss d'Europaparlament sinn. A mir hu scho méi wéi genuch Institutionen haut an Europa. Och hei géllt: méi Pragmatismus a manner Dogmatik. Esou sinn iwwerengs och d'Eurobonds ze gesinn, déi am Kommissiounspabeier just indirekt ugeduecht sinn. Mä à terme bleift dat eng richteg an eng gutt Saach an eisen Aen, déi mat enger Scholdenunion näischt ze dinn huet.

Kloer ass: Mir müssen als Eurozon weider méi schockresistent ginn. Well d'Eurozon ass jo schonn e Käreuropa avant la lettre. An am Kader vun engem eventuellen Zeenari dräi kéint ech mer duerhaus och an Zukunft d'Eurozon als Käreuropa virstellen. Vläch als e feste Wirtschaftskär, ronderëm deen duerhaus och nach aner Käre kënnen zirkuléieren. Mä och d'Eurozon muss e flexibelen an oppene Kär sinn.

Dëst gesot, géif ech gär bei d'Zukunft vum Europa vun de Resultater zrëckkommen. An ech wëll mech do virun allem op déi véier Punkte vun der Deklaratioun vu Roum konzentréieren: éischters, e sécher an e geschützten Europa; zweetens, e wuelhabend an en nohaltegt Europa; drëtters, e sozialt Europa a véiertens, e staarkt Europa an der Welt. Dobäi mussen mer zwar makropolitisch a makroekonomesch denken, mä um Enn kënnt d'Resultat awer um Mikrolevel beim Mënsch a bei jiddwer Eenzelnen un.

Mä ier een op Roum geet, fir seng Suen an d'Fontana di Trevi ze geheien, ass et gutt an der Regel, datt een och emol an den eegene Portomni eng Kéier kuckt. Duerfir just e puer grundsätzlech Iwwerleeungen zur Zukunft vun den EU-Finanzen.

Och hei wäert den Här Mosar sécherlech duerno nach an den Detail eragoen.

(Interruption)

D'Zukunft vun den EU-Finzen gesäit an eisen Aen net roseg aus. Zum engen Deel duerch d'Ewechfale vun der Finanzcapacitéit vu Groussbritannien. Mindestens zéng Milliarden Euro pro Joer wäerten hei feelen. Dobäi kascht Europa manner, wéi mer dacks mengen. De Kommissär Oettinger schwätzt vu manner wéi enger Taass Kaffi den Dag. Pro Awunner natierlech.

Doriwwer eraus kommen an Zukunft esou oder esou vill nei Aufgaben op eis Union duer. An och wa mer an Zukunft méi maache bei groussen a manner bei klenger Saachen, da kascht et ënnert dem Stréch awer méi wéi an der Vergaangenheet. Anescht gesot: Europa brauch méi Suen. Dat ass an eisen Aen evident. Vun 2014 bis 2020 sollten 1.000 Milliarden (veuillez lire: eng Billioun) Euro investéiert ginn. A jo, et muss och gespuert ginn. An do soen ech och ganz kloer: „Awer net um Bockel vun de Leit an net vun de Baueren.“

Dat ass eng Suerg, an ech wëll dat ënnersträichen, well mer an deene leschte Wochen nach eng Rei Manifestatiounen och am Norde vum Land haten, an dat ass eng ganz grouss Suerg, déi sech do zum Ausdrock bréngt an op déi mer mussen ganz gutt oppassen, wou mer dru sinn, well ech mengen net, datt mer einfach kënnen soen: „Mä dann huele mer bei dem Agrarfong Suen ewech.“ Esou kann et sécherlech net goen. An äänlech Suergen huet och d'EU-Personal. Mä och hei kënnen mer net méi mat manner maachen. Déi Form vu politischer Mathematik geet an der Regel schif.

Trotzdeem muss een awer d'Gewichtung vum Budget kënnen kucken. A wann do de Prozentsaz vun eiser Defense wäert eropgoen, an dat ass onvermeidlech mat engem Verdeedegungsfong, da wäerten zwangsleefeg aner Prozentsätz müssen erofgoen. Och zu Bréssel gëllen déi allgemeng Gesetze vun der Mathematik. An dat heescht och, datt d'Staten alleguer un hir Responsabilitéit müssen erënnert ginn a virun allem an Zukunft och op Rabatter an Extrawurschte verzichten.

Mëtt 2018 proposéiert d'Kommissioun dann déi nei Finanzrumm fir 2021 bis 2028. An ech hoffen, datt mer och an eiser nationaler Wahlcampagne nach kënnen op eng fair Aart a Weis doriwwer debattéieren. Well wa mer Europa wierklech wëlle weiderbréngen, da brauche mer och méi positivt Europa an eiser nationaler politischer Debat. An och an de Gemengen iwwerengs. Esou oder esou, wann et noutwendeg ass a wann et e Méiwäert bréngt, muss och Lëtzebuerg bereet sinn, méi wéi bis elo an d'EU anzebezuelen. Och dowéinst ass et wichtig, sech e gewëssenen nationale Spillraum ze erhalen.

Här President, den éischte Punkt vun der Agenda vu Roum ass also e sécher an e geschützten Europa. Dat bedeit net, datt Europa sollt zu enger Festung mat Stacheldrot ginn. Awer et bedeit sécher a kontrolléiert Aussegrenzen a vollständeg oppe Grenzen no bannen, well déi véier Fräiheete vum Bannemaart si fir eis net verhandelbar. Besonnesch net déi fräi Zirkulatioun vun de Leit. Mä richteg ass och, an dat weisen all Émfroen, d'Sécherheet gehéiert zu den Topprioritéite vun de Leit; alldéngs eng ganzheetlech Sécherheet, vum Sozialen iwwert dat Banneg bis zum Internationalen.

E weidere wichtige Punkt fir d'Zukunft ass deemno d'Ofsécherung vum Schengen-Raum mat enger nach méi enker Kooperatioun vun eise Policen an och vun eise Geheimdéngschter, virun allem, wat de Kampf géint den Terrorismus ugeet. Dat ass leider eng vun de groussen Menacé vun eiser Zäit. Hei müssen déi einschlägig Datebanken an Europa nach besser matenee vernetzt ginn. An iwwerhaapt muss d'Zusammenaarbecht vun de Forces de l'ordre nach méi grouss ginn!

Net zulescht och a Saache Cybersécherheet. Well grad de Rekrutement an d'Radikaliséierung vu potenziellen Terroristen passéiert dacks iwwert den Internet. Den Internet dierf also net zu engem rechtsfräie Raum ginn.

Och wann et ni eng Garantie wäert ginn, esou muss eist Zil awer eng Zukunft ouni Terror an Europa sinn. Mä dëst Zil muss ganzheetlech a vernetzt ugepaakt ginn a geet wäit iwwert d'Sécherheet eraus.

Virun allem bei der Terrorbekämpfung dierfen d'Memberstate sech net hannert enger falsch verstanener Souveränitéit verstoppen, well hei geet et ëm dat Liewegt! Grad beim Kampf géint den transnationalen Terrorismus brauche mer Eenheet! D'Villfalt, déi mer esou vill an Europa gär hätten, d'Villfalt kann op anere Gebidder spillen, awer net bei der Kooperatioun vun eise Sécherheitsdéngschter. Do müssen all Sécherheitsneurone matenee vernetzt ginn, fir



séier nei Menacen ze antizipéieren an drop ze reagéieren!

Den zweete Punkt vu Roun ass e wuelhabend an en nohalteg Europa. Am Fong misst dësen zweete Punkt den éischte Punkt sinn. An esou oder esou ass et eis éischt Prioritéit, wann Europa wëllt eng Zukunft hunn. Well hei geet et ëm eng Zukunft vun der Aarbecht an domat och ëm d'Zukunft vum Alldag vun de Leit. Duerfir mussen mer an Zukunft oppassen, datt d'Kreatioun vun Aarbechtsplazen ëmmer op éischter Plaz op der Agenda steet, an dat mat eisier ganzer politescher Energie. Soss kréie mer de Chômage net an de Griff!

Et geet hei ëm eng nei Declinaison vun der ökologesch-sozialer Maartwirtschaft, esou wéi Europa dat och a senger Strategie Europa 2020 a Successioun vun der Lissabon-Strategie zanter 2010 probéiert. Mä déi affichéiert Strategie ass eng an déi real Praxis dacks eng aner Saach. Esou oder esou mussen mer eendeiteg déi ökologesch an déi sozial Dimensioun vun der EU-Wirtschaft stäerken, well an deene leschte Joren hu mer vill just op de Maart vertraut.

Duerfir brauche mer weider massiv Investisse-
menter. De Juncker-Plang, dee jo 2016 verdue-
belt ginn ass am Volume an och bis 2020 ver-
längert ginn ass, weist hei ganz sécher an déi
richteg Richtung mat senger ambitionéierter
Hieweldynamik, mat där mindestens 500 Mil-
liarden Euro solle mobiliséiert ginn. Mä mir
brauchen och hei den nationalen Input. Dat
Neit bei dësem Plang, esou de BEI-Chef Werner
Hoyer, dat ass jo de Risiko. Och eis Member-
state müssen an Zukunft méi Risiko géint de
Chômage woen.

Aus de Member- müssen Aktionsstate ginn a
mer müssen dës Investitiounen och nach méi
effizient a gerecht an Europa verdeelen. Gläich-
zäiteg muss den Zukunftsschakter vun de Pro-
jekten nach méi kloer erausgeschafft ginn. Wann
den Hiewel och bei de Memberstate wierkt,
kënne mer souguer op e wesentlech méi héijen
Investitionsvolume kommen.

E weider Element vun eise Wirtschaftsmodell
ass d'Ökologie an d'Nohaltegkeet. Hei geet et
net just ëm Wäerter, also de Klimaschutz, hei
geet et och ëm handfest Interëten, also ëm no-
haltegen oder inklusive Wuesstum. Eng nei Zu-
kunft fir Europa bedeit dobäi och en neien Zu-
kunftswuesstum. Och hei mussen mer ëmden-
ken, well grad d'„circular economy“ ass net
just fir Lëtzebuerg, mä och fir ganz Europa e ri-
segen Zukunftsmarché, virun allem mat engem
grousse Potenzial fir eisen Aarbechtsmaart.

Politesch muss Europa och a Saache Klima-
schutz de globale Leadership iwwerhuelen an
och verteidigen. Wie soll et da soss maachen,
nodeems d'USA jo aus dem Paräiser Offkommis-
sion wëllen erausklammen an dat um G20 zu Ham-
burg nach emol confirméiert hunn? Mir kënnen
eis hei op keen anere wéi op eis selwer ver-
loossen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Weider mussen
mer och eise Bannemaart, ëmmerhin dee
gréissten op der Welt fir 500 Milliounen Leit a
mat engem BIP vu 14,7 Billiounen Euro d'Joer,
weider vervollstännegen. Virun allem den digi-
talen, deen eleng e Potenzial vu 415 Milliarden
Euro d'Joer huet, awer och dee vun der Ener-
gie. A mir brauchen och eng nei Industriepoli-
tik fir eis Zukunft. Keng Industrie vun der Ver-
gaangenheet, mä eng Industrie vun der Zu-
kunft, déi nohalteg muss sinn. Gläichzäiteg
dierfe mer d'Recherche an d'Innovatioun net
vernoléisegen. Europa muss erëm zur éischter
Adress fir Fuerscher a Studente ginn. An eis eu-
ropäesch Wirtschaft brauch och e faire Fräihan-
del.

Et kann een ëmmer kritiséieren an et kann een
iwwerregens och demonstrieren, esou vill ee
wëllt, allerdéngs muss een dat friddlech ma-
chen an net mat der brutaler Gewalt géint Poli-
zisten, wéi et elo zu Hamburg um G20 geschitt
ass. Mä Europa beweegt sech an enger globali-
séierter Welt, ob mer dat wëllen oder net. Een
Drëttel vum europäesche BIP kënnt aus dem
Handel mam Rescht vun der Welt. A wann ee
just net wëllt, datt hei d'Loi de la jungle vir-
herrscht, da brauch ee fair Fräihandelsafkom-
missen.

A fir eis ass e Modellaccord de CETA mat Ka-
nada. An dësem Accord schwéngt de Geescht
vun der ökologesch-sozialer Maartwirtschaft an
och vum europäesche Sozialmodell mat. CETA
ass an éischter Linn en Accord fir d'Leit, net fir
d'Grousskapital. An am selwechte Geescht hof-
fen ech och op eng Neiopnam vu Fräihandels-
verhandlung mat Amerika. Allerdéngs manner
am Geescht vum TTIP, wéi mer et bis elo haten,
well esou gëtt dat näischt, mä am Geescht vun
engem CETAbis. An ausdrécklech begrëssen
ech och déi grondsätzlech Eenegung op e Fräi-
handelsaccord mat Japan.

Mir wëllen d'Hyperglobaliséierung innerhal-
b vun engem multilaterale Fräihandelssystem

mat kloer Regeln an der Rumm vun der sozia-
ler Maartwirtschaft matgestalten. Mir wëlle se
gerecht gestalten, andeems mer dat globaalt
Regelwierk ëmschreiwen, wéi de Frans Timmer-
mans dat a sengem Globaliséierungsmeesch-
terpabeier nennt. Just esou kënnt dee ganze
System de Leit zegutt an net just der Wirt-
schaft.

Den drëtten Punkt läit eis natierlech och beson-
nesch um Häerz, an dat ass dat soziaalt Europa.
En Europa also, wou keen op der Streck bleift.
Eng Fuerderung, déi haut souguer vu groussen
Deeler vun der Wirtschaft ënnerstëtzt gëtt, well
och d'Wirtschaft sozial Stabilitéit, fir kompetitiv
ze bleiwen, ganz einfach brauch. Och hei baue
mer also d'Zukunft net mat Feindbiller, mä mat
Zesummenaarbecht a mat enger Reconcilia-
tioun vu Wäerter a Wuesstum, vum Mënsch a
vum Maart.

E soziaalt Europa ass zënter Jorzéngten eng
Prioritéit vu praktesch alle Lëtzebuerger Par-
teien a Politiker. An ech si frou, datt d'Juncker-
Kommissioun grad am soziale Beräich Neel mat
Käpp mécht. Eng formidabel Aarbecht fir d'Leit
mécht hei och déi belsch Sozialkommissärin,
d'Marianne Thyssen, déi sech och géint Wid-
derstänn an dësem Domän kann duerchsetzen.

Méi wéi e Schrëtt an déi richteg Richtung ass
hei de proposéierte soziale Mindestsockel. Dat
ass jo och eng al Iddi vum Jean-Claude Juncker
gewiescht, déi en oft an dësem Parlament och
verteidegt huet a wou mer eis net brauchen ze
wonnen, wa mer se elo an Europa erëmfan-
nen. An ech mengen, datt hei och e Momen-
tum, eng Sensibilitéit spierbar ass, déi et géllt
ze benotzen, fir an deem Domän weiderze-
kommen.

Dat bréngt mech zum véierten a leschte Punkt
vun der Agenda vu Roun: e méi staarkt Europa
an der Welt. Europa muss erëm déi dreiwend
Kraaft an der Welt ginn. An éischter Linn als
sougennanten „soft power“, also mat Attrak-
tionskraaft vu sengem Fridden, vu senger Fräi-
heet a senger Gerechtegkeet. Awer och als
„hard power“ mat à terme enger eegener Ar-
méi, déi dës Modell och ka verteidigen. Aller-
déngs net esou, wéi Europa dat jorhonnerte-
laang gemaach huet, mat engem postkoloniale
Geescht, mä villméi mat engem Geescht vun
Zesummenaarbecht, a wéi de Soziolog Richard
Sennett richteg seet: „Et ass grad dës Zesum-
menaarbecht, déi eis Welt vu muer wäert ze-
summenhalen.“

Dat heescht allerdéngs, datt Europa méi effi-
zient muss ginn, och wat eis Waffensystemer
ugeet. Et ass net normal, datt mer an Europa
178 verschide Waffensystemer hunn, géint-
iwwer just 30 bei de Vereenegte Staten. Waffe
si keng Kultur, mä en noutwendeg Iwwel.
Duerfir brauche mer Waffen, ouni awer eng
Kultur vun der Waff ze schafen.

Duerfir begrësse mer dee vun der Kommissi-
on proposéierten europäesche Verdeede-
gungsfong. Keen huet Waffe gär, mä wann een
eng gutt Arméi wëllt, da geet dat net just mam
Schreiwe vu Wäissbicher. Grad d'Défense ass
och e Paradebeispill fir e Käreuropa. An dësem
Zesummenhang ass d'Decisioun vum Juni-
Sommet, fir eng stänneg strukturéiert Zesum-
menaarbecht no Artikel 42 vum Lissabonner
Vertrag ze lancéieren, méi wéi ze begrëssen.

Här President, nach ass et esou, datt den Asaz
vu Militärgewalt ëmmer d'ultima Ratio muss
bleiwen. An domadder wier ech och bei der
Zukunft vun der europäescher Aussepolitik
ukomm. Schued, datt mer och hei, wéi bei der
Wirtschaft, kee Reflexiounspabeier hunn, well
nach méi wichteg wéi eng europäesch Arméi
ass d'Stärkung vun enger gemeinsamer eu-
ropäescher Stëmm an der Welt. Well als global,
grouss Demokratie muss Europa och d'Stëmm
vun deenen an der Welt sinn, déi keng Stëmm
hunn. Och dat muss e Kärelement vun eiser
gemeinschaftlicher Aussepolitik sinn.

Mä och hei bleift nach villes ze maachen. Trotz-
deem dierf een éischt Succès an der rezenten
Vergaangenheet, wéi zum Beispill den Iran-
Deal, allerdéngs nach a Kooperatioun, dat
muss een effektiv soen, mat dem fréieren ame-
rikanesche President Barack Obama, mä et
dierf een trotzdem dee Fortschrëtt, wou Eu-
ropa och säin Undeel drun huet, net verken-
nen. Allerdéngs sinn nach ëmmer ze vill ver-
meintlech grouss Memberstaten net bereet, fir
op de Wee vun enger gemeinschaftlecher Aus-
sepolitik ze goen. Dobäi wäert Europa an Zu-
kunft nëmmen nach gehéiert ginn, wann et
och wierklech just nach mat enger Stëmm
schwätzt.

An déi richteg gemeinsam Richtung weist och
hei déi sougenannten „global strategy“, déi déi
Héich Representantin Federica Mogherini 2016
virgeluecht huet. Schued d'ailleurs, datt mer se
net Ausseministerin dierfen nennen. Mä mir
mussen aussepolitesch einfach nach méi offen-
siv ginn. Net mat engem falsche Selbstbe-
wusstsin wéi an de Kolonialzäiten, awer eben
och net mat enger falscher Bescheidenheet, déi

déi weltpolitesch Terrainen deenen iwwerléisst,
déi just kuerzfristeg hir eegen Interëten am
Sënn hunn.

Eis Strategie ass awer nach ze exklusiv atlan-
tesch. Europa muss och méi asiatesch a méi
pazifesch denken. Wat net heescht, déi norma-
tiv westlech Wäertegemeinschaft opzeginn.
Ganz am Géigendeel! Dës Wäertegemeinschaft
muss dat geeschtegt Fundament vun eiser Aus-
sepolitik bleiwen. Virun allem awer mussen mer
eis mat eise direkten Ëmfeld beschäftegen:
mam Mëttelmierraum, mam Oste vun Europa
an och mat Russland, dat mir eendeiteg vernol-
éisegen, mam Noen a mam Mëttleren Osten
an och mat Schwaarzafrika. Ech mengen, datt
ee just esou Europa ka stabiliséieren.

Här President, esou kënne mer och d'Migra-
tionskris un der Wuerzel, vor Ort um Terrain
ugoen. Mä si mer éierlech: D'Flüchtlingsstréim
aus Syrien an aus Schwaarzafrika wäerten eis
nach laang beschäftegen. Europa muss och fir
d'Flüchtlingen eng Gemeinschaft vun der Hoff-
nung sinn.

Mä gradesou richteg ass dat, wat de Michel
Rocard gesot huet a wat esou oft scho benotzt
ginn ass: „Mir kënnen net dee ganze Misär vun
der ganzer Welt bei eis ophuelen.“ Mä mir
mussen awer eise fairen Deel dovunner selbst-
verständlech huelen. Si müssen hei bei eis en
neit Doheem op Zäit kënne fannen. Mä leider
kënne mer net all Wirtschaftsflüchtling bei eis
ophuelen, och dat muss kloer sinn.

Gläichzäiteg brauch Europa awer och, a vill méi
nach wéi an der Vergaangenheet, legal Awan-
derung. Hei mussen mer, wann ech eis Demo-
grafie an eis Ökonomie kucken, wuelverstehen
am eegenen Interessi, awer och am Interessi
vun den Neteuropäer, déi wëlle bei eis kom-
men, legal Weeër vun Immigratioun schafen.

Nach e lescht Wuert zur europäescher Demo-
kratie. D'Europäesch Unioun ass eng Demokra-
tie, mä grad wéi bei der Wirtschafts- a
Währungsunioun ass se nach perfektibel. Grouss
Kritiker wéi de Jürgen Habermas schwätze vun
engem Demokratiedefizit. Dat war fréier esou
an dat ass haut zumindest deelweis iwwerwon-
nen. Trotzdeem brauch Europa nach méi
Matbestëmmung vun de Bierger an domadder
och méi Europaparlament an nach méi Afloss
vun den Nationalparlamenten.

Virun allem déi europäesch Parteien, déi nach
wäit ewech vun tatsächleche Parteie sinn, sinn
hei gefuerdert. De Spëtzekandidatprozess vun
2014 war e wichtige Schrëtt an déi richteg
Richtung. Mä mir dierfen dobäi net stoe
bleiwen. An deem Kontext begrëssen ech
d'Initiativen, fir eiser Chamber nach méi eng
grouss europapolitesch Roll ze ginn. A mer ën-
nerstëtzt selbstverständlech déi gemeinsam
Motioun, déi mer ausgeschafft hunn.

Ech mengen als Konklusioun, datt mer haut an
engem besonnesche Moment fir Europa sinn.
Europa huet eng Zort Burnout, oder wann ech
et anescht ausdrécken: eng Zort kontinental
Depressioun. Mä wéi ëmmer esou an deene
Momenter, kënnen dat och Momenter sinn,
déi en Neistart bedeuten, déi kënnen Energie
ausléisen. De Goethe huet a sengem „Faust“
gesot: „Sobald du dir vertraust, sobald weißt
du zu leben.“ Dat ass och en zentrale Problem
vun Europa: Mir vertrauen eis selwer heiansdo
net, a wa mer eis selwer net vertrauen, da
mësstraue mer och ganz oft eisen Noperen.

Esou eng Kris wéi déi hei kann Energie develop-
péieren, mécht heiansdo ganz erfinderesch, fir
nei Léisungen ze fannen, an huet heiansdo de
Moment a sech, fir och Tabuen ëmzewerfen a
fir nei Weeër unzedenken an ze goen, déi ee
sech bis dohinner net getraut hat, ze goen.

An ech wëll just eng Konklusioun soen: Mir
hunn d'Instrumenter an Europa! D'Fro ass, ob
mer de Courage hunn an d'Energie hunn, dës
Instrumenter zum Schluss ze benotzen, fir we-
derzekommen. Ech wëll op jidde Fall alles ma-
chen, datt mer mat där Iddi, déi enorm Zu-
kunft huet, an deenen nächste Jore weiderkom-
men, well et kann net anescht sinn.

Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci
och. An nächste Riedner ass den Här Alex Bo-
dry fir d'LSAP.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir
Dammen an Dir Hären, de Marc Angel, de
Rapporteur, President vun der aussepolitescher
an Europakommissioun vun eise Parlament,
huet op eng ganz extensiv a präzis Aart a Weis
de Bilan gemaach vun deenen Aarbechten, déi
mer an der Chamber ronderëm d'Debatt ron-
derëm d'Zukunft vun der europäescher Unioun
an der Eurozon gemaach hunn. Hien huet dat
noutwendegerweis gemaach duerch de Brëll
vum Rapporteur, e bësse méi iwwerparteilech.
Ech erlabe mer dann, am Numm vun eiser Frak-
tioun e puer zousätzlech Bemierkungen a Re-
flexiounen zu deem doten Thema ze maachen.

Wa mer haut iwwert d'Zukunft vun der Euro-
päescher Unioun an iwwert d'Zukunftsaus-
richtung vun der Eurozon schwätzen, dann
debattéiere mer net manner an net méi wéi
iwwert d'Zukunft vun eise Land, well Europa
a Lëtzebuerg, déi si matenee verbonnen. Wa
mer haut iwwert d'Europapolitik schwätzen, da
schwätze mer virun allem doriwwer, ob mer
capabel sinn, och an Zukunft déi grouss poli-
tesch a gesellschaftlech Erausforderunge vun
haut a vu muer ze meeschteren.

A keen nëmmen halbweegs vernünftege
Mënsch kann eeschtlech dorunner zweifelen,
dass nëmmen an enger international definéier-
ter, koordinierter Demarche an deem struktu-
réierte Kader vun enger Europäescher Unioun
et méiglech wäert sinn, eng Äntwert ze ginn
op déi Froen, déi eis an déi och vill Matbirger
beschäftegen: d'Fro vun dem wirtschaftleche
Wuesstum an dem soziale Fortschrëtt, d'Be-
schafung vun Aarbechtsplazen. D'Fro vun der
Sécherheet, besonnesch elo am Zesummen-
hang mat dem Phänomeen vum Terrorismus.
D'Fro vum Klimaschutz, vum Kampf géint
d'Ëmweltverschmutzung. D'Fro vun de Flücht-
lingen. D'Fro vun der Digitaliséierung vun eiser
Gesellschaft a vun eiser Wirtschaft.

Alles dat si Froen, déi een net kann eleng an op
engem nationale Kader ugoen. Et si Froen, déi
een nëmmen kann enger Léisung zouféieren,
wann een international koordinéiert, op engem
europäesche Plang sech zesummesetzt, ge-
meinsam Strategien entwéckelt a sech och
d'Instrumenter gëtt, fir déi dann national koor-
dinéiert ëmzesetzen.

E Réckzuch hanner national Grenzen ass Gëft.
Et ass eng geféierlech Illusioun, ze mengen,
dass een duerch esou eng Politik kéint viru-
kommen. Alleguerten, déi Europa wëlle
schwächen, schwächen am Endeffekt hir eege
Länner.

Besonnesch déi, wou mir och derzougehéieren,
déi weder demografesch, geografesch nach
politesch dat Gewicht hunn, fir kënnen an
engem kompetitiven, internationalen Ëmfeld
laang matzehalen. Grad haut, wou ee gesäit,
wat fir eng aggressiv, besonnesch Wirtschafts-
politik och d'USA ënnert dem Donald Trump
mécht. Kuckt ee China, kuckt ee Russland, déi
aner grouss international Akteuren, dann,
mengen ech, liicht et jiddwerengem an, dass et
wichtig ass, dass Europa, aus nationalen Inter-
essen erausguckt, international Gewicht
behält, jo, ausbaut.

Mat Slogane wéi: „America first“, „Deutschland
zuerst“, «d'abord la France», „Lëtzebuerg fir
d'Éischt“, komme mer net virun. Dat wäert eis
nëmmen nohanngeheien a wäert eis onwei-
gerlech an eng däischter politesch Sakgaass
eräféieren. Nëmme zesumme kënne mer déi
nohalteg Bedéngunge schafe fir méi Aarbechts-
plazen, fir eng besser Ausbildung, fir d'Rege-
lung vun de Mäert, fir e staarken Ëmwelt- a Ge-
sundheetsschutz. Dat ass jo dat, wat mer alle-
guerte wëllen. An do mussen mer iwwert
d'Grenzen eraus systematesch déi dote Pro-
blemer zesummen ugoen.

Dat setzt natierlech virus, dass weiderhin ën-
nert deene 27, oder wivill dass et der och wäer-
ten am Endeffekt sinn, e staarke Sockel vu ge-
deelte Wäerter, op deem mer eis Politik
opbauen, besteet: d'Bekanntnis zu enger sozia-
ler an ökonomescher Maartwirtschaft, d'Zil vun
enger Vollbeschäftegung, sozialen Zesummen-
halt, dat heescht also méi eng gerecht Opdee-
lung vun de Friichte vum wirtschaftleche
Wuesstum, an och d'Verbreederung, d'Vertei-
degung vun den öffentliche an den indivi-
duelle Fräiheeten, Grondrechter a rechtsstaat-
leche Prinzipien.

Duerfir ass fir eis Sozialisten d'Optioun vun
engem reng Bannemaart fir d'Europäesch
Unioun keng Optioun. Och d'Optioun vun
enger reng buchhalterescher Budgetspuerpoli-
tik, jo, e Budgetspuerfetischismus, wéi een e
konnt iwwert déi lescht Joren usazweis zmin-
dest bemierken, ass fir eis als LSAP keng Op-
tioun fir d'Weiterentwécklung vun der Euro-
päescher Unioun.

Mä awer ech soen och, weiderfuere wéi bis elo,
déi verzweifelt Sich, an alle Punkten de
klengste gemeinsamen Nenner nach ze fan-
nen, heiansdo bal eng onméiglech Sich a ganz
kruzialen Dossier, déi brennend no Léisunge
jäizen, dat dierf et och net sinn. Och dat ass
keng valabel Optioun. Mir müssen also déi
dote Vertrauenskris iwwerwannen. An dat geet
u mat enger selbstkritescher Analys, esou wéi
Europa besonnesch déi lescht Jore fonction-
néiert huet, a wat sech niddergeschloen huet
an engem dramatesche Réckgang vun der
Zoustëmmung a breedten Deeler vun der Bevöl-
kerung.



kerung, wat Europa, den europäesche Gedanken an d'Europapolitik ugeet.

Mir müssen also d'Vertrauen erëmgewannen, wat verluer ginn ass bei ville Leit, bei ganz ville Bierger. A vläicht, an do deelen ech d'Aschätzung vum Claude Wiseler, ass dese Moment grad dee richtegen, fir deen dote Sprong kënnen ze probéieren: duerch déi aggressiv, negativ Haltung vun enger Weltmuecht wéi den USA par rapport zur Europäescher Unioun, d'Negatioun, Elenggäng ze maachen, net méi international wëlle koordinéiert a ganz wesentlechen Dossiere virunzekommen. Vläicht ass grad dat de richtege Moment, och wann een dat net däréi iwwerbewäerten.

Dat kucke mer heiansdo ze vill duerch eise Lëtzebuurger Brëll, wann an engem Nopeschstat e Wiessel komm ass mat enger Campagne, mat enger Presidentschaftswahl, déi e Mann designéiert huet, dee sech ganz kloer, ouni ze zécken, zu 100% hannert déi europäesch Iddi gestallt huet. Ob dat a Polen an anere Länner, déi méi wäit ewech sinn, wierklech en Impakt op d'effentlech Meenung huet, dat bezweifelen ech allerdéngs, mä et bleift awer, besonnesch wann Däitschland a Frankräich méi staark zesummeschaffen an an deemselwechte Strang zéien, dass dat och ka ganz Europa veränneren a ganz Europa no vir bréngen.

Mir mierken awer och, wa mer alleguerte wëllen am Gläichschritt virukommen an allen Domänen, dass mer dat wahrscheinlech net méi wäerte packen. Also muss ee schonn, méi staark nach wéi bis elo, obwuel mer dat jo usazweis scho realiséiert hunn, op dat Instrument zréckgräifen, wat an de Verdrag vun der Coopération renforcée virgesinn ass, fir et also a kloer delimitéierte Politikberäicher, an eenzelne Felder, méiglech ze maachen, fir an engem offene Prozess, deen och weider erëm zouléisst, dass aner Leit derzoustoussen, an eenzelne Punkten déi Kooperatioun méi wäit ze dreiwien.

Europa «à géométrie variable», huet et gehescht, Europa vun den „konzentresche Kreesser“, vun de puer Vitessen. Egal wéi et ass, dat däréi allerdéngs net zu engem rengen Europe à la carte ginn, wou jiddwereen dann esou, wéi et him an de Kapp kënnt, däréi ukräizen, wou en da wat mécht. De gemeinsame Sockel muss nach wie vor iwwerweie par rapport zu deenen eenzelnen Deelberäicher, wou ee kann Differenzen an der Intensitéit vun den Zesummenaarbechten akzeptéieren.

Mä och dat, wëll ech soen, ass net ouni Risiken! Och wann dat elo de Konsensus hei ze si schéngt, bei breeden Deeler an der Chamber, fir ze soen: „Dat doten ass eppes, wat ee ka maachen.“

De Risiko ass selbstverständlech deen, dass do-duerjer den Zesummenhalt insgesamt vun der Grupp net méi grouss gëtt, mä éischter nach ofhëlt, dass sech Deeler dann net méi responsabliséiert fillen och an anere Beräicher, wou se net mat decidéiert hunn. An d'Decisiounsprozesser ginn och méi komplizéiert, well jo da gläichzäiteg och vun deser Chamber, a wéi am Rapport gesot gëtt...

Mä un den Institutionen, do ännere mer eigentlech awer näischt. Europaparlament bleift Europaparlament. D'Europaparlament bleift dann och zoustänneg herno fir d'Eurozon. Da bleift jo och d'Europaparlament zoustänneg fir d'Coopération renforcée an deene Beräicher.

An am Ministerrot kréie mer eng äänlech Situatioun eran. Do hues de nach ëmmer dann de Ministerrot, a gläichzäiteg hues de awer an eenzelne Beräicher dann u sech nëmmen eenzel Länner. An dat ka souguer an eenzelne Beräicher eng Minoritéit vu Memberstate sinn, déi dann zesummeschaffen, an d'Institutionen bleiwen awer déi al. Et ass net evident, wéi dat doten am Endeffekt ka funktionnéieren, wann ee sech dat doten ausmoolt a wann ee sech dann awer och ka virstellen, dass do kënnen Tentativ sinn, fir déi ganz Prozesser do ze bremsen.

Et ass och net ouni Risiko fir Lëtzebuerg. Firwat? Well Lëtzebuerg als Grënnerstat vun der Europäescher Unioun, mengen ech, zu Recht ëmmer wëllt, wann net bei der Lokomotiv sinn, duerfir si mer vläicht e bëssen ze kleng, mä zumindest awer am éischte Waggon vun deem Zuch sinn, deen am schnellste fiert, deen am wäitste geet.

(Interruption)

Ech hoffen, ech hunn näischt Falsches hei gesot.

(Brouhaha)

Mir müssen eis also do och bewosst sinn, dass mer an enger Dynamik, déi géif an deen dote System eragoen, eventuell och als Lëtzebuurger gedrängt ginn, an eenzelne Beräicher méi wäit ze goen, matzemaachen an enger méi staarker Harmoniséierung, vläicht souguer Uniformiséierung vun de Politicken, wou mer dat eigentlech net wëlle maachen a wou mer dann aus politeschen Ursaachen, well mer wëlle bei deenen Éischte mat derbäi sinn, do matgerappt ginn.

Ech denken do nëmmen un esou e Beispill wéi eng Tobin Tax. Dat kéint jo esou en Domän sinn, wou gesot gëtt: „Majo, elo maache mer dat dote mat!“ Dat kann och bei „BEPS plus“ zum Beispill de Fall sinn. Et muss ee sech also ëmmer do bewosst sinn, dass dat heiten eng Entwécklung ass, déi, theoretesch gekuckt, engem ka gefalen, déi een awer och selwer kann zu relativ schwierige politeschen Decisiounen bewegen, wann een an déi dote Richtung geet.

An et muss een och fäerten, dass sech no an no kéint déi Iddi vun engem europäeschen Directorate vun e puer grouse Länner entwéckelen, déi géife Lokomotiv spillen an déi géifen determinéieren, wou et higeet, wat an deenen dote Beräicher natierlech nach vill méi staark ass, wéi wann een dat an deem breede Kader mécht vun deene 27 Länner. Also, all déi gutt Iddie sinn deemno och net esou ouni méiglech Risiken, déi een also muss bedenken, wann ee konkret doriwwer diskutéiert.

Als LSAP ënnerstëtze mer all besteeënd an nach zousätzlech Efforten, fir eng gewëssen Hyperaktivitéit bei der Ausschaffung vun europäeschen Normen ze bremsen. Norme maachen a ganz ville Felder Sënn. Dat soen ech och als fréieren Ëmweltminister, well ech gemierkt hunn, dass et sécherlech heiansdo méi einfach ass, op europäeschem Plang Normen duerchzesetzen, wéi eege Lëtzebuurger Normen hei festgesat ze kréien.

Duerfir géif ech och soen, dass d'Erfahrung weist, dass awer déi normativ Aarbecht, déi op europäeschem Plang gemaach ginn ass am Ëmweltberäich, am Gesondheitsberäich, dass déi eigentlech och der nationaler Politik Impulser ginn huet a se weiderbruecht huet. An duerfir mengen ech, dass een also do weider muss oppassen, wéi wäit een dat doten dreift.

Mä et ass scho sécher, dass do onnéideg Reglementatiounen an der Vergaangenheet gemaach si ginn, déi och der Kreditibilitéit vun Europa, vum europäesche Gedanken nohalte geschuet hunn. Mir bekennen eis weiderhin zum Subsidiaritätsprinzip, och an der Europapolitik, an och zum Proportionalitätsprinzip an Europa, deen ee sollt ëmmer erëm uwenden, wann et drëm geet, fir esou transnational Initiativen ze bewäerten. Manner reglementéieren ass heiansdo méi. An d'Kommissioun Juncker huet jo do éischt Akzenter gesat.

Als Sozialiste si mer och derfir, an dat ass fir eis, mengen ech, dee wesentlechste Punkt, dass déi sozial Dimensioun vun Europa gestärkt gëtt. Déi ass zwar an den Traitée verankert, mä awer net an deem Mooss, wéi et eigentlech misst sinn. Mir mengen awer, dass do also en Effort muss gemaach ginn an dass awer och schonn elo d'Méiglecheet besteet, fir do grouss Schrëtt no vir ze maachen. Mir plädéiere mat groussm Nodrock derfir, dass een europäesch Mindeststandarden am soziale Beräich aféiert, net fir dee gesamte Standard am Sozialen erofzedrécken, mä fir eigentlech déi mat eropzedrécken, déi ganz ënne sinn.

Mir si fir en differenzéierte soziale Mindestloun, net deeselwechte selbstverständlech an all EU-Land, mä gemooss an ausgerechent opgrond vun der Wirtschaftskraaft vun deenen eenzelne Länner. An d'Lëtzebuurger Presidentschaft huet jo do versicht, déi sozial Dimensioun vun der EU weiderbréngen, den Triple-A social an der Diskussioun waarmzehalen. An d'Kommissioun huet och éischt Initiative geholl, déi eis zwar net wäit genuch ginn am soziale Beräich, mä déi awer weisen, dass zumindest verstane ginn ass, dass dat absolutt Ausblénke vun deem Sozialen der europäescher Iddi e ganz grouse Schlag zougefouert huet an deene leschte Joren.

An et muss een och, an do kommen ech erëm eng kéier op déi selbstkritesch Aschätzung vun der Politik, erkennen, an dat hunn och eng ganz Rei vu Wirtschaftswissenschaftler vu groussen internationalen Organisatiounen erkannt, dass an der Gestiou vun der Kris zënter 2007-2008 och eng ganz Rëtsch vu Feeler gemaach si ginn, well reng eigentlech déi budgetär Equilibersituatioun als Zilsetzung - et ass bal e Selbstzweck ginn - zréckbehalte ginn ass an net déi sozial grav Schied, déi dat Ganzt verursaacht, genügend an de Strategie berücksichtegt gi sinn. Dat war e Feeler. An esou Feeler müssen an Zukunft ausdrécklech vermidde ginn.

Vertraue fir Europa schafen, derfir suergen, dass an de Käpp vun de Leit Europa mat eppes Posi-

tivem a Verbindung bruecht gëtt, dat ass eist Zil. Dat muss natierlech och all Nationalpolitiker vun deem Reflex ewechbréngen, wann eng onpopulär Moosssnam ze verkafen ass, dann ze soen: „Déi kënnt vu Bréssel.“

Bréssel, dat weess jiddwereen, deen de Fonctionnement vun den europäeschen Institutionen kennt, dat ass awer net jiddwerengem, mengen ech, esou geleeft ausserhalb vun deene Gremien, déi ageweit sinn, dat si politesch Gremien, wou och national Politiker drasetzen, national Politiker mat decidéieren. An de Gros vun den Decisiounen kann ouni den ausdrécklechen Accord vun den nationale Regierungen guer net geholl ginn, respektiv vum Europaparlament.

An dat ass, mengen ech, dee Feeler, deen oft gemaach ginn ass. An duerfir muss ee sech zu senger Responsabilitéte bekennen. An dat huet natierlech och Auswierkungen op déi Aart a Weis, wéi mir eis hei zu Lëtzebuerg organiséieren, fir un déi europäesch Dossieren erunzegoen. Dat ass jo ee Punkt, deen, besonnesch an der Resoloutioun hei vun der Chamber, déi ausgeschafft ginn ass, zentraalt Thema ass: Wéi stelle mir eis op, fir an deenen europäesche Froe kënnen matzehalen als nationaalt Parlament, fir ënner anerem och eng effentlech Diskussioun ze féieren, déi jo oft eréischt kënnt, wann d'Decisiounen praktesch scho geholl ginn?

Dass do Antagonismë bestinn tëschent dem Parlament an enger Regierung, schéngt mer ganz normal ze sinn. Duerfir mengen ech, dass awer dëst Parlament sech och däréi, an där heiter Fro wéi an anere Froen, senger Verantwortung a senger Autonomie bewosst ginn an all deenen dote Froen a sech soll méi staark abréngen a méi fréi abréngen an eng ganz Partie vun europäeschen Dossieren.

Dat heescht awer och, dass mer eisen eegene Fonctionnement, esou wéi mir schaffen als Parlament an als Parlamentarier, och selbstkritesch kucken an eis esou organiséieren, dass mer dat, besonnesch och vun der Zäit hier, vun der Intensitéit, déi vun der Aarbecht, déi dat dote mat sech bréngt, ausget, och kënnen berücksichtigen, well soss riskéiert eis Resoloutioun Lettre morte ze bleiwen, well mer selwer u sech näischt änneren un där Aart a Weis, wéi mir deen dote Volet verfollegen.

Dat gëllt net esou séier am éischte Punkt emol an där direkt zoustänneger Kommissioun fir Aussepolitik an Europa, dat gëllt awer besonnesch fir sämtlech sektoriell Kommissiounen, wou jo ëmmer en europäesche Volet dran ass, deen oft net genuch beuecht, oft net diskutéiert gëtt. Mir sinn ausgeklückt aus der Ausaarbechtung vun Direktiven a ganz, ganz ville Beräicher. Deen eenzege Beräich, wou et wierklech intensiv verfollegt gëtt, well dat e ganz sensibele Beräich ass, dat ass dee vun der Finanzplaz, mä fir de Rescht ass et ganz seelen, dass och vun der Chamber gefrot gëtt, dass déi zoustänneg Ministeren oder Beamte sollen e Rapport maachen iwwert d'Projets de directive, déi amgaange sinn ausgeschafft ze ginn.

Do gëtt also keen, mengen ech, genügende Suivi gemaach. A wa mer eis do wierklech och als Parlament wëlle méi staark abréngen, da muss mer eis selwer also och anescht organiséieren. Et ass also net nëmmen eng Fro vu Bereitschaft vun de Regierungen, mä et ass virun allem emol, fir d'Éischt emol eng Fro vu Bereitschaft vun eis selwer, wéi mer un déi dote Froe wëllen erugeen.

Ech betounen och hei, dass fir d'LSAP e federaalt Europa fir de Moment keng Diskussioun ass, well mer einfach net prett sinn, fir an déi dote Richtung ze goen. Da muss et fir d'Éischt zu engem Rééquilibrage politique an Europa kommen, wat d'Gewichtung och vun deenen eenzelne Politikberäicher ugeet. Da kënnen mer an enger zweeter Phas doriwwer schwätzen.

Ech menge schonn, dass Europa nach wie vor muss deenen eenzelnen Natiounen eng grouss Plaz bidden, dass mer net an engem Stadium och mëttel- a kuerzfristeg kënnen ukommen, wou sech géif eng europäesch Identitéit op déi national Identitéiten eropgrefféieren. Esou wäit si mer net. Dat bedeit also, dass mer e ganz fundamentaalt Ëmdenke maachen. Och muss eng Adhäsion vu ganz breeden Deeler vun der Bevëlkerung an alle Länner do sinn, fir esou e Schrëtt eng kéier kënnen ze maachen. Et verënnert net, dat ass jo eng vun den Optiounen, déi och ugeschwat ginn ass, dass een an eenzelne Politikberäicher nach méi wäit geet, wéi een dat haut mécht.

Wat mech ëmmer e bësse stéiert, dat ass bei esou Momenter, wou ee sech wëllt nei orientéieren, wou een an enger gewëssener Vertrauenskrisesituatioun dran ass, dass ëmmer direkt de Ruff kënnt: „Mir müssen elo institutionell Reforme maachen!“ Wéi esou oft sinn et och hei net d'Institutionen, déi esou schlecht funktionnéieren, dass do de Kär vum Problem géif leien, mä et si fundamental Diver-

genzen um Fong vun de Politicken, déi de Problem dach haut duerstellen an net eigentlech d'Institutionen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Duerfir läit an eisen Aen och net déi éischt Léisung dran, fir elo d'Traitée ze änneren oder souguer am Kader vun de bestoenden Traitéeen all méiglech nei Fonctionen ze änneren. Ganz éierlech: Ob een elo de President vum Eurogroup oder och nach den zoustännege Kommissär fir déi dote Froen an Zukunft Finanzminister nennt oder net, wat fir een Impakt huet dat dann am Konkreten? Null! Et ass Symbolik.

An ech géif warnen, och Begrëffer, déi bis elo ëmmer mat Nationalstaten zesummenhänken, wéi Regierungsbegrëffer, wéi Ausseminister, Finanzminister, elo wëllen esou iwwert de schlaichende Wee op den europäeschen Niveau eropzebréngen! Dat dréit nëmmen zu méi Konfusiounen bäi, wéi dass et géif zu iergendenger politescher Clarificatioun féieren. Duerfir also eng gewësse Vorsiicht mat där Volontéit, fir sech elo Hals iwwer Kapp an eng ganz Rëtsch vun institutionelle Reformen ze stierzen, wou eigentlech nëmmen aktuell Schwächen am Inhalt vun der gemeinsamer Europapolitik bestinn!

Mir bedauern, dass am Rapport vun de fënnf Presidenten dee fundamentalen Equilibrage vun der europäescher Politik, wou mer déi sozial Dimensioun wëlle stäerken, dass deen eigentlech guer kee Widderhall fonnt huet, well mir brauchen eng sozial Wirtschafts- a Währungsunioun. Mir brauche méi Plaz fir Beschäftigungs- a Sozialpoliticken, och am Kader vum Europäesche Semester.

Duerfir och vläicht e puer Wuert zu der Situatioun, wat d'europäesch Währungsunioun ugeet. D'Sozialiste wëllen eng europäesch Währungsunioun, déi en nohaltegen ökonomesche Wuesstum erméiglecht an Aarbechtsplaz schafft. Duerfir brauche mer véier Ziler, déi müssen erreecht ginn:

Éischstens, d'wirtschaftlech an d'sozial Konvergenz vun den EU-Memberstate muss souwuel ënnerenee wéi och innerhalb vun de Länner nees geféiert ginn. Duerfir brauch et Investitiounen an d'Wirtschaft an an de Sozialsystem.

Zweetens, d'demokratesch Kontroll an d'Legitimitéit vun den Decisiounen um politeschen Niveau muss verstärkt ginn duerch méi Pouvoir fir dat Europäesch Parlament, mä awer och fir déi national Parlamenter, respektiv muss mer eis als Nationalparlament déi Pouvoiren do huelen.

Drëttens, mir brauchen innerhalb vun der Eurozon Mechanismen, fir d'Risiken ze deelen an d'Solidaritéit spillen ze loossen, fir d'Stabilitéit vun der Bankenunioun ze stäerken an d'Récklage vun de Bierger ze schützen.

A véiertens, mir müssen nees Vertrauen an de Finanzsektor schafen, derfir suergen, d'Stabilitéit vun der Bankenunioun ze stäerken an d'Récklage vun de Bierger ze schützen.

Mir müssen déi grouss sozial an ökonomesche Inegalitéiten tëschent den EU-Memberstate verréngeren, also méi Kohäsion an der Europäescher Unioun selwer errechen, well do si ganz vill Problemer eigentlech drop opgebaut, op deenen Inegalitéiten, déi innerhalb vun der Europäescher Unioun bestinn.

Duerfir brauchen awer och d'Memberstaten déi néideg fiskal Flexibilitéit, fir kënnen a Wuesstumsinitiativen an hir Sozialsystemer ze investéieren. Mä dat geet net duer. Mir brauchen eng ambitiéis Investitiounsstrategie, déi privat a staatlech Investitiounen zesummebréngt, an dat nach méi staark wéi bis elo, virun allem och an deene Länner, déi wirtschaftlech nach ëmmer net aus der Kris richtig eraus sinn.

Mir hu gesot, och an der Wirtschaftsunioun feelt et un enger sozialer Dimensioun, fir de Sozialdumping ze ënnerbannen. Duerfir muss sozial Indicateuren, déi rechtlech bindend sinn an net nëmmen esou als Niewenindicateuren, als Alibi-Indicateuren, mat erugezu ginn, an dat Europäesch Semester verbindlech mat agebonne ginn. Dozou gehéieren och fair a gerecht Steierpraktiken. Duerfir begrëisse mer och ausdrécklech déi Efforten, déi besonnesch vun deser Regierung gemaach si ginn, fir Lëtzebuerg vun alle groen a schwaarze Lëschten erofzekréien.

Mir wëssen, dass mer momentan och a schwierigen Diskussiounen an der Europäescher Unioun sinn, wou et drëm geet: Soll d'Europäesch Unioun méi wäit an eenzelnen Domänen goen, wat d'Steierproblematik ugeet, wéi dat iwwert den europäesche Kader eraus an der OCDE gemeinsam festgehalte ginn ass? Dat si keng einfach Diskussiounen fir Lëtzebuerg, wou mer erëm ganz schnell, net op den offiziellen schwaarze Lëschten dropstinn, mä awer erëm op déi schwaarze Lëschten an de Käpp vu



ville Leit do bausse kënnen kommen. Et ass also do e Seeldanzakt, deen ze maachen ass fir eis Vertrieeder op dem europäesche Plang.

Mir mussen bei de Reforme vun der Bankenunioun derfir suergen, dass d'Banken hiren Deel vun der Responsabilitéit iwwerhuelen an et an Zukunft net méi de Steierzueler ass, dee muss mat senger Sue bezuelen, wann d'Banken spekulativ Geschäfte maachen an doduerch a Schwierigkeeten kommen. Duerfir brauche mer dann endlech och d'Ëmsetzung vun deem Resolutionensfong a vun der Garantie fir d'Depote bei de Finanzetablissementer.

An eng noutwendeg Verdeiung vun der Wirtschaft- a Währungsunioun kann et nëmme ginn, dat hunn ech scho gesot, wann déi demokratesch Kontroll verstärkt gëtt, fir d'Éischt emol an den Nationalparlament - mir hunn driwwer geschwat -, dann och beim Europäesche Parlament. An der Kommissioun huet sech do jo d'Meenung eigentlech duerchgesat, dass ee keen neit Parlament brauch. Dat ass och ganz richtig.

D'Fro ass just, ob d'Europaparlament awer déi richtig Instanz ass, fir dat doten ze maachen, ob d'Europaparlament a senger Plenitüd déi ass, déi dann déi Kontroll do mécht. An duerfir soll ee sech d'Fro stellen, ob een do net op nach zousätzlech Mëttele géif zrëckgräifen, Instrumenter zrëckgräifen, ouni en neit Parlament ze schafen, wou een dann awer géif eng Ennerandeelung vun deem Europaparlament benotzen, fir déi dote Kontroll dann, wat d'Eurozon ugeet, duerchzeféieren. Dat kéint zum Beispill e spezialiséierte Comité sinn, wou sämtlech Eurozon-Memberstaaten dra vertrat wäeren, deen da géif spezifesch deen dote Suivi vun der Aarbecht, wat d'Eurozon ugeet, kënnen maachen. Ech mengen, do si jo eng ganz Partie Gedanke gefouert ginn, mä et wäert net einfach sinn, do e Konsensus ze fannen.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll net méi wäit goen hei a mengen Ausféierungen. Et ass selbstverständlech, dass mer weider mussen an deem Dossier schaffen. Dat ass e Prozess, deen ni wäert ofgeschloss sinn. Och deen heite Rapport gesinn ech éischter als en Etapperapport, deen hei gemaach gëtt, wéi dass mer elo géife waarden, wat dann op anere Plaze géif decidéiert ginn. Et ass also wichteg, dass mer eis weider als Parlament an dat Ganzt do abréngen.

Ech wëll just eng Suerg nach lassginn, déi mer schonn oft hei geäussert hunn op dëser Tribün, déi awer ufänkt, eng gängeg Praxis ze ginn an der Europäescher Unioun iwwert déi lescht Jore. Mir gleewen nach ëmmer un déi wichteg grondpolitesch Verantwortung, déi politesch gewielten Instanzen hunn. A wat eis Suerg mécht: Et ass awer, dass déi Multiplikatioun vu sougenannten „autonomen“ a virun allem sougenannten „neutralen“ Expertestellen - ob dat Comité sinn, ob dat Observatoire sinn, ob dat Bordé sinn, wéi mer se och ëmmer nennen -, déi, ouni dass se eng Decisiungsgewalt hunn, awer duerch hir Avisen d'Politik an eng gewësse Richtung beaflossen.

Mir sinn der Meenung, dass dat eng geféierlech Entwécklung ass, déi Multiplikatioun vun deene sougenannten Expertegremien, déi kenger demokratescher Kontroll ënnerleien, déi net gewielt si ginn, déi genannt si ginn an déi awer e ganz staarke politeschen Afloss kënnen hunn. Mir sinn der Meenung, dass een d'Unresponsabilitéit vun den nationale Regierungen, vun den europäeschen Institutiounen a vun de gewielte Parlamenten soll respektéieren. Duerfir warne mer eigentlech, dass déi doten Entwécklung esou weidergeet, wéi dat déi lescht Jore an engem verstärkte Mooss geschitt ass.

Dat gesot, ass et fir eis selbstverständlech, dass mer déi Resolution, déi vum Marc Angel hei presentéiert ginn ass, wäerte stëmmen, well mer wëssen, dass Europapolitik scho laang Nationalpolitik ass, an déi sougenannten Nationalpolitik sech och nëmme kann entwéckelen an engem europäesche Kader.

Merci fir Är Attentioun. A Rendez-vous bei enger nächster Debatt ëm dëselwecht Froen. Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*. - Merci dem Här Alex Bodry. Als nächste Riedner hunn ech den Här Eugène Berger ageschriwwen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger** (DP). - Merci, Madamm Presidentin. Ech wëll och direkt ufänken an dem Rapporteur, dem Marc Angel, Merci soe fir dee ganz etofféierte Rapport. Ech mengen, et reflektéiert och déi vill Aarbecht, déi an der aussepolitescher Kommissioun gemaach ginn ass. An ech mengen, et ass och sécherlech ganz sennvoll gewiescht, dass mer déi Diskussioun gefouert hunn, dass mer esou e Rapport gemaach hunn. Sécherlech ass et awer net en Ennpunkt, mä, ech mengen, et ass och elo grad virdru gesot ginn, eng Etapp, eng

Zwischenetapp. A mir wäerte sécherlech och hei an dësem Plenum nach an deenen nächste Méint a Jore méi wéi eng kéier méi spezifesch iwwert déi eng oder aner Problematik schwätzen.

Madamm Presidentin, ee vun de Virspriecher, ech mengen, et war de Claude Wiseler, hat ugefaangen a vun engem Politiker geschwat, deen eigentlech ni iwwert d'EU, iwwer Europa gemeckert huet. Ech mengen, vill Politiker maachen dat net, och hei am Sall. Ech selwer och net. Ech mengen och, ech kann do fir d'Kollege vu menger Fraktioun schwätzen. Dat ass esou bei de Politiker, mä de Rapport, dee mécht awer e Constat. Dee weist, dass et an der Realitéit bei de Bierger dobaussen anescht ass, dass ganz vill Bierger an der Communautéit awer, ech soen emol, e gewëssent Mësstrauen, fir net méi wäit ze goen, vis-à-vis vun der Europäescher Unioun verspielen.

Dat ass an deenen enge Länner vläicht méi wéi an anere Länner, mä dat ass awer trotzdem eng Tatsaach, déi mer mussen och als Politiker zur Kenntnis huelen. An dat Mësstrauen, dat berout och net onbedéngt op där institutioneller Konstruktioun u sech vun der Europäescher Unioun, mä huet och, mengen ech, éischter domadder ze sinn, wat fir ee Bild mer all Dag vun Europa vermëttelen, wat fir ee Bild mer och am Fonctionnéiere vun Europa vermëttelen a wat d'Leit vläicht dann awer aneschters gesinn, wéi mir dat vläicht hei gesinn.

Ech mengen, fir vill Bierger ass d'Europäesch Unioun eppes Komplexes, am beschte Fall ontransparent. Et gëtt oft vun „Dunkelkammer“ geschwat. Virun allem ass Europa fir vill Leit wäit ewech vun de Suergen vun de Leit, déi se am Alldag hunn, och wäit ewech vun den Interessen, déi d'Leit hunn, wou et bei de Leit am Schong dréckt. An natierlech, wann een och eng Rei Dossiere kuckt, déi mer an deene leschte Méint, géif ech soen, och hunn, déi Krisen, déi mer an der Europäescher Unioun duerchginn, droen och net derzou bäi, dass d'Leit méi Vertrauen an d'Europäesch Unioun kréien.

Ech mengen, dat sinn also do Froen. A mir mussen kucken als Politiker, adequat Äntwerten ze fannen, fir och Europa nees op déi richteg Schinnen ze kréien. Mir mussen virun allem, mengen ech, erëm d'Bierger zrëckgewannen, wa mer deen Defi wëlle gewannen.

An déi Äntwerte sinn eigentlech och net onbedéngt politescher oder eben institutioneller Natur, oder se sinn éischter politescher Natur. Ech mengen, wann ee vu Mësstrauen vun den EU-Bierger schwätzt, da gëtt et e puer Äntwerten, fir deem entgéintzewierken. Ech mengen, eng ganz wichteg Saach, vläicht dat Wichtigst, ass do, dass een emol op Transparenz spillt.

Wa mer iwwert déi Froen diskutéieren, wéi d'EU soll an Zukunft gestréckt sinn, dierf een dat wierklech net hanner zouenen Diere maachen. Et muss een d'Leit do mat implizéieren. Et muss een d'Bierger informéieren. Et muss een natierlech och, well mir si jo all Volleksvertreieder, dass heescht, mir vertrieeden all déi Bierger, déi national Politiker, déi national Politik mat abannen.

En zweete Punkt ass natierlech, dass ee sech och muss op déi Froe konzentréieren, déi d'Bierger erreche respektiv déi sech och wierklech ëm d'Suerg vun de Bierger dréien. Ech mengen, dat ass dat, wat besonnesch e ganz wichteg Punkt ass.

An ech mengen, mir mussen awer och de Leit dann erëm weisen, wat jo awer alles Positives vun der EU ausgaangen ass fir all d'Bierger hei an Europa. Ech mengen, eent, dass ass vläicht dat Wichtigst, wat och vill Leit ëmmer erëm vergiessen, dass mer eigentlech elo schonn iwwer 70 Jore Friden op eisem Kontinent hunn. Ouni Europa wier dat jo net méiglech gewiescht. Et ass ganz oft, dass d'Leit dat awer vergiessen. Dat ass awer och haut nach eng vun de wichtegste Missiounen vun där Schicksalsgemeinschaft.

Mä et si vill aner praktesch Saachen, déi d'Leit oft vergiessen am Alldag, déi een hinnen ëmmer erëm muss rappeléieren, wat Europa awer engem Eenzelne bréngt: fräi Zirkulatioun; iwwerall an Europa studéieren kënnen; eng gemeinsam Währung, net mussen, wa mer op Tréier akaf fieren, erëm D-Mark wiesselen, oder op Diddenuewen do dann de franséische Frang; eng Rei sozial Standarden, déi mer awer zesummen erreicht hunn. Sécherlech wënsche sech da Verschiddener, dass ee géif méi wäit goen.

Ech denken un all déi Acquisen, déi een awer huet, zum Beispill am Ëmweltberäich. Ech mengen, wann ee géif kucken, déi verschidde Politicken, géif ech soen, dass vläicht, ech denken do och, well ech alt fréier als Statsekretär méi domadder ze sinn hat an et dann och méi realiséiert hunn, dass et awer eigentlech eng Success Story vun der Europäescher Unioun

ass, dass do ganz vill Ëmweltpolitike vu Bréisel ausgaangen sinn an et herno dann och an deenen eenzelne Memberstaaten ëmgesat ginn ass.

Ech mengen, dat sinn alles besteeënd Avantagen, déi et och am besteeëndem Traité elo scho ginn a wou och elo nach Spillraum ass mat deem besteeëndem Traité. Wat wëll ech soen? Datt mer also net onbedéngt mussen elo nei Diskussiounen ufänken, ob mer de Lissabonner Traité mussen iwwerschaffen, aner Traité mussen iwwerschaffen. Et ass jo och eng aner Gefor derbäi. Wa mer den Traité elo géifen opmaachen, bréngt dat jo eng aner Gefor, an zwar dass dann op eemol alles och a Fro géif gestallt ginn, wat awer an deem Traité steet. Da weess een zwar, wou een ufänkt, mä et weess een net, wou een herno da géif derbäi erauskommen.

Ech mengen, en anere Punkt, dee wichteg ass, fir d'Vertraue vun de Bierger zrëckzegewannen, ass deen, wéi d'Europäesch Unioun als Gemeinschaft a wichtegen Dossieren, a wichtege Froen zesummen ageiert. A wat een och einfach muss feststellen, ech mengen, a méi wéi engem Dossier ass d'Demarche éischter déi, dass reagiert gëtt, am beschte Fall. Ganz oft gëtt dat dann och nach op Krise gemaach, dass heescht, dass een et iwwerhaapt zu Krise komme léisst (veuillez lire: Ganz oft gëtt dann och eréischt op Krise reagiert, dass heescht, dass een et iwwerhaapt zu Krise komme léisst, ier een eppes mécht).

Ech mengen, wat wichteg ass, dass ass, dass d'Europäesch Unioun erëm muss méi virausgesinn, méi anticipéieren. Si muss agéieren, am-plaz ze reagéieren. Well an der Lescht hat een an enger Rei Dossieren, wichtegen Dossieren dann awer méi wéi eng kéier d'Impressioun, dass dat do, ech géif scho bal soen, an eng gewëssen Navigation à vue ausgeart ass. An och dat ass eppes, wat kee Vertraue bei de Bierger do bausse vermëttelt.

Ech wëll hei ee Beispill nennen, ech kéint der vill zitéieren, mä ënner anerem dat, wat dat vläicht am beschten illustréiert, dass ass am Dossier vun der Flüchtlingskrise, wou sech dat bemierkbar gemaach huet, wou dann och an honnert verschidde Richtungen gezu ginn ass. An dat ass eppes, wat net gutt ass. Datt een also do och muss kucken, dass d'Europäesch Unioun an där Richtung als Schicksalsgemeinschaft och erëm méi staark zesummen handelt. An dat ass jo och genau dat, wat se ëmmer staark gemaach huet, wann een zesummen un engem Strang gezunn huet. Wann dat stëmmt, ech mengen, da kann een och zesummen am Interessé vun den eenzelne Bierger schaffen.

Bon, d'Fro, déi natierlech och ëmmer nees opkënn, dass ass déi, ob déi sozial Aspekter, déi sozial Froen an Europa vernoléissegt goufen. Dee Virwurf gëtt och am Rapport vun de fënnf Presidenten méi oder manner, ech soen emol, thematiséiert. Ech mengen och, wann een e Bilan géif zéien, muss ee feststellen, dass awer sécherlech och am soziale Beräich eng ganz Rei Fortschreitter komm sinn. Ech wäert vläicht spéider nach eng kéier, Madamm Presidentin, dorobber zrëckkommen.

A wat jo och eigentlech eppes ass, wat eigentlech e Liichtbläck elo ass, fir dass d'Europäesch Unioun erëm méi zesummesteet, zesummereckelt, dass ass eigentlech dat, wat sech elo grad aus enger Kris ergëtt, oder d'Resultat vun enger Kris. Ech mengen, de Brexit ass eng vun deene grouse Krisen, déi d'Europäesch Unioun kennt. En huet awer bewierkt, dass mer elo, wéinstens de Moment - kommt, mir paken Holz un, dass dat dann och esou bleift! -, geschlossen an deem Dossier do weider agéieren. Ech hat dat och schonn d'lescht Joer (veuillez lire: Woch) gesot, dass dat eigentlech, wann een et esou wëllt huelen, awer e kleng positivem Aspekt ass fir déi aner Memberlänner, dass mer do dann erëm méi zesummestinn, ferm zesummestinn. A wéi gesot, ech hoffen, dass dat dann och bis zum Schluss wäert halen.

Ech mengen, et ass jo och esou, wann een d'Geschicht vun europäesche Kontinent opschléit, da gesäit ee jo och, dass mer ëmmer nëmme Fortschreitter gemaach hunn, wa mer zesummegehalen hunn. An dat gëllt besonnesch, ech mengen, dat gëllt och op anere Plazen, och op anere Kontinenter an der Geschicht, mä besonnesch gëllt dat fir d'Europäesch Gemeinschaft.

Mä ech hat elo vum Brexit geschwat an ech mengen, dass ass jo och esou, dass de Brexit fir eng Tendenz steet, déi mer an enger ganzer Rei vun europäesche Memberlänner awer och beobachte kënnen, dass och op nationalem Niveau - ech hu jo virdru vun de Bierger geschwat - vill Politiker, ech mengen, awer zu Europa stinn, mä dass awer och, dass muss een och soen, manner hei zu Lëtzebuerg, mä awer a villen oder verschiddene Länner d'Legitimitéit vun der Europäescher Unioun a Fro gestallt gëtt, dass also och do de Replé op den nationale Stat ëmmer erëm feststellen ass.

Dat artikuliert sech jo dann och besonnesch iwwer nationalistesch oder extremistesch Parteien, sief dat a Frankräich, Holland, anere Länner, och a verschiddene fréieren Ostblocklänner. An ech mengen, eng Konsequenz vun esou engem Denken, esou engem Striewen erëm méi op den nationale Stat, dass ass jo dann am Endeffekt de Brexit elo. An dobäi gesäit ee jo awer dann am Endeffekt, an dat misst eng Lektioen si fir allegueren déi, déi och mam Gedanke spillen, erëm aus der EU erauszeklappen, dass dat net d'Solutioun ass.

D'Erausklappen aus der EU, dat stellen elo d'Leit a Groussbritannien fest, dass léist keng Problemer, au contraire, et bréngt der op alle Fall. A Groussbritannien hate mer Campagnen, ech géif soen, nenne mer et emol esou, déi op Onwourecht opgebaut waren: Do hunn dann déi, déi fir de Leave waren, déi hu prophézeit, dass alles géif besser ginn ouni d'EU. D'Realitéit ass awer déi, dass elo fir Groussbritannien alles vill méi komplizéiert ass. An et war jo esou, dass ass och oft zitéiert ginn, dass d'Leit méindes dann emol op Google gekuckt hunn, wat dann Europa alles fir Groussbritannien bedeit huet. An du sinn der ganz vill awer op eemol erféiert respektiv hatten en zimlech ferme Kueder, wéi se erwächt sinn.

Ech mengen och besonnesch fir eis als klengt Land, wat ëmmer op seng grouss Nopere gekuckt huet a sech jo awer och ni verstoppt huet - et ass virdru gesot ginn, wat vläicht net d'Lo-komotiv, awer den zweete Waggon ass -, ass et kloer, dass mir d'Europäesch Unioun brauchen. An och ouni d'EU geet et scho guer net an enger globaliséierter Welt, wéi mer der haut eng hunn. D'Fro ass also fir eis, mengen ech, hei zu Lëtzebuerg net, ob mer eng EU, mä d'Fro ass einfach déi, wéi eng EU mer brauchen. D'Fro ass awer och: Wivill Europa a wéi enge Beräicher?

An dat bréngt mech dann zu deene fënnf Zeenarie vum Livre blanc vun der Kommissioun iwwert d'Zukunft vun der EU. Och nëmme ganz kuerz de Rappel hei.

Den éischten Zeenarie, dass ass jo „Carrying on“, also den „Weider wéi bis elo“, wéi ee géif soen. Ech mengen, do stelle mer jo awer fest, dass dat eng Rei Froen opwerft.

Deen zweeten Zeenarie: „Nothing but a single market“, also nëmme den Marché unique. Ech mengen awer kënnen ze soen, dass d'EU méi ass wéi just de Marché unique.

Dann den drëten Zeenarie: „Those who want more do more.“ Also déi Länner, déi wëlle méi maachen, verdeiwen hir Kooperatioun an enger Rei Beräicher. Ech mengen, dass ass dat, wou och virdru schonn déi eng oder aner méi geschwat hunn: Géométrie variable, Kerneuropa, mä sécherlech kéint een do och soen, dass et e Risiko ass vun engem Europa mat e puer Vitessen.

Dann dee véierten Zeenarie: „Doing less more efficiently.“ Manner zesummeschaffen, mä duerfir méi effektiv. Ech mengen, dass ass och eppes, wou een eng Rei awer interessant Aspekter ka maachen, Zesummenaarbecht grad an deenen Domänen, wou d'EU Resultater bréngt. An da misst een natierlech och do den EU-Budget op déi nei Prioritéiten zouschneiden. Do géif awer dann natierlech och den Decision-making méi einfach ze verstoe sinn.

Ben, an dann de fënneften Zeenarie: „Doing much more together“, also nach vill zesummeschaffen, nach méi eng Verdeiung vun der EU. Ech mengen, och do huet een de Moment Schwierigkeeten, fir dat och de Leit do bausse, de Bierger do bausse kënnen ze vermëttelen.

Also ech mengen, um Enn, Dir hutt et vläicht eraushéieren, (veuillez lire: ass et den Zeenarie) dräi an och Elementer vum véier, déi do interessant sinn, déi och realistesch sinn. Ech huelen un, um Enn wäert wuel keng komplett puristesche Variant erauskommen, mä éischter dann eng Mëschung vu verschiddenen Zeenarien. Also éischter dann den dräi a véier.

Madamm Presidentin, ech wäert dann och nach op verschiddenen, méi präzis Punkte vum Rapport agoen. Ech sinn elo net den Detailsprecher vu menger Fraktioun.

► **M. Alex Bodry** (LSAP). - Kënnst deen nach? Kënnst deen nach?

► **M. Eugène Berger** (DP). - Dat net, ech versichen also, dat mat ofzedecken, ech versichen, Allrounder ze sinn. Ben, ech mengen, déi Froen zu der Eurozon, ech wëll do och elo keng grouss weltbewegend Aussoe maachen. Ech wëll wierklech méi, well do si jo awer eng Rei



konkret Pisten oder Froen, déi am Rapport sinn, déi kuerz illustréieren.

Ech mengen éischstens, d'Wirtschaftsunion ass kloer kee Selbstzweck. Mä eng zolidd Wirtschaftsunion, dat muss een awer soen, ass en zolidd Réckgrat vun engem staarken Europa, besonnesch vis-à-vis vun der Welt dobaussen. Natierlech och fir eng Stabilitéit bannen. Mä dat ass awer och esou, wa mer wëllen e seriöse Partner, Handelspartner an egal wéi ee politesche Partner an der Welt sinn, da muss een haut do natierlech och eng staark Economie am Réck hunn, soss geet et net.

An hei, fir vläicht op méi e präzise Punkt anzegoen, d'Kommissioun, déi proposéiert jo, e bëssen en neie System anzeféieren, deen hëllef soll, dann och d'Performance an d'Reformmen ze evaluéieren an deenen eenzelne Länner, dat heescht ënnert dem Term vun der Rationaliséierung vum Europäesche Semester. Ech denken, esou nei Institutiounen kënnen interessant sinn. Mir sollten awer och net eise spezifische Kontext vergiessen. Och mat all deene Modeller - ech ginn net op se all an - oder all deenen Iddien, dat sinn Euro-Minister an Eurozon-Minister an esou weider, mengen ech, mir sollten awer ëmmer kucken, ier een erëm nei Institutiounen, nei Gremie schafft, wat awer schonn de Moment existéiert a gutt funktionnéiert. Souwuel um europäesche Plang respektiv besonnesch hei zum Beispill an deene Wirtschafts- a finanzielle Budgetsfroen hu mer awer och eng Rei Gremien um nationale Plang, déi awer gutt funktionnéieren.

Ech mengen, hei zu Lëtzebuerg hu mer en Observatoire de la compétitivité, mir hunn de Statec, dee regelméisseg Statistiken erausgëtt, mir hunn aner Akteuren, déi Analysen a Recommandatiounen maachen. Fir de Budget am A ze behalen, hu mer de CNFP gestëmmt, deen eng extern Evaluatioun vun eise Statsfinanze mécht an esou weider.

Also einfach nëmme fir ze soen, datt mer eng Rei Gremien hunn, déi déi wirtschaftlech a budgetär Situatiounen bewäerten, iwwerprüfen, kucken, ob mer do op der richteger Schinn sinn, an eis Recommandatiounen ginn. A wann een elo erëm nei Gremie schafft, riskéiert een awer, do vläicht net méi den Duerchbléck ze hunn, respektiv herno kéint een och op eemol an d'Situatioun kommen, datt sech do déi eng an déi aner Gremie vläicht dann d'Lufthoheit, fir et emol esou ze soen, géife streideg maachen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An och wann een déi aktuell Prozedur vum Europäesche Semester kuckt, esou erschéngt mer déi awer relativ sënnvoll, wéi mer se de Moment hunn, déi funktionnéieren och ganz gutt an effikass. Et wär als Rappel: Hei zu Lëtzebuerg ass et jo esou, datt d'Regierung der Kommissioun hir budgetär a wirtschaftlech Richtlinnen oder Ausrichtungen eragëtt, de PSC an de PNR. Dat maache mer dann am Fréijoer, an da mécht jo d'Kommissioun hir Recommandatiounen.

An hei muss ee jo och ervirsträichen, datt mer do an de leschte Joren och ganz vill Efforte gemaach hunn, fir d'Chamber hei, eist Gremium hei, eist héicht Haus an déi Prozedur nach méi mat anzebannen, wat mer an deene leschte Jore ganz gutt gemaach hunn a wou praktesch jo och an dem leschte Joer elo, deene leschten zwee Joer den Etat de la nation och en Element vun där ganzer Prozedur e bësse war. Ech mengen also, dese System huet sech bewäert an der EU, mä och hei zu Lëtzebuerg. An et kann een also och op deem Wee da weiderfueren, ouni elo musse vill nei Systemer anzeféieren.

Ech erënneren och un d'Regel vum OMT bei de Statsfinanzen, eng Richtlinn, wéi d'Länner hir ëffentlech Finanzen geréiere sollen oder mussen. Et ass jo esou, datt een dat Zil normalerweis muss erreechen. Net all Land ass wéi mir hei zu Lëtzebuerg e Musterschüler. A wann dann d'Finanzen net méi dem OMT entsprechen, wann d'Finanzen aus dem Rudder lafen, da ka jo och d'Unio, d'Kommissioun Mesuren imposéieren. Mir hunn dat gesi bei Griichenland, datt dat do ka gemaach ginn. Mä ech mengen awer och, als Interessengemeinschaft mécht dat awer och Sënn, datt dann, ech soen emol Bréissel, Europa sech do mat amëscht, well d'EU ass nëmmen esou staark eigentlech wéi hire schwächste Member. An all Land huet doduerjer och d'Responsabilitéit, seng ëffentlech Finanzen am Griff ze hunn, fir datt mer dann all zesummen eng staark Gemeinschaft sinn.

D'Finanzunion: Ech mengen, den 21. Oktober 2015 gouf eng Serie vu Mesurë festgehalten, fir

déi wirtschaftlech a monetär Union weider ze stäerken an d'Bankenunion Stéck fir Stéck dann och nach méi komplett ze maachen. Lëtzebuerg huet dat vun Ufank u matgedroen. An ech wëll an deem Kontext och nëmmen drop hiweisen, datt mer op dëser Plaz an deene leschte Méint, Joren eng Rei Gesetzer gestëmmt hunn, déi och genau an déi Richtung gaange sinn, sief dat elo iwwert den europäesche Resolutionsmechanismus oder iwwert déi nei an d'Liewe geruffe Bank Recovery and Resolution Directive, kuerz BRRD.

D'Bankenunion, muss ee soen, funktionéiert och iwwert d'Surveillance vun den net systemeschen Banken an Zesummenaarbecht mat den nationalen Zentralbanken an esou weider. Et ginn hei och Punkten, iwwert déi een nach diskutéiere kann. Ech mengen, mir wëssen, datt deen Dossier och net ofgeschloss ass: zum Beispill, ob déi 50 Milliarden aus dem Resolutionsfond genuch sinn. Da kënnt d'Fro natierlech vun der Responsabilitéit vun de Memberstaaten och ganz schnell op. Awéiwäit soll een de Risiko, deem d'Banken ausgesetzt sinn, net emol um nationalen Niveau minimiséieren, ier een da vun enger europäescher Resolutioun schwätzt? An esou weider.

Ech mengen, dat ass e Sujet, wou ee ganz schnell och an techneschen Detailer oder a Spezialistendetailer wäert sinn. Ech mengen einfach, wat ee soll zrëckbehalen an där Fro, dat ass, datt mer e System brauchen, datt mer Banken hunn, déi op stabile Féiss sinn, datt mer net erëm an déi Situatioun kommen, wéi mer dat an der relativ rezenter Vergaangenheet hate mat wirtschaftleche Repercussiounen an der ganzer EU a virun allem och am Endeffekt Repercussiounen op all eenzelne Bierger an Europa.

E Wuer, wierklech e kuerzt Wuer zur Fiskaliteit an der Union. Hei ass jo BEPS dat groust Stéchwuer. Ech ginn elo och do net op all d'Detailer an. Einfach nach eng Kéier fir ze rapeléieren: Lëtzebuerg ënnerstëtzt all d'Initiativen an deem Beräich, schafft extrem konstruktiv mat. A mir sinn hei an deenen Dossiere Fiskaliteit, Harmonisatioun an esou weider, ech mengen, eigentlech wierklech net bei de Bremser. Do géif ech awer carrement soen, datt mer net nëmmen am zweete Waggon sëtzen, mä do sëtze mer och wierklech an der Lokomotiv.

Wat awer bei all deenen Dossiere wichteg ass, dat ass, datt et international een „level playing field“ gëtt, wéi mer dat esou schéin nennen. Wëllt soen, datt natierlech an Europa fir jiddwereen déiselwecht Regele solle gëllen, mä doriwwee eraus, datt déi Regeln, déi mer eis an Europa ginn an all de Steierfroen, natierlech dann och weltwäit solle gëllen, fir datt een eng fair Konkurrenz huet.

Kuerz och e Wuer, ech kommen net derlaanscht, natierlech zum Juncker-Plang. Wa mer och iwwer Investitiounen an Europa schwätzen, einfach nëmme fir ze soen: Et war sécherlech sënnvoll, e massiven Investitionsplang an a fir Europa ze lancéieren, besonnesch och an déi europäesch Infrastrukturen ze investéieren. Eng Infrastruktur mengen ech, déi jo och net nëmme fir dës Generatioun gutt ass, mä déi och dann nach fir zukünfte Generatiounen gutt ass.

Ech mengen, wann ee sech d'Zuelematerial do ukuckt, dann ass dat schonn impressionnant: Bis de September 2016 goufen 33,5 Milliarden Euro investéiert, dat souwuel duerch d'EU selwer wéi dann eben och duerch déi europäesch Investmentbank. An hei an deem Investitionsplang ass jo och eng vun de Ciblen, datt och besonnesch déi kleng Entrepreneuren ënnerstëtzt goufen, awer och Projeten am Beräich Energie a Recherche. An ech mengen, dat sinn alles Politikfelder, déi och e laangfristegen Notze wäerten hunn.

De Budget vun der EU: Ech mengen, zum Budget vun der EU ginn et verschidde Froen, déi een do kann diskutéieren. Éischstens déi, wéi een d'Suen - ech soen emol salopp - erakritt. Do gëtt et jo dann den europäesche Budget, wou verschidde Sourcë gespeist ginn, zum Beispill duerch Kontributiounen vun de Memberlänner, duerch d'TVA, déi d'Länner kréien. Awer dann och déi sougenannten traditionell eege Ressourcen, déi duerch d'Importer an d'EU direkt un d'EU selwer ginn.

Ech mengen, d'Fro ass hei natierlech och do an deem Kontext, fir festzeleeën, wivill Prozent vum Budget iwwert den direkte Wee an déi europäesch Keess fléissen, also onofhängeg vun de Memberstaaten. Am Moment gesinn d'Traitéen eng Limitt vun 1,2% vir. Ech mengen awer, wat méi interessant ass, soen ech emol, wéi d'Suen also erakommen - dat ass natierlech och eng wichteg Fro, well ee jo domadder Politik mécht -, ass eben awer och: Wat fir eng Politik mécht ee mat deene Suen? Dat heescht: Wou setzt een d'Prioritéit mat dem Budget?

Ech mengen, wann een elo d'Prioritéit vum EU-Budget fir 2018 kuckt, ouni deen elo bis an

de leschten Detail ze zerplécken: Wat hei awer ze begreifen ass, dat ass zum Beispill de Programme Horizon 2020 oder den Erasmus +, déi gestärkt goufen. Mir begreifen natierlech och, datt weider Ressourcë fir déi europäesch Initiative pour l'emploi des jeunes fräigesat ginn.

Bon, d'Kommissioun huet hir Prioritéit fir 2018 virgestallt. Och d'Parlament huet seng Recommandatiounen dozou ginn. Natierlech mussen och d'Efforten an de Migratiounsfroen an der gemeinsamer europäescher Asylpolitik finanziell verstärkt ginn. Och aner Mesuren, ech denken un de Klima, un den Handel, mussen natierlech och an deem Budget weidergefouert ginn.

Ech wëllt dann erëm vum Terrain e bësse vun, ech soen emol, all deene Froen, Wirtschafts-, Finanzfroen, Eurozonfroen, op dee Volet vun der politescher Union zum Schluss nach eng Kéier zrëckgoen. Ech mengen, een Haaptuleies vun der Lëtzebuerger Presidence, dat war jo, fir de Bierger méi mat anzebannen. An ech hat jo och eigentlech domadder ugefaangen, datt et wierklech dat ass, wat immens wichteg ass, datt mer de Fokus op d'Bierger leeën.

Hei sinn natierlech dann net nëmmen d'EU-Institutiounen gefuerdert, mä och déi eenzel Memberlänner, déi do och musse kucken, fir d'Bierger méi mat anzebannen an déi ganz Prozess. A wann ech soen, déi eenzel Memberlänner, da si mir et natierlech och als Volleksvertreter, déi do mussen eis Verantwortung iwwerhuelen. Dat heescht, datt mer natierlech och als Nationalpolitiker déi verschidden europäesch Dossiere musse kennen a och natierlech d'Méiglechkeet mussen hunn, eis an déi ganz Diskussioun net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä awer och an déi ganz Debatten, ech soen emol, zu Bréissel iergendwéi kënnen anzeklinken, mat anzébréngen, do och eben déi Suerge vun de Bierger kënnen mat anzébréngen.

Dat bréngt mech dann op déi Diskussiounen, wéi mer eis eigentlech och kéinten hei an der Chamber nach besser opstellen, fir där Roll gerecht ze ginn. Bon, mir hunn eis während dem Opstelle vun deem Rapport natierlech vill mat deene Froen beschäftegt. Déi sinn awer och net nei, déi Froen: Wéi kënnen mer eisem nationale Parlament do méi Kompetenze ginn? Hu mer genuch Know-how? Hu mer genuch Personal? An esou weider.

De Rapport huet do verschidde Mesurë proposéiert, déi sech jo och reflektéieren an enger Resolutioun, wéi d'Chamber da ka méi enk an déi europäesch Dossieren agebonne ginn. Ech mengen, eppes, wat wichteg ass ze ënnersträichen, ass, datt mer awer schonn eng ganz Rei Informatiounen kréien. Et ass einfach: Wéi kënnen mer se verschaffen? Wéi kënnen mer se herno utilement an eiser politescher Aarbecht besser benotzen? An der politescher Aarbecht, bei de Projet-de-loien, bei de groussen Diskussiounen, déi ëmmer ustinn. Ganz oft hu mer Dossieren, déi hir Originen zu Bréissel hunn a wou mer awer net ëmmer à même sinn, fir déi och allequerten ze suivéieren. Ech mengen, et ass kloer, datt dat natierlech och méi Mataarbechter bedéngt, an datt mer eis eigentlech do och eens sinn, datt mer, wa mer wëllen nach méi intensiv a méi kompetent an deenen europäeschen Dossiere schaffen, dann och gutt mussen zougeschafft kréien an datt mer also do kënnen Efforte maachen.

Dann och nach déi Fro: Wéi verfuere mer, oder wéi ass d'Relatioun mat eiser Regierung, mat de Ministeren, an den europäeschen Dossieren? Ech mengen, wann ee kuckt, net nëmmen déi lescht dräi Joer, och doriwwee eraus, muss een awer éierlechkeetshalber soen, och bei viregte Regierungen, huet dat eigentlech u sech ëmmer ganz gutt funktionnéiert. Mir sinn do eigentlech ëmmer ganz gutt gefuer, och wann dat net formell an iergendengem Chambersreglement festgeluecht ass. Ech mengen, d'Ministeren haten ëmmer, wéi gesot, och schonn a viregte Regierungen, dee richtegen, ech géif emol soen, „Feeling“, fir ze wëssen: Wat fir eng Dossiere si wichteg? Bei wat fir engen Dossieren ass et wichteg, och wann dat net formell festgehalen gëtt wéi an anere Länner, wou eigentlech do eng aner Prozedur ass, wéi Dänemark, mä och Litauen, wou ech rezent mam Chamberspräsident en Austausch hat, wou eigentlech do ëmmer muss en Accord vun der Chamber...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Lettland.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Lettland, entschëllegt, Här President, jo, Lettland, wou den Accord - et gëtt och nach aner Memberstaaten, wou dat ass - do muss ageholl ginn. Ech mengen, mir hunn e System, deen awer op géigesäitege Respekt a Verständnis stéisst, an dat eigentlech och an ëmmer an der Vergaangenheet. Ech denken elo nëmmen un d'Kommissioun, wou ech President sinn, an der COFIBU, datt do ëmmer de Finanzminister, ier

e fir wichteg Diskussiounen op Bréissel geet, den Avis vun der Kommissioun freet, well hie jo dann och weess, datt en da gestärkt zu Bréissel ass. Wann e weess, en huet déi ganz Chamber, oder weinstens déi ganz COFIBU am Réck, da weess en, datt en do natierlech och ka mat méi - wéi soll ech soen? - Selbstsicherheit, net Selbstsicherheit, mä awer mat méi Poids do kann Dossiere verdeedegen.

E lescht Wuer awer, wat ech nach wollt soen, dat ass d'Sozialunion, dat wollt ech trotzdem net vergiessen, och do nach vläicht schnell e lescht Wuert. Ech mengen, den Triple-A social, dat war och eng Prioritéit vun der Lëtzebuerger Presidence, a mir sinn eis also och bewusst, datt dat e wichtigen Dossier ass. Déi sozial Froe si wichteg. An och hei muss d'Europäesch Union an deem Dossier weiderhi Responsabilitéit, vläicht nach méi Responsabilitéit iwwerhuelen. Dobäi soll een awer och net vergiessen, dat ass grad wéi hei zu Lëtzebuerg: Wann ee wëllt eng effizient Sozialpolitik maachen, muss een natierlech, wéi een dat ëmmer esou schéi seet, virdrun de Kuch baken, fir deen dann och kënnen ze verdeelen. Dat heescht also och, datt, wa mer wëllen eng staark Sozialpolitik an Europa maachen, da brauche mer awer och eng staark Wirtschaftspolitik, déi kee Selbstzweck ass, mä déi och am Endeffekt der Sozialpolitik soll hëllefen.

Ech mengen, d'Fro, déi vill beschäftegt, dat ass: Eng Konvergenz vun deene verschiddene soziale Systemer, déi mer an Europa awer nun emol hunn, ass déi méiglech? Mir hu ganz vill verschidde Systemer, déi och ëmmer historesch gewuess sinn an deenen eenzelne Memberlänner. Mir hunn e ganz staarken, performanten, grousszuege Sozialsystem. An deenen anere 27 Länner ass dat net ëmmer esou de Fall. An ech mengen, dat ass eppes, wat juristesche, dat muss een einfach wëssen, och wann ee ganz vill gudden Wëllen a politesch Ofsichten huet, immens komplex ass. Mä nach soll et awer eist Zil sinn, datt mer all den EU-Bierger an der Europäescher Union sollen e Sozialsystem ubidden, deen dann och dësen Numm verdéngt.

Ech mengen, Här President, ech géif bei deene verschiddene Sujeten a Remarquen dozou bleiwen. Ech mengen, et ass haut schweier, eng Konklusioun ze zéien, et ass en Debat, deen awer op alle Fall ganz sënnvoll ass. Ech hoffen, datt deen Debat och vläicht e bësse bei de Bierger ukënnt, wa mer wëllen deenen dat méi vermëttelen. Ech mengen, et sinn eng Rei Pisten, déi hei opgezechent gi sinn. Déi eng oder déi aner, also och d'Fraktiounen, hu jo och Stellung bezunn zu de verschiddenen Szenarien, wéi se déi eng oder aner Fro an deem ganzen Dossier Eurozon gesinn. Dat ass sécherlech sënnvoll, och fir ze wëssen, a wat fir eng Richtung eis Regierung ka weidergoen.

Ech mengen, 2018 wäert sécherlech och e Schlësseljoer gi fir d'Europäesch Union, mat den Decisiounen vun deenen Zeenarien, mat Brexit a mat aneren Dossieren. Ech mengen, eppes ass awer fir eis kloer, dat ass: Egal wéi, d'Zukunft vu Lëtzebuerg läit an Europa. A mir sinn awer och iwwerzeugt, datt Europa nach kann eng grouss Zukunft viru sech hunn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Berger. An nächste Riedner ass den Här Claude Adam fir déi grëng.

► **M. Claude Adam (déi grëng).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir huelen eis de Mëtteg gutt Zäit, fir iwwert d'Zukunft vun der Europäescher Union a vun der Eurozon ze schwätzen, esou gutt Zäit, datt mer schonn e bëssen an den Owend erakommen. Dat ass den duebele Meritt engersäits vun de Kolléegen vun déi Lénk an anersäits den President vun der aussepolitischer Kommissioun, dem Marc Angel vun der LSAP.

Déi Kolléegen vun déi Lénk hate schonn den 9. September 2015 e Bréif geschriwwen, wou se eng Interpellatioun ugefuert haten. An dat ass dann an der aussepolitischer Kommissioun an en Débat d'orientation transforméiert ginn. An d'Aarbechte fir dee Rapport, dee mer dann haut als Basis fir eis Debatt hunn, hu sech iwwer bal annerhaleft Joer gezunn.

Mir hunn et hei mat enger Fläissaarbecht vum honorabele Kolléeg Angel ze diinn, an duerfir him e grouse Merci.

Mir hunn de Rapport matgestëmmt, mir ënnerstëtzen déi Aussoen, déi am Rapport stinn. A well de Rapporteur jo schonn a sengen ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapporten de Werdegang vum Rapport erkläert huet an och op déi verschidden Entrevuen, déi mer haten, agaangen ass, ginn ech direkt iwwer zum fënneften Deel, dem Deel vun de Konklusiounen a Recommandatiounen.

«L'Europe n'occupe pas l'avant-scène du débat national, sauf en cas de crise majeure», steet



direkt am Ufank vun de Konklusiounen. Dee Saz war an der Vergaangenheet richteg, wou mer net esou oft iwwer Europa geschwat hunn, a well mer et haut mat engem Europa vun de Polykrisen ze dinn hunn, ass déi Ausso och haut nach ëmmer richteg. Eng Tatsaach ass, datt mer ganz oft an der Chamber an eisem Débat national Referenzen zu Europa, zur EU maachen.

Un éischter Stell denken ech do un déi vill Gesetzer, wou mer EU-Direktiven ëmsetzen, un zweeter Stell un déi vill Debatten, déi mer am Beräich vun der Aussepolitik hei féieren. Mir haten d'lescht Woch eng Brexit-Debat hei an der Chamber, een Dossier, dee ganz kloer souwuel europäesch ass wéi och national. A senger aussepolitescher Ried vum 21. Mäerz 2017 hat eisen Ausseminister, de Jean Asselborn, ronn 35-mol d'Europäesch Unioun ernimmt, 76-mol sot hien europäesch a 55-mol Europa.

A senger Ried hat den Här Asselborn och déi fënnf Zeenarie vum Jean-Claude Juncker sengem Wäissbuch ugeschwat, an déi si jo och vun all Riedner hei erwänt ginn. Mir haten och d'Madamm Yuriko Backes an der Kommissioun, déi hat eis och déi fënnf Zeenarien nach eng Kéier duergeluecht. A genee wéi eise Minister si mir der Meenung, datt den Zeenarion 1 „Weider wéi bis elo“ kaum dee richteg Wee ass. Ech mengen, mir kréie vun de Leit dobaussen, vun de Wieler gesot, datt mer eis musse Gedanken maachen, datt d'EU muss anescht funktionéieren.

Och den Zeenarion 2, datt Europa op e gemeinsame Bannemaart misst reduzéiert ginn, ass fir eis keng Optioun, well dat géif heeschen, d'EU géif sech nach méi op eng Stärkung vun de Finanz- a Kapitalmäert verstäipen an déi sozial Acquis géifen nach manner wicteggeholl ginn.

Den Zeenarion 3, een Europa mat verschiddene Vitessen, schéngt dem Minister an eis méiglech ze sinn, dat ass awer net eise Wonschzeenarion.

Den Zeenarion 4, een Europa, dat manner mécht, mä dat, wat et mécht, besser mécht, ass fir de Minister ee realistesch Zeenarion, fir eis awer éischter net, aus deem einfache Grond, datt mer net wëssen, wat Europa dann elo manner soll maachen. An duerfir war ech och frou iwwert dat Beispill vum Claude Wiseler, deem um Beispill vun de Faarwe gewisen huet, datt Direktiven, déi engem vläicht komesch virkommen, wann ee se hannerfreet, da stellt ee fest, datt et einfach ass, mat populisteschen Aussoen Direktive lächerlech ze maachen. Mä ech mengen, datt et net fair ass vis-à-vis vun der Europäescher Unioun, wann een net op de Fong geet a wann ee liichtfankeg esou Uerteeler stellt.

Mir hu jo hei zu Lëtzebuerg oft Besuch vun EU-Kommissaren a vun EU-Politiker, niewent deene sechs Europadeputéierten. Mir haten nach virun e puer Deeg den Här Carlos Moedas hei, de Kommissär fir Recherche, Innovatioun a Science, dee gesot huet, déi Beräicher, déi hien ebe vertritt, Recherche, Innovatioun a Science, bräichte méi budgetär Moyenen. Den Här Tajani, de President vum EU-Parlament, dee viru 14 Deeg hei war, hat zu Recht gesot, d'Europäesch Unioun misst méi maache bei deene wichtegen Dossiere Sécherheet, Immigration, Jugendchômage, Klimawandel. Hien huet do recht. An den Här Moedas an den Här Tajani soen, an ech huelen un, den Här Oettinger kënnt iwwermuer, dee wäert eis dat och soen, wou mer iwwerall méi musse maachen, fir d'europäesch Politik virunzedreiwen. Et ass ebe just d'Fro: Wou huele mer déi Moyenen hier?

Ech hat den Här Tajani op en Artikel am Magazin „Politico“ ugeschwat, wou stoung, hien hätt gesot, et misst ee Sue bei der aktueller gemeinsamer Agrarpolitik spueren, déi jo aktuell 40% vum EU-Budget ausmécht.

(Interruption)

Bal 40%. Den Här Tajani huet geäntwert, hien hätt nach ni esou eppes gesot, hien hätt och nach ni iwwer PAC, also Politique agricole commune geschwat. Ech gleewen him dat natierlech, mä seng Äntwert war awer net zefriddestellend. Et ass einfach ze soen, mir bräichte méi Sue fir deen een oder deen anere ganz wichtige Beräich, mä nëmmen déi allerwéinegst soen, wou déi Suen do sollen hierkommen.

Mir wëssen alleguer, datt mam Brexit deemächst den zweetgréissten Netto-Abezueller an d'EU wäert ewechfalen. Mir wëssen och, wéi schwéier et dierft gi fir déi aner Länner, dësen Ausfall opzefänken.

Eng Schlësselroll fir déi Weiderentwécklung vun der EU duerfen awer grad just och d'Finanze vun der EU hunn. Och wann dat v verschiddene Politiker anescht duergestallt gëtt, de Budget vun der EU ass zimlech bescheiden: 2015 waren dat 154 Milliarden Euro. Dat ass net vill fir 28 Memberlänner. Däitschland eleng huet e Budget vu ronn 300 Milliarden!

déi gréng sinn der Meenung, datt de Brexit net därfer zu enger Reduzéierung vum EU-Budget féieren. D'EU brauch an Zukunft och méi eege finanziell Ressourcen, fir méi a besser an d'Zukunft vun den europäesche Länner kënnen ze investéieren.

Mir si mat der Ausso vum Rapport d'accord, dee seet, datt mer elo keng Diskussioun iwwer Annerunge vun de Verträge brauchen. Mir brauchen och keng institutionell Debat. Mir brauche Politiker, déi sech erëm bewosst ginn an dat och kloer an däitlech soen, datt mer d'EU net geschaaft hunn, fir lénks a riets Subsidien ze verdeelen, mä fir eng gemeinsame Politik ze maachen, fir gemeinsam Ziler ze errechen, déi mer als eenzel Staten net kënnen errechen. Grouss gemeinsam Ziler sinn eise Bannemaart, den internationalen Handel, Klimapolitik, Biodiversitéit garantéieren, de Wuelstand an d'Sécherheet garantéieren.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Très bien!

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- De Paul-Henri Spaak huet schonn an de 50er Jore sënn-gemeiss gesot: „Et gëtt zwou Zorte Länner an Europa: déi kleng Länner, déi sech däers bewosst sinn, an déi kleng Länner, déi sech däers nach net bewosst sinn.“

Vis-à-vis vun den Erausforderunge vun der Globaliséierung ass och ee Land wéi Groussbritannien ee klengt Land. An enger globaliséierter Welt musse mir Europäer méi no beienereckelen a besser zesummeschaffen. Wa mer d'Vertraue vun de Bierger erëm wëllen zrëckgewanne fir d'EU, a mir mengen, datt dat deen eenzege Wee ass, dee mer kënnen goen, da muss d'EU erëm ee Projet ginn, deen d'Leit virun den negativen Auswierkunge vun der Globaliséierung schützt.

Fir déi gréng ass d'Optioun 5 vum Wäissbuch déi Optioun, déi fir méi e gemeinsam Handel a fir méi Zesummenaarbecht an alle Beräicher schwätzt, déi beschten Optioun. Och den Här Asselborn sot, datt deen Zeenarion fir Lëtzebuerg sécherlech wünschenswäert wier, eng ideal Virstellung. A mir mussen him leider och recht ginn, wann e mengt, datt awer zurzäit deen Zeenarion net ganz realistesch wier, well leider eng ganz Rei vu Memberstaten dat guer net wëllen, an dat, obschonn d'Gewicht vun Europa an der Welt ofhëlt, obschonn d'Spannungen an der Welt zouhuelen, obschonn den Druck op déi héich europäesch Standards am Beräich vun de Mënscherechter, de Sozialsystemer, dem Ëmweltschutz zouhëlt.

A wa mer eis da mussen zefriddegi mat engem Europa, dat verschidde Vitessë geet, dann dierfen zumindest net d'Acquis communautaires vun de leschte Joren a Jorzéngten a Fro gestallt ginn. An déi sougenannte Coopération renforcée muss ëmmer een oppene Prozess bleiwen, fir datt och muer déi Länner kënnen deelhuelen, déi haut nach net esou wäit sinn.

Här President, mir verschléissen eis net enger Debat iwwer institutionell Reformen an der EU, gesinn awer doranner am Moment keng Prioritéit. Mir sinn der Meenung, datt de Lissabon-Vertrag schonn haut genuch Potenzial huet, fir konkret Projeten ze initiéieren, den Alldag vu ville Leit an der Europäescher Unioun ze verbesseren an erëm Schrëtt fir Schrëtt d'Vertrauen an d'europäesch Institutiounen zrëckzebréngen.

Ech wëll hei op fënnf esou Punkten agoen a se opzielen.

Éischstens: Mir müssen derfir suergen, datt d'Kafkraaft vun de Leit mat klengem Akommes erëm klëmmt. Duerch d'Kris an der Eurozon an déi Austeritéitspolitik, déi doropshin octroyéiert ginn ass, gesi vill Bierger d'EU virun allem als Motor fir Ongläicheit, sozial Ongerechtegkeet an Ausname fir déi Räich. Den europäesche Projet, dee jorzéngtelaang mat Konvergenz, Wuelstand a Fortschreitt associéiert ginn ass, gëtt haut als Gefor fir de Wuelstand a fir eist soziaalt Netz gesinn. Europa leit drënner, datt et eng Course no ënne gëtt bei de Leit, bei de Steieren, bei de soziale Standards.

Dat gëllt deelweis souguer fir Däitschland, dat gëllt awer virun allem fir déi Memberstaten, déi keng gutt Grondofsécherung op nationaler Basis hunn. De Jean-Claude Reding vun der Chambre des Salariés hat zu Recht un en Dokument aus dem Joer 2000 vun 250 Parlamentarier erënnert, dat eng Convergence sociale an Europa gefuerdert huet. Convergence, Zesummeschaffen, Harmoniséierung vun de Beméiungen um Plang vum Chômage, der Aarmut, dem Wunnen an der Bildung si wichteg, och wann dat national Domäne vun der Politik sinn.

D'Gewerkschafte verdeedegen zu Lëtzebuerg alleguer, mä och soss an Europa, an der grousser Majoritéit de Prozess vun der europäescher Integratioun, och déi englesch Gewerkschaften hu sech géint de Brexit ausgeswat. Si sinn Aliéierter an de Beméiunge fir méi Europa a fir ee

bessert Europa. Si soen awer och, an zu Recht, datt, wann d'sozial Konditiounen a verschiddene Länner esou sinn, datt eng deloyal Konkurrenz hei ka gefouert ginn, da kann de Bannemaart net funktionéieren.

Zu engem sozialen Europa gehéiere fir eis sozial Mindeststandarden, besonnesch och Mindestléin, dei mindestens 60% vum jeeweiligen nationalen Duerchschnittsloun duerstellen. D'EU-Parlament huet sech schonn däitlech fir d'Aféiere vum Mindestloun an alle Memberstaten ausgeswat. Elo ass et un der EU-Kommissioun, fir aktiv ze ginn.

Zweet Beispill: Mir brauche méi Steiergerechtegkeet a méi Transparenz bei der Besteuerung vun Entrepreneuren. D'Leit erliewen et als fundamental ongerecht, datt grouss multinational Entrepreneuren nëmme knapp 1% Steieren ofginn, de Bäcker ëm den Eck awer bal 30%. Eng fair a gerecht Steierpolitik dréit wesentlech derzou bäi, datt d'Bierger erëm Vertrauen an Europa kréien.

Mir wëssen natierlech och, datt d'Steierpolitik grondsätzlech am exklusive Kompetenzberäich vun de Memberstate läit. Mä d'EU kann iwwer hir Kompetenzen am Beräich vum gemeinsame Bannemaart eenzel Mesurë fir méi Steiertransparenz huelen, zum Beispill den „country-by-country reporting“. Déi EU-Direktiv iwwert den „country-by-country reporting“ vun 2016 ass ee Schrëtt an déi gutt Richtung, deen nach ausbaubar ass.

An da stelle mer natierlech fest, datt, wann et kee Fortschreitt gëtt an europäesche Froen, dann ass et net onbedéngt d'EU-Kommissioun, déi do schëlleg ass, a scho guer net d'EU-Parlament. Blocagen entsti ganz oft am Europäesche Rot.

De Robert Menasse, een éisträicheschen Auteur, deen ënner anerem och dëst Joer op der Feier vum 60. Joresdag vun de Réimesche Verträge eng Festried gehalen hat an deen och viru Kuerzem eng Konferenz zu Lëtzebuerg ginn hat, ass ganz streng, wat den Europäesche Rot betrëfft. „Die Schwächung der Kommission und die Stärkung des Rates war der Sündenfall des Vertrags von Lissabon“, schreift hien a sengem Buch „Der Europäische Landbote“.

An natierlech gëtt et dat Spannungsfeld tëscht den Nationalstaten an der EU. D'Nationalstate ginn a Richtung Privatiséierung, zum Deel, well se vun der EU dohinner gedrückt gi sinn, awer eben nëmmen zum Deel dowéinst. Si maache Sozialofbau an zéie sech aus wesentleche Statsaufgaben zréck, si bedriewen eigentlech systematesch Statsofbau. De Motto vum schlanke Stat ass d'Leitmotiv. Mä do, wou et sënnvoll wier, e bëssen Nationalstat ofzebauen zugonschte vun der Europäescher Unioun, do spille se staarke Stat.

Esou wichteg Theme wéi Sozialpolitik, Steieren, Asyl, Migratioun, Mindestléin wandern net op EU-Ebene. Si gi mëssbraucht als Verhandlungsmass am Géintenee vun Nationalstaten.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Dat huet natierlech dermat ze dinn, datt eng Regierung eppes brauch, fir bei hire Wieler ze punkten. An et huet sech jorzéngtelaang ugebueden, déi positiv Decisiounen als eegene Produit ze verkafen an déi manner positiv an awer noutwendeg op Brëssel ze drécken.

De Lëtzeburger Wahlsystem ass och net besonnesch dankbar fir en internationaalt Engagement. Gewielt gëtt déi Persoun zu Lëtzebuerg, déi zu Lëtzebuerg am visibelsten ass. Déi Zäit, wou e Lëtzeburger Deputéierten zu Brëssel oder Stroossbuerg an interparlamentaresche Reuniounen ass, entzitt e sech dem Wieler. Fir säin Asaz an europäeschen Dossiere riskeiert en, vum Wieler bestrooft ze ginn, säin Asaz am Ausland interesséiert d'Press wéineg bis guer net, de Wieler kritt och wéineg mat dervun, de Politiker feelt awer eventuell um Wäifest oder um Hobbymaart.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- A villen anere Länner gëtt iwwert de Placement op enger Lëscht vun enger Partei bestëmmt, wie gutt Chancen op eng Wahl huet. Dat huet och net just Virdeeler, ass awer méi favorabel, fir sech als nationale Politiker och am internationalen Dossier an zu Brëssel ze engagéieren.

Drëtstens: Mir brauchen Investissementer an d'Liewensqualitéit. An do gesi mir gréng dräi Schwéierpunkten: Digitals, Energie an Transport.

Mir sinn net prinzipiell géint Fräihandelsaccorden. Mir brauchen awer virun allem eng konsequent Investitiounspolitik an Europa. Den Export aus der EU erass dréit just 20 bis 25% zum wirtschaftleche Wuesstum an der EU bäi. Virun allem d'Handwierk leeft vum Bannemaart. Fir eis ass et kloer, datt mer solle méi an Europa investéieren, an datt et jo haut souguer

d'OECD selwer ass, déi dat duerchaus akzeptéiert, a Prëten, op déi zréckgegraff gëtt fir sënnvoll Investissementer, ginn och souguer vun der OECD haut guttgeheescht.

D'Welt vun haut ass schonn digital, d'Welt vu muer nach vill méi. D'EU soll Virreider am Datenschutze an am Ausbau vu Breetbandkonnectiounen sinn. D'Produktiounsprozesser vu muer wäerten héich effizient an 100%eg erneierbar sinn. Eng erfollegräich EU-Industriepolitik muss de Klimaschutz eescht huelen, och a besonnesch, wa Leit wéi den aktuellen US-Präsident déi Kaart fir hiert Land liichtfankeg verspillen. An effizient Technologien an an erneierbar Energien investéieren ass an d'Zukunft investéieren.

Eis Stied brauche propper Loft. Duerfir solle mer méiglechst schnell vum Diesel erofkommen an eis zilstrebege op de Wee vun der Elektromobilitéit maachen, natierlech a Richtung 100% erneierbar. Dat ware schonn emol dräi Felder, wou et sech lount, massiv ze investéieren, wou de Benefiss vun dësen Investissementer direkt den EU-Bierger zeguttkënn.

Véierte Punkt: D'Léift zu Europa geet duerch de Mo. Knapp 50 Milliarden Euro ginn all Joers an déi gemeinsam Agrarpolitik an Europa. Dat sinn, wéi scho gesot, bal 40% vum Budget. Um Ufank vun der Europäescher Gemeinschaft waren dat nach iwwer 60% vum Budget. An an eisen Ae gëtt et keng Alternativ zu enger gemeinsamer Agrarpolitik. Mir gesinn och kaum Spuerpotenzial hei, mir gesinn awer d'Méiglechkeet an d'Noutwendegkeet, der gemeinsamer Agrarpolitik eng aner Ausrichtung ze ginn. Mir brauchen eng Landwirtschaft, déi d'Biodiversitéit an de Klima schützt, déi respektvoll mat Déieren ëmgeet, déi de ländleche Raum liewenswäert erhält an déi de Leit, déi an der Landwirtschaft schaffen, ee gerechte Loun erméiglecht.

Fënneften a leschte Punkt, deen ech hei e bësse méi ausféierlech wëll opgräifen: Sécherheet. Sécherheet gëtt ëmmer méi e wichteg Thema an Europa. Mir sollen de Leit hiert Bedierfnis no méi Sécherheet eescht huelen. Am Kontext vun de ville Krisen an eisen Nopeschregiounen an den Erwaardungen, wat nach alles op eis zoukomme wäert duerch d'Ausepolitik vum 45. US-Präsident, schéngt et eis eng Noutwendegkeet ze sinn, fir och méi enk sécherheits- a verdeedegungspolitesch Zesummenaarbecht an Europa unzestriewen.

Mir bleiwen awer derbäi, datt eng Erhéijung vun de Militärbudgeten op 2% vum BIP weder realistesch nach wünschenswäert ass. Déi nach 28 Memberstate gi ronn 200 Milliarde fir hir Defense aus. Dat ass dräimol esou vill wéi Russland. Dat sinn enorm vill Suen, wann ee se effizient ausgëtt. D'EU hat, an huet och nach no der rezent decidéierter Globalstrategie, just e regionalen a ganz begrenzten Usproch op Uerdnungsmuecht. An enger Etüd vum EU-Parlament ass ausgerechent ginn, datt an Europa all Joers 26 Milliarden Euro an der Defensepolitik duerch Ineffizienze verschleidet ginn. Déi 28 Arméichef vum den EU-Memberstaten hatten 2011 300 „Pooling and Sharing-Projeten“ zesummegeallt, déi all näischt kascht hätten, mä Synergie bruecht hätten. De Bannemaart fir Rüstungsgidder funktionéiert schlecht. Mir hunn et mat enger héich fragmentéierter Industrielandschaft ze dinn. Méi Ausgabe fir d'Defense heescht an deem Kontext net méi Sécherheet, mä méi Verschwendung.

Här President, zum Schluss nach e puer Wuert iwwert d'Eurozon. Et ass haut gewosst, datt bei der Aféierung vum Euro Feeler gemaach gi sinn. Griichenland an Italien sinn an d'Eurozon komm, obscho se d'Kritären net erfëllt hatten. De politesche Wëllen hat sech iwwert d'wirtschaftleche Facteuren ewechgesat. De Stabilitéitspakt ass ganz large gehandhabt ginn, Strofe waren zwar virgesinn, mä si géint keen eenzeg Land verhaange ginn.

Nach méi geféierlech fir den Euro ass awer d'Tatsaach, datt den noutwendeg stabille sozialen a wirtschaftlechen Ënnerbau net gi war. Néierewou soss op der Welt gëtt et ee Stat oder e Grupp vu Staten, déi eng gemeinsam Währung hunn, awer keng gemeinsam Wirtschaft- a Sozialpolitik maachen! D'Steiersätz si quiesch duerch Europa ënnerschiddlech. D'EU-Länner maache sech géigesäiteg Konkurrenz, anstatt a Richtung Konvergenz ze goen.

An de Problem ass, datt vill politesch Responsabel net bereet sinn, Kompromësser ze maachen, fir eng gemeinsam Linn ze fannen an dese Politikberäicher. An awer, den Euro ass nach ëmmer e Succès. D'Croissance an der Eurozon soll 2017 bei 1,6% leien, d'selwecht wéi 2016. A fir 2018 ass en äänlechen Taux viraus-



gerechent. De Wuesstum ass also net rasant, mä relativ stabil. Bei deene ville Positiounen vu rietse Parteien aus Frankräich, aus Holland, fir aus der Eurozon erauszegoen, ass et vläicht och emol gutt, eng kéier drun ze erënneren, datt bis haut nach just Länner an d'Eurozon bäikomm sinn. 2007 Slowenien, 2008 Malta an Zypern, 2011 Estland, 2014 Lettland an 2015 nach Litauen. Ech mengen, datt d'Eurozon nach laang net um Enn ass.

Här President, mir gesinn, datt déi national Parlamentarier zwar nëmme ganz begrenzt an de legislativen europäesche Prozess agraifen, mä ëmmerhin ënnerläit eis d'Kontroll vum Subsidiaritätsprinzip. Mir hunn d'Recht an d'Méiglechkeet, duerch politesch Debatten, wéi déi haut, wéi déi d'lescht Woch, Stellung ze bezéien an eis an interparlamentaresche Konferenzen, wéi dem COSAC zum Beispill - déi eenzeg, déi e permanent Sekretariat huet, an ee permanent Sekretariat ass wichteg bei esou Gremien, well d'Parlamentarier wiesselen, mä et ass wichteg, datt mer och eng Memoire hu vun deene Reunionen -, ze informéieren an ze konzertéieren.

Brauche mer eng „Assemblée parlementaire de la zone euro“? Mir mengen net. Dat ass och nach vu kengem anere revendiquéiert ginn, ass awer am Rapport. Et ass och nach am Rapport rieds gaange vun dem „carton jaune“, wou bis elo just zweemol d'Initiativ gemaach ginn ass, dem „carton rouge“, dee mam Brexit gestuerwen ass, a mir mengen och, datt mer deen net méi solle waakreg maachen, an dem „carton vert“, wou déi Méiglechkeet, iwwert deen eng Initiativ ze huelen, net esou ganz evident ass. Och am Rapport gëtt eng kéier gesot, dat wier méiglech, eng aner kéier gëtt gesot, duerfir misst den Traité geännert ginn. Ech fannen d'Initiativ interessant, mä ech kann dat net beuerteelen, ob dat méiglech ass mam aktuellen Traité.

Lëtzebuerg, an dat hunn eigentlech och all Virriedner gesot, huet bis elo all Etappe vun der europäescher Integratioun ënnerstëtzt, a mir hu wirtschaftlech dovun profitéiert. Mir sinn awer och ofhängeg vun enger EU, déi gutt funktionéiert. A wann et Europa laangfristeg net gutt geet, wann et mat Europa géif biergof goen, da géife mir och riskéieren, séier mat biergof gezunn ze ginn.

Wat an Europa am Moment am meeschte feelt, schéngt eis eng Visioun vun enger europäescher Zukunft, déi jonk an Al beweegt. Wann ech soe jonk an Al, a wann een d'Analys mécht vun de Leit, déi a Groussbritannien gestëmmt hunn, da stellt ee fest, datt déi jonk zu enger grousser Majoritéit fir den „Stay“ gestëmmt hunn, mä leider Gottes net zu enger grousser Mass wile gaange sinn, soss hätte mer vläicht en anert Resultat. Duerfir geet et drëm, fir déi jonk méi ze begeeschtere fir den europäesche Projet. An déi Eeler, ech erlabe mer dann ze soen, datt déi awer och vläicht eng Vue hunn op hir eege Jugend, déi duerch iergendeppes verkläert ass. Also, et geet wierklech drëm, fir erëm eng positiv Visioun vun der Europäescher Unioun ze kréien. Vlächcht bräichte mer een neie Martin Luther King, mat enger Ried, wéi hie se 1963 zu Washington gehalen hat: „I have a dream“, oder zumindest een Obama mat engem „Yes, we can“.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Adam** (déi gréng). - Ech sinn awer optimistes, datt mer och weider zu Lëtzebuerg eis mat der Europäescher Unioun entweckelen. Ech ënnerstëtzen och am Numm vun der grénger Fraktioun déi Resolutioun.

Ech ginn do awer och e kleng Bemoll ze bedenken, wann ech kucken, wat mer eis alles hei selwer operleë. Do steet dran, mir sollen «une considération encore plus large, une coopération plus étroite, une augmentation», nach eng kéier «augmentation» an esou weider, mir wëllen eis ganz vill virhuelen. Dat ass och gutt esou, dat ënnerstëtzt mir.

Mä ech erënneren awer e bëssen drun, wéi mer hei am Parlament schaffen. Mir hu gesot: „Mir maache keng extra Kommissioun fir Affaires européennes.“ Dat ass och richtig, well Europa eben all d'Kommissiounen betrëfft. Mir sinn awer dann, an dat steet am Rapport, lokal Experten, regional Experten, national Experten an elo si mer och nach Europa-Experten. An da muss ee sech och eng kéier selwer hannerfroen als Deputéierten: Wat packe mer alles? Mir kennen alleguerten déi Moyenen, déi mer an eise Fraktiounen hunn. Dat ass en hallwe Mataarbechter op den Deputéierten. Duerfir mengen ech, datt dat eng interessant Debatt ass, déi mer dann nach wäerte féieren.

An deem Sënn soen ech lech Merci fir d'Opmierksamkeet. A mir ënnerstëtzen déi Resolutioun.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng). - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser fir d'ADR. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Eischt e grouse Merci un den Här Marc Angel fir säi Rapport. Ech muss allerdeings soen, datt mir als ADR dee Rapport net matgedroen hunn, well mer mat villem, wat an deem Rapport ugeklongen ass a wat och haut schonn hei presentéiert ginn ass, net d'accord sinn.

Mir hunn eng realistesch Approche zu Europa. Eng realistesch Approche, déi och ëmmer matbedenkt: Wéi kënne mir eis Lëtzebuurger Interessen, och d'Interesse vun eise Land an engem Europa, wat awer weider zesummewiisst, wierklech verdréien? An eben do verdréie mir heiansdo aner Standpunkte wéi déi aner Parteien heibannen.

Et war interessant, déi Debatt nozelauscheren. Ech hu festgestallt, datt d'CSV zum Beispill haut nach eng kéier betount huet, datt se laangfristeg e federaalt Europa wëllt. Datt déi Partei also grondsätzlech d'accord ass an och ëmmer erëm betount, datt se d'Staatlechkeet vu Lëtzebuerg bereet ass opzeginn. Dat ass eppes, wat eis kloer ënnerscheet vun der CSV. Mir als ADR sinn net bereet, Lëtzebuerg opzeginn. Mir hätte gär en Europa vun den Natiounen, wat enk zesummeschafft, wat ganz vill Elementer kann hunn, déi och supranational funktionéieren, awer op jidde Fall en Europa vun den Natiounen an net e federaalt Europa.

Et wonnert eis och, datt d'CSV an hirer Approche mat Eurobonds spilt, also mat enger Vergemeinschaftung vu Scholden, déi am Traité och net virgise sinn, déi souguer vum Traité verbuede ginn. An awer wëllt d'CSV dat duerchsetzen. Et ass an eise Ae falsch, wann eis spuenesch, eis portugisesch, eis italienesch oder aner Frënn an anere Memberlänner Scholde maachen, datt d'Lëtzebuurger Steuerzueler déi solle matbezuelen. Dat ass net déi Approche, déi mir verdeedegen.

Mir hu vun der LSAP héieren, datt d'LSAP duerchaus méi vernünfteg ass, méi bewosst, datt mer eng Staatlechkeet hunn, datt mer déi och solle verdeedegen. An awer ass do e bësse spekuléiert ginn: „Et ka sinn, datt mer matgerappt ginn a verschiddenen Entwécklungen, wéi eng Finanztransfersteier oder esou.“ Neen, mir denken, mir loosse eis net matrappen a Saachen, déi eise ekonomeschen oder aneren Interesse grondsätzlech schueden.

An och bei deene Grénge stellt sech d'Fro. Den Här Adam huet erkläert, datt d'Europäescher Unioun méi Ressourcë brauch. Heescht dat méi Steieren? Heescht dat, datt d'Steierlaascht fir d'Lëtzebuurger soll klammen? Oder solle mer op Steiere verzichten, fir deen Transfer a Richtung Europa ze maachen? Alles dat sinn Onkloerheeten. An dofir muss mer eis hei mat der ADR awer op eng vill méi realistesch Linn kënne festleeën, déi och ëmmer d'Interesse vum Land am A behält.

Europa ass an engem schlechten Zoustand. Och wann dat haut hei net esou oppen ugeschwat ginn ass vun de Virriedner, mä et ginn eng ganz Rei gravitéierend Problemer. De Brexit ass just e Symptom. An ech géif wierklech apelléieren, wéi mäi Frënd Roy Reding et schonn déi aner Woch gemaach hat, fir net de brittesche Wieler ëmmer als een duerststellen, deen net capabel wier, d'Konsequenze vu sengen Entscheedungen ofzeschätzen!

Dës Regierung huet ëmmer e Problem mat Referendum. Hei zu Lëtzebuerg waren 20%, déi d'Situatioun verstanen hunn, wann een der Regierung nolauschtert, 80% hunn dat net. A beim Brexit ass et äänlech. Déi, déi derfir gestëmmt hunn, déi hunn net verstanen, wat se wollten. Mä déi, déi dergéint gestëmmt hunn, dat ass déi gescheit Minoritéit. Also, esou kann een net un e Referendum erugeen! Et ass eng demokratesch Decisioun geholl ginn. De Brexit ass fir eis eng Tatsaach, e stellt Europa virun eng institutionell Kris an e stellt eis och viru Konsequenzen.

An ech mengen, eng vun den éischte Konsequenzen, déi och haut e puermol ugeschwat ginn ass, ass déi finanziell. Do ass gesot ginn: „Mir müssen dat kompenséieren, wat elo feelt am europäesche Budget, well d'Vereenegte Kinnekräich net méi abezilt.“ Neen! Wann Europa manner Suen zur Verfügung huet, da muss sech der Decken no gestreckt ginn. An da muss mer ebe kucken, datt mer eis Depensen de Recetten upassen. Ech mengen, dat ass dee Wee, deen ee soll goen, an net elo ufänken ze probéieren, esou ze maachen, wéi wann esou e grousst a wichtegt Land wéi dat Vereenegt

Kinnekräich nach Member wier. Et ass et net méi, an da muss mer eben eis Ambitiounen als Europäescher Unioun upassen.

D'Migratiounskris ass hei nëmme ganz, ganz weínege ugeschwat ginn. Ech kommen do weíneest nach méi drop zrëck. Mir hätten déi Migratiounskris, déi eng katastrophal Kris fir Europa war, wahrscheinlech déi gréisst säit dem Enn vum Zweete Weltkrich, déi mer hei haten an nach ëmmer hunn - si ass jo net eriwuer -, déi hätte mer net kritt an där Form, wann europäesch Institutiounen net gebraucht, mëssbraucht gi wären, fir se nach ze amplifizéieren. An ech kommen op deen Aspekt nach weider zrëck.

Mat der Eurokris ass Griichenland e gutt Beispill. Griichenland, wat praktesch net erlaabt krut, aus dem Euro auszuschéiden, obschonn et ëmmer erëm an der Diskussioun war an de verschiddene Réit, wou heiansdo d'Decisioun scho bal geholl war, fir Griichenland goen ze loosse, an et awer net gaangen ass. Da muss een awer kucken: Wéi ass dann elo d'Situatioun? Wat fir sozial Häerten huet dat an deem Land verursaacht, an och an anere Länner, déi gewësse Programmer ënnerwerf goufen? Ass dann net déi Häert, mat där Griichenland behandelt gouf an nach ëmmer behandelt gëtt, fir eis och eng dauernd Erënnerung drun, datt mer mussen deen Euro-System grondsätzlech a Fro stellen an och seng Schwächen unerkennen, mat alle Virdeeler, déi e fir eis huet? Mä och do muss mer eis realistesch mat där Fro auserneesetzen

An en anere Rëss, deen duerch Europa geet, dat ass kloer a bauseepoliteschen Domänen, notament zum Beispill dat Verhältnis zu Russland, wat eis ëmmer erëm beschäftegt, wou mer als Europäescher Unioun haut an enger Geiselroll gefaange si vun enger Minoritéit vu Memberstaaten, déi aktiv antirussesch Politik wëlle bedreiwen, a wou mer net capabel sinn, erauszekommen aus där Situatioun, wou mer och als Lëtzebuurger Regierung an als Lëtzebuurger Politik am Allgemengen eng aner Positioun verdréien. Ech froe mech, ob d'LSAP zum Beispill als Partei iwwerhaapt eng Visioun huet vun hirer Russlandpolitik, oder ob d'Regierung eng huet! Den Här Asselborn ass am Conseil ëmmer bei deenen, déi d'Sanktiounen verlängeren, an den Här Schneider, vun där selwechter Partei, fiert op Moskau, fir - mat Recht, wat mer ënnerstëtzen - d'Russe mat u Bord ze huelen, wéi beim „space mining“ an anere Saachen.

Ech mengen, heibannen ass keng Partei, déi eigentlech seet: „Déi Antirusslandpolitik an déi Sanktiounen si vernünfteg, mir müssen dat virummaachen.“ Ma da kommt, mir hunn och de Courage, fir ze soen: „Mir halen op domadder a mir kucken, datt mer d'Verhältnis zu Russland op eng aner Basis stellen!“

Et ass fir eis, an där Situatioun, wou Europa an enger déiwer Kris ass, verwonnerlech feststellen, datt elo eng Flucht no vir soll gemaach ginn. Datt ausgerechent an esou enger Situatioun elo op eemol Europa soll nei Initiativen huelen a verdéift ginn, amplaz emol fir d'Eischt ze probéieren, ze konsolidéieren, ze festegen, wat muss berouegt ginn an esou enger Situatioun. Neen, elo solle mer nach eng Verdeedegungsdimensioun kréien. Dat ass extrem kriddelech. Mir sollen och nach d'Wärungsunioun verdeiwen, wat och ganz problematesch ass.

An et gëtt alles gemaach, ouni d'Traitéen ze verännern! An ech mengen, hei läit eng ganz Symbolik dran, well eigentlech d'Europäescher Unioun - an dat huet een haut och dätlich erausgespuert -, well eigentlech vill Leit, déi an Europa Verantwortung hunn, wëssen, datt se net méi gedroe gëtt vum Wëlle vun hire Völker doheim, vun hirem Elektorat. Si wëssen dat. Si wëlle weidermaachen, vun uewen no ënnen de Leit eppes imposéieren, amplaz mat de Leit Europa ze bauen. Si wëssen a se spieren dat, se hunn e Mësstraue géintwuer dem Vollek, dofir keng Referendum, wa méiglech och keng Parlamentarier. Mir gi virun, laanscht d'Parlamentarier.

Mir hunn dat och ëmmer erëm gesinn an deene leschte Jore beim Euro, wa mer ëmmer méi streng Regele kréien, déi zum Deel laanscht d'Parlamentarier gaange sinn, iwwert de Wee vu Reglementer, wou eigentlech Direktiven hätte misse gemaach ginn, an all méiglech Schrëtt, fir ze probéieren, nëmmen net eng Approbation parlementaire oder eng Discussion parlementaire wierklech ze provoziéieren. Net nëmmen hei, mä an deene betrafene Staten alleguer.

An dat ass net dat Europa, wat mir eis virstellen. Mir stellen eis keen Europa vir, wat vun uewen no ënnen laanscht d'Bierger soll opgebaut ginn, mä als ADR soe mir: „Mir baue gär Europa mat de Leit, am Vertraue vun de Leit, mam Mandat vun de Leit.“ An do ass eng grondsätzlech „Bottom-up“, wann Der esou wëllt, amplaz „Top-down“, mä dat ass eng

grondsätzlech aner Astellung. Et ass am Respekt virum Mandat, well mir sinn ni eppes aneres wéi just Mandatairë vum Vollek, a mir ginn do net iwwer eis Pouvoiren eraus.

Et wor och interessant, ze gesinn, wéi d'CSV probéiert, dat politesch Europa eigentlech mat Gadgets opzebauen, déi a kengem Traité stinn. Eng politesch Kommissioun, déi Iddi vun enger politescher Kommissioun, déi steet a kengem Traité, mä trotzdem gëtt hei gesot: „Et gëtt eng europäesch politesch Kommissioun.“ Dat ass dann esou eppes wéi eng europäesch Regierung. Wat se net ass, a wat och net esou an den Traitéen ugeduecht ass! Déi Iddi vun engem Spëtzekandidat bei Europa, dat ass eng Absurditéit. Mir haten dat an deene leschten Europawahlen, mä wat huet et fir e Wäert, e Spëtzekandidat ze hunn, deen op kengem Wahlziedel kann ugekräizt ginn?

Alles dat sinn „Fictions de l'esprit“. Et sinn europäesch Enthusiasmen, déi vlächcht do derhannerstinn, politesch Tatsaachen, déi op näischt berouen, an déi awer do sollen no vir bruecht ginn. Och dat ass net eise Wee an Europa. Mir wëllen net eppes Politesches zauberen, wat a kengem Traité, a kenger realistischer Appreciation vun Europa iwwerhaapt ka bestoen.

Mir wëllen als ADR och Stellung huelen zu deenen Zenarioen. Wat ass dann eis Visioun? Ech hu gesot, anescht wéi d'CSV: „Mir ginn net op de Wee, datt mer eist Land wëllen opléisen an Europa. Mir si fir en Europa vun den Natiounen.“ Mir si fir e Subsidiaritätsprinzip, wat wierklech gelieft gëtt, also no bei de Bierger d'Decisiounen huelen. Mir bauen Europa mat de Bierger an net géint d'Bierger. A mir brauchen e Bannemaart an eng Währungsunioun. Dat ass deen eigentleche Fong, dee mer brauchen: Zenario 2, awer Zenario 2 plus.

Mir kënnen ëmmer doriwwer erausgoen an engem Modell 3 oder 4, wéi dat hei ëmmer erëm gesot ginn ass. Dat muss mer kucken, awer mir kucken dat pragmatesch, mir kucken et flexibel. Mir kucken: Wat ass an eise Interesse? Mir sinn dacks schonn ze wäit gaangen. Mam Exequatur zum Beispill, wou mer deen ofgeschafft hunn, si mer ze wäit gaangen, well mer d'Rechtssécherheet vun de Bierger hei am Land reduzéiert hunn. Dat war mat der ADR net geschitt. Et ass awer an der leschter Regierung esou ugehall ginn, datt mer hei juristesche Decisiounen aus dem Ausland unerkennen, wou mer wëssen, datt déi Justizsystemer zum Deel total korrupt sinn. An awer gi mer hei hin a mir erkennen esou Decisiounen un. Mir hätten dat net gemaach.

(Interruption)

Dat soziaalt Europa ass och eppes, wat mir eis wënschen, an dat hu mir säit éiweg am Wahlprogramm. Et gëtt elo Modellen, den Här Adam huet rappeliert: 60% vum Mindestloun. Mä et gëtt, an dat ass och kloer, immens Geforen an deem Beräich. Ech weess, datt hei Slogane sinn, och vun der Säit vun eise sozialistesche Kolleegen an esou weider, datt ëmmer erëm betount gëtt: „Jo, mir müssen en Triple-A social kréien!“ Jo, dergéint huet kee Lëtzebuurger eppes, soulaang mir an eise Modus vu Raisonement bleiwen. Da war et schéin, wa mer deen Triple-A social kéinten exportéieren, mä d'Wierklechkeet ass net esou. D'Wierklechkeet ass déi, datt et kee gemeinsamt Versteedsdemech an Europa gëtt, wat dann dat soziaalt Europa soll sinn.

Wann een der Kommissioun nolauschtert, den Här Timmermans huet dat nach eng kéier widerholl, wéi en hei war, dann huet e gesot: „Dat ass, géint d'Scholde kämpfen, géint d'Dette publique, d'Ofschaf vum der Dette publique.“ An natierlech hänkt dat zesumme mat enger Austeritéitspolitik, déi d'Gewerkschaften a vill aner Akteuren ëmmer erëm aktiv kritiséieren. Dat ass d'Approche vun der Kommissioun. Datt d'Gewerkschaften eng aner hunn, ass kloer, mä wann een dann an den Detail erageet, da mierkt een, datt och fir Lëtzebuerg Geforen an der Iddi vum sozialen Europa sinn.

Mir haten déi Diskussioun iwwer national Kommissiounen, déi sollen agesat ginn, fir dat ze kontrolléieren. Mir müssen eis froen: Wéi ass et da mam Lëtzebuurger Index, wa mer ufänken, d'Sozialpolitik an Europa ze harmoniséieren? Wéi ass et mat der Autonomie, mat der Tariff-Autonomie, mat Gehälterverhandlungen, mat eise Méiglechkeeten, selwer iwwer eis Struktur an der Remuneration an de Betriber, beim Stat an esou weider ze diskutéieren? Wat géif dovunner bleiwe bei deene Conseils nationaux de compétitivité? Am Abléck soe mer neen. Mä wie weess, wat dann alles nach do ka kommen!

D'Verrengerung vun de Käschte vun der Aarbecht ass en Zil vu ville Leit an Europa. An et ass eng Gefor fir all déi Leit, déi sozial denken. Dat heescht, mir wëllen als ADR, wéi aner Parteien hei och, e soziaalt Europa, mä loosse mer eis bewosst sinn, datt do och Geforen domat verbonne sinn!



D'Migratioun, dat ass eppes, wat ech nëmme ganz kuerz wëll uschneiden. Awer ech wëll lech dat net erspueren, well et ass vun Ufank un e Rechtsbroch gewiescht! A wa mir an Europa wëllen e Vertrauen an Europa schafen, wa mer wëlle soen: „Europa ass eng Rechtsgemeinschaft“, an ech mengen, et ass wichteg, datt mer eis dorobber kënne beruffen, well Rechtsstat, Rechtsgemeinschaft, Europa op rechtliche Basen ass net vuneneen ze trennen, ma déi ganz Migratiounsproblematik war vun Ufank un e Rechtsbroch, verursaacht eesäiteg vun der däitscher Regierung. E Broch vun der Genfer Flüchtlingskonventioun. E Broch vun de Genfer Konventiounen vun 1949. E Broch vun der Dublin-Konventioun, déi ëmmer erëm dann ausgesat ginn ass, wann et déi däitsch Regierung arrangéiert huet, an elo erëm soll gëllen. Och an där Situatioun mat Italien eventuell erëm soll gëllen, wat elo eleng gelooss gëtt.

An net nëmmen, datt et e Rechtsbroch war vun Ufank un, mä en hätt och kënne all Abléck ausgesat ginn! A wann een déi Publikatioun liest, déi a leschter Zäit do erschéngen, d'Analyse vum Verhale vun der däitscher Regierung, da muss een ëmmer soen, datt dat eratesch war. Et wär zu all Abléck méiglech gewiescht, d'Grenzen zouzemaachen. Mä d'Bundeskanzlerin wollt keng onpopulär Biller, also ass et net gemaach ginn. Si wollt keng onpopulär Biller, soulaang et op der däitscher Grenz war. Wann et zu Idomeni war, war kee Problem. Wann et elo un der tierkesch-syrescher Grenz ass, ass kee Problem. Dat ass d'Realitéit an Europa.

An d'Roll vun der Lëtzebuurger Presidence, dat war eng Vasalleroll. Dat war an der Presidence...

(Brouhaha)

Dat war eng Vasalleroll, wou d'Lëtzebuurger Regierung dat gemaach huet, wat Berlin decidéiert huet. An dat ass eppes, wat...

(Interruptions)

...e graven, en déiwe Gruef an Europa mat-verursaacht huet. An dat ass net eriwwer!

(Brouhaha)

U sech hätt ee kënne vun dëser Regierung erwaarden, datt se Léiere gezunn hätt, datt se sech net méi an dat däitscht Boot eranzéie léisst, wat esou vill Schued gemaach huet do-duerch. Datt ganz vill Länner elo och mat eis Problemer hunn, dat huet verschidden Ursachen, mä déi Diskussiounen, déi mer elo hunn, an den Här Minister Asselborn féiert déi och, datt d'Migratioun, d'Verdeelung vu Flüchtlingen an d'Solidaritéit op monetärer Basis, datt dat zesummenhänkt, dat verdéift erëm eng Kéier de Gruef an Europa. Mir wëllen dat net. Mir hätte gär, datt mer zrëckkommen op eng rational Politik, datt mer respektéieren, datt d'State kënne selwer decidéieren, wie bei hinne wunnt a wien net.

An dat ass bei den EU-Bierger,...

(Interruption)

...do hu mer d'Liberté de circulation des personnes - Här Asselborn, lauschtet gutt, well et ass interessant fir lech! -, mir hunn dat am Traité.

(Brouhaha)

Mir hunn am Traité d'Liberté de circulation des personnes, mä dat gëllt fir EU-Bierger, dat gëllt net fir Drëttsatler. Déi ganz Logik derhannert, déi hält sech net. An et ass normal, et ass vollkommen normal, datt déi Diskussiounen, oder datt vill Staten iwwerhaupt net ëmsetzen, wat do an der Lëtzebuurger Presidence par vote à majorité qualifiée decidéiert ginn ass. Si setzen et net ëm. Déi Eenzeg, déi et ëmsetzen,...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

...dat sinn d'Lëtzebuurger!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dat sinn d'Lëtzebuurger!

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Ech wollt, Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dir hutt herno all Zäit, fir drop ze äntwerten.

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- ...ech wollt just dem Här Kartheiser soen, e soll sech nach ee Mount gedéllegen.

(Brouhaha)

Da kënnt d'Uerteel vum Europäesche Gerichtshaff. Da kann den Här Kartheiser dat kommentéieren.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech hunn net héieren, wat Der gesot hutt, Här Minister. Kënnt Dir nach eng Kéier...

► **Une voix**.- De Paschtouer priedegt nëmmen eemol.

(Hilarité)

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Et ass, wéi Dir wëllt. Et ass, wéi Dir wëllt.

► **Une autre voix**.- „De Paschtouer“ hutt Der richtig gutt gesot!

(Hilarité)

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Also, nom Här Asselborn senger Ennerbriechung wëll ech just nach zwee Wieder soen iwwert den Euro an dann zur Konkusioun kommen, well ech mengen, d'Zäit ass jo elo eriwwer.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, d'Zäit ass eriwwer.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Voilà.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Kommt zur Konkusioun, Här Kartheiser!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Voilà, dat maachen ech dann och gär.

Beim Euro hate mer genau déiselwecht Situatioun. Mir haten och dauernd Vertragsverletzung beim Euro. Mir haten, dat huet den Här Adam och gesot, Konvergenzkritären, déi gebrach gi sinn, eigentlech ëmmer erëm, an dat ass jo och eppes, wat d'Vertraue vun de Bierger an d'Vertrag ënnergrueft: datt se gesinn, datt eigentlech d'State sech net drun halen an iwwerhaupt keng Sanktioun geholl ginn. An och dorausser muss een da kënne Konkusiounen zéien.

Den Euro bréngt fir Lëtzebuerg eng Rei Geforen. A mir hunn och do eng Situatioun, wou mer risquéieren, datt eis monetär Situatioun do-duerch veronséichert gëtt, datt den Euro ausserneebrécht. An et ass net onméiglech, datt den Euro gespléckt gëtt.

Ech wéilt also als Konkusioun, och zugonschte vum Här Asselborn, nach eng Kéier widderhuelen, datt d'ADR fir d'Verdeedegung vun eisen nationalen Interessie steet, wa mer Europa zesumme bauen. Mir sinn net géint Europa. Mir sinn europäesch Realisten. A mir respektéieren d'Traitéen. Mir si fir Subsidiaritéit a mir si virun allem derfir, datt mer, wa mer Europa bauen, d'Traitée respektéieren, an d'Leit respektéieren, well ouni Mandat vum Vollek maache mir näischt!

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Nächste Riedner ass den Här Marc Baum vun déi Lénk.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Merci, Här President. Et gëtt wuel kee Land an Europa, wat esou vun der europäescher Integratioun profitéiert huet wéi Lëtzebuerg a gläichzäiteg och esou ofhängeg ass vun där europäescher Integratioun.

De Fraktiounschef vun der Sozialistescher Partei, den Här Bodry, huet virdrun zu Recht gesot, datt eng Debatt iwwert d'Zukunft vun Europa och ëmmer direkt verbonnen ass mat enger Debatt iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg. Mir gesinn dat och esou, och well mer vläicht net grad glécklech si mat där doter Europäescher Unioun, net mat hire Strukturen an ze-mools och net mat hirer Politik. Mä mer mussen awer als Réalitéit unerkennen, datt eist Land ouni d'Europäesch Unioun e ganz schwéiere Stand an der Welt hätt.

Deementspriedend enttäuscht si mer awer iwwert d'Aart a Weis, wéi d'Thema vun der Zukunft vun der Europäescher Unioun an der Eurozon hei am Parlament diskutéiert gëtt.

Den Här Adam hat et virdru scho gesot: Den 9. September 2015 huet de Serge Urbany eng Interpellatioun gemaach, eng Demande d'interpellation, déi duerno an en Débat d'orientation ëmgewandelt ginn ass mat Rapport, ënnert der Zoustëmmung vun alle Fraktiounen a Sensibilitäten. Dat war elo viru 673 Deeg. An d'Fro ass awer berechtigt, wat dann elo geschitt ass an deene 673 Deeg, wat geschitt ass, wat och net stattfonnt hätt, wa mer deen Debat an dee Rapport net hätten.

A wat do iwwreg bleift, dat ass en Hearing mat de Sozialpartner virun engem Joer, eng Reunoun mam President vun der Lëtzebuurger Zentralbank virun engem Joer an zwou Reunione vun der aussepolitescher Kommissioun, fir dese Rapport unzehuelen. Mir hätten eis vläicht méi Debatte gewünscht an der aussepolitescher Kommissioun an och vläicht méi strukturell a punktuell cibléiert Debatten.

Bon, elo hu mer dës Debatt hei an der Chamber, nom Modell 2 mat 15 Minuten. Mir sinn net besonnesch glécklech doriwwer, mä dat ass elo eben esou. Mä virum Hannergrond vun deem, wat den Här Bodry virdru gesot huet: „D'Debatt iwwert d'Zukunft vun Europa ass eng Debatt iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg“,

fanne mer et awer scho bezeichnend, datt de Premier de Choix getraff huet, en Tennismatch op London kucken ze goen...

(Brouhaha)

...an net hei bei dëser Debatt derbäi ze sinn. Virun zwou Woche bei der Brexit-Debatt,...

(Brouhaha général)

...virun zwou Woche bei der Brexit-Debatt...

► **Mme Nancy Arendt** (CSV).- Awer en eierbaren Tennismatch!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- ...ware fënnel Ministeren, fënnel Ministeren do!

(Brouhaha)

► **M. Claude Lamberty** (DP).- Eis Regierung ass vertrueden, an dat ass Nation Branding total!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Dat weist de Stellewäert, de Stellewäert, deen d'Regierung där doter Debatt gëtt!

(Brouhaha)

Well Lëtzebuerg war dach emol eng Kéier de Motor vun der europäescher Integratioun, dat Land, wat vermëttelt huet, dat Land, wat vermëttelt huet...

► **M. Claude Lamberty** (DP).- Et si scho méi Entreprises, déi vun England heihinnerkommen.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- ...tëschent deenen eenzelne Länner a wat ëmmer Virreider war um Wee fir eng politesch Unioun,...

(Interruption)

...an dovunner ass awer net méi vill iwwreg bliwwen!

Den Här Ausseminister mécht sech nach bemierkbar um Plang vun der Flüchtlingskris. An dat begrësse mer och. Mä fir de Rescht ass Lëtzebuerg zimlech vill ofgemellt an den zentralen Diskussiounen ëm d'Zukunft vun Europa.

An dat ass keen Zoufall. Well et läit dorunner, datt d'Regierung vill ze vill domat beschäftigt ass, an de Couloiren zu Bréssel de Status quo a Steierfroen oprechtzëerhalen. Mir sinn do net d'Lokomotiv! Mir sinn éischter de Bremser! Mir bremse beim effentlechen „country-by-country“! A mer bremse bei der gemeinsamer Betrëbsbesteuerung!

De Fokus vun der Lëtzebuurger Europapolitik ass esou op dës Froen, op dës Steierfroen ausgerichtet, esou drop ausgerichtet, datt mer net nëmme Steierfroen blockéieren, mä e groussen Deel vun der europapolitescher Diplomatie do-duerjer blockéiert ass. A genee dat ass et, wat d'Europäesch Unioun läamt: dës Attitüd vun all Land, fir sech säin eegene kleng Virdeel ze sécheren an dobäi dat Ganzt aus den Aen ze verléieren. An doranner ass dës Regierung kee Stéck besser wéi iergendeng aner Regierung an der EU.

Här President, d'Biergerinnen an d'Bierger an Europa hunn net méi d'Gefill, datt se an engem gemeinsame Boot setzen.

An der Belsch verléiert de Camionschauffer säin Job wéinst dem Sozialdumping a Rumänien. An Eisträich muss e Libraire säi Buttek zoumaachen, well Amazon zu Lëtzebuerg e Ruling kritt huet a just nach 0,5% Steiere bezilt. A Frankräich flitt e Fabrikaarbechter endgültig an de Chômage, well seng Firma a Polen delokaliséiert, während de Fabrikaarbechter an Däitschland e Misärssalaire akzeptéiere muss, well e gesot kritt, soss géif seng Firma a Lettland delokaliséieren.

D'Bierger an Europa hunn net méi d'Gefill, gemeinsam an engem Boot ze setzen. Si hunn d'Gefill, ënnereneen an enger knallhaarder Konkurrenz ze stoen.

Millioune vu Leit an Europa si fir e Verbuet vum Glyphosat, deen als kribserreegend agestuift gëtt, a gesinn dann, wéi dës Substanz vun der EU-Kommissioun eng nei Erlaabis kritt. Millioune Leit sinn a ganz Europa op d'Strooss gaangen, fir géint CETA, TTIP ze demonstréieren oder hu Petitiounen dergéint ënnerschriwwen, fir dann ze gesinn, wéi hir Meinung einfach ignoréiert gëtt. Si kréie mat, wéi grouss Autokonzerner d'Politik an d'Konsumente bewosst täuschen an dann ouni Sanktiounen dovukommen. Si gesinn den deegleche Lobbyzirkus zu Bréssel a verstinn intuitiv, datt hir Interéien net priméieren.

D'Bierger an Europa hunn net méi d'Gefill, datt d'EU si beschützt. A Portugal muss e chronesch Kranken op säin Traitement verzichten, well mat de Strukturreformen aus Bréssel d'Gesondheitsprestatiounen gestrach goufen. A Spuenien wëssen a gesinn Zéngdausende vu Jugendlechen, datt se net méi d'Chance hunn, e gutt bezuelten CDI ze kréien, well den Aarbechtsmarché op Virgab vu Bréssel dereguléiert gouf. An a ganz Europa huet ee gesinn, wéi dat griichescht Vollek ofgestrooft an er-

niddregt ginn ass am Numm vun der Finanzoligarchie, fir Banken ze retten.

Verbatterung, Roserei, Angscht virum sozialen Ofstig si kee Randphenomeen an Europa méi, mä erfassen ëmmer méi Schichte vun der Bevëlkerung a ganz Europa. D'Leit verstümmelt net d'Spätzfindegkeete vun deene politeschen a wirtschaftlechen Ofleef, mä si verstinn awer, datt eppes schifleeft zu Bréssel. Si verstinn, datt do eng Politik gemaach gëtt, déi op Konkurrenz an op Renditten opgebaut ass an net op Solidaritéit a Mënschlechkeet. Eng Politik, déi ganz kloer hinnen ze verstoe gëtt: Wie schwach ass, deen ass selwer schold a brauch keng Hëllef ze erwaarden. Do si mer ukomm!

An de Kär vum Problem ass eng politesch Elitt, déi an hirer neoliberaler Weltsicht gefangen ass an déi ausser Strukturreforme fir méi Kompetitivitéit oder dem Opstelle vu militäreschen Interventiounscapacitëten net méi vill ze bidden huet; eng politesch Elitt, déi rücksichtslos eng Politik verfolge, déi eenzeg an eleng op Exportiwwerschëss ausgerichtet ass, an déi amgaangen ass, dat Versprieche vu Solidaritéit, Demokratie a Wuelstand, dat d'Europäesch Unioun am Ufank ofginn huet, komplett a säi Géigendeel ze verwandelen. Eng Elitt, déi amgaangen ass, deen ambitionéiertste politesch Projet an der Geschicht mat Vollgas widdert d'Mauer ze rennen!

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Oh, mäi Gott!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Här President, ech hu leider keng Zäit fir méi eng déif gräifend...

(Brouhaha)

...Analys, da misst och net en DP-Deputéierten hei den Härgott urufen.

(Brouhaha général)

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Glécklecherweis! Allez, allez!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Ech wëll awer op verschidde Saachen agoen. Ech misst näamlech méi déif iwwert d'Aart a Weis schwätzen,...

► **M. Alexander Krieps** (DP).- Jo, jo, jo. Macht dat!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- ...wéi d'EU mat der Kris vun 2008 ëmgaangen ass.

(Interruptions diverses)

Zum Deel si wichteg Elementer dovunner an dem Rapport, dee mer och guttheeschen, wéi déi Kris benotzt ginn ass, fir genau déi Politik ze verstärken, déi eis iwwerhaupt an déi Kris gefouert huet!

Et misst ee schwätzen iwwert d'Austeritéitspolitik, déi Milliounen Leit veraarme gelooss huet an eng ganz Generatioun geaffert huet um Altor vun der Kompetitivitéit.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Très bien!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Eng Austeritéitspolitik, déi d'Inegalitéiten tëschent de Länner, de Regionen an den Individue verstärkt huet, genausou wéi se dem Rietsnationalismus a ganz Europa zu engem neien a schrecklechen Opschwung verholfen huet.

An natierlech misst een och méi déif iwwert d'Griichenlandkris schwätzen an iwwert de Rôle vun all eenzelne Akteur an där Tragedie, y compris och de Rôle vun der lëtzebuerger Regierung.

Dës Griichenlandkris war eng, wou d'Europäesch Unioun hiert ellenst Gesiicht gewisen huet a wou Europa e Signal un d'Populatioun geschéckt huet, wou se geléiert gi sinn, wat et heescht, wa se sech géint de Konsens (veuillez lire: den neoliberale Konsens) wieren. An natierlech misst een och méi déif iwwert déi méi generell wirtschaftlech Ongläichgewichter innerhalb vun der Eurozon schwätzen, iwwer Leeschtungsbilanzen a Lohnstückkosten an iwwer komplett absurd Budgetregelen, iwwert déi Aart a Weis, wéi bestëmmte Memberstaten hir dominant Positioun mëssbrauchen, fir aner Länner widdert d'Mauer ze drécken.

Et misst een iwwert déi evident Lacunne vun der Währungsunioun schwätzen an iwwert d'Wahrscheinlechkeet, datt se eis bei der nächster Kris erëm eng Kéier ëm d'Ouere flitt. An natierlech iwwert d'Flüchtlingskris an iwwert deen aarmséilege Spektakel, dee virun allem den Europäesche Rot an och do eenzel Länner veranstalten. Iwwert deen eklatanten Demokratiedefizit zu Bréssel an d'Ontransparenz vun Entscheedungsprozeduren, notament wat den Eurogroup ubelaangt. Net ze schwätze vun all deenen inoffiziellen oder offiziöse Gremien an Expertengruppen, déi keng



demokratesch Legitimation hunn an Decisiounen wesentlech matbestëmmen.

An natierlech och iwwert d'Handelspolitik misst ee schwätzen, déi awer am Interess vum deene grouse Multinationale gefouert gëtt an déi um Ursprong ass vu ganz ville globale Feelentwécklungen an déi och aner Kollateralschied mat sech dréit, wéi zum Beispill Migratiounsbewegungen op anere Kontinenter.

Dofir wëll ech awer, well ech net kann an den Detail goen, déi puer Momenter, déi ech hunn, op dat konzentréieren, wat an eisen Aen dréngend ass, nämlech Léisungen ze proposéieren, wéi d'Europäesch Unioun misst néidegerweis transforméiert ginn.

Här President, ech wëll mech hei bewosst net op deen een oder deen aneren Zeenario aus dem Wäissbuch aloossen. Dat ass eng Diskusioun, déi een aus ville verschiddene Gesiichtspunkte féiere kann, déi schlussendlech vun der eigentlecher Fro oflenken.

Wichtig ass, datt d'EU erëm eng Politik mécht, déi am Dängscht vun de Leit steet, vun hire Biergerinnen a Bierger steet an déi vulnerabel Gruppe stäerkt a beschützt. D'Austeritéitspolitik muss ophalen an deen destruktive Konkurrenzkampf vun den Natiounen muss ersat ginn duerch e solidarescht Matenee vun de Populatiounen.

Wann dat ouni Traitésännerunge geet, dann ass dat sécher méi einfach. Mä et däerf een awer och keng Angscht hu virun institutionelle Verännerungen, wann déi am Sënn vun de Biergerinnen a Bierger sinn. Da gi se nämlech och vun hinnen akzeptéiert!

Wat sinn dann elo dës Reformen, déi eiser Meenung no misste kommen, fir datt d'Europäesch Unioun erëm zu eppes gëtt, wat een erëm als fortschrëttlech bezeche këint? E Projet, dee fir Friden, Solidaritéit, sozial Gerechtegkeet a soziale Fortschrëtt steet?

Éischtens, de Sozial- an de Fiskaldumping tëscht den EU-Membere muss ophalen. Duerfir brauche mer eng gemeinsam ambitionéiert Sozialpolitik, déi am Mëttelpunkt vun allen Iwwerleeunge steet. Mir brauchen eng koordinéiert Lounpolitik, déi d'Aarbecht erëm opwäert. Mir brauchen eng gemeinsam Betriebsbesteuerung a streng Mesur géint Fiskaldumping a Steuerflucht.

Zweetens brauche mer eng demokratesch, dat heescht eng vum Europaparlament kontrolléiert europäesch Wirtschaftsregierung mat engem eegene Budget, dee seriö ze huelen ass, fir op déi spezifesch Situatioun vun all Memberland kënnen anzegoen. Et musse Mechanisme vun enger Ausgläichsunioun agefouert ginn, mat dem Zil vun ausgeglache Leeschtungsbalancen tëscht den Eurolänner. Iwwerschëss musse verënnert ginn.

Drëttens brauche mer verstärkt europäesch Investitiounsprogrammer, fir strukturschwaach Raim ze stäerken a fir déi sozial-ökologesch Transitioun ze packen. Dës Investitiounsprogrammer kënnen net eleng iwwert de private Sektour gefouert ginn, mä brauchen ëffentlech Gelder, déi duerfir mobiliséiert musse ginn. An dat geet wäit iwwert d'Hiewelwierkung vun engem Juncker-Plang eraus.

Véiertens: Et brauch een och eng gemeinsam Scholdepolitik mat Eurobonds. Dat heescht jo net, datt mer d'Scholde vun deenen anere bezuele mussen, mä just, datt mer e gemeinsamen Taux an eng gemeinsam Haftung hunn.

Fënneftens: Mir brauchen eng staark Reguléierung vun de Finanzmäert, fir datt se erëm op d'Besoinen vun der Realwirtschaft ausgeriicht ginn an och fir zukünftige Finanzkrisen ze vermeiden. An dorënner falen eng Trennung vun Invest an traditionellem Bankegeschäft, d'Arschränkung vun der Spekulation an d'Aféierung vun enger Finanztransaktionssteuer.

Sechstens: Mir brauchen eng radikal Demokratiséierung vun der EU a méi Transparenz an de politeschen Instanzen. An dat heescht virun allem, datt d'Europaparlament méi Pouvoir muss kréien op d'Käschte vum Europäesche Rot an datt d'Konzept vun der europäescher Biergerinitiativ vill méi Gewicht muss kréien.

Här President, natierlech heeschen esou Verännerungen fir Länner, déi am Moment op der Sonnenäit stinn, datt se méi mussen an e gemeinsam Dëppen abezuelen, datt se eventuell och mussen de Fouss vum Gas huelen a Waasser an hire Wäin schëdden. Mä laangfristeg ass dat déi eenzeg Méiglechkeet, wéi mer dese gemeinsame Projet wëlle retten.

De Kapp anzéien a sech duerchwurstelen, wéi dat am Moment geschitt, ass keng Optioun fir eis. Mir wënschen eis oder mer géifen

eis wënschen, wann dës Regierung sech géif zesummerappen an eng Europapolitik géif féieren, déi net eleng vun nationalem Egoismus, mä vun europäescher Solidaritéit a vu längerfristige Visiounen geleet wier.

Här President, wat de Rapport ugeet, sou ass dësen net grondsätzlech schlecht. Mä eis Positionen, déi ech grad exposéiert hunn, fanne sech doranner nëmmen deelweis erëm. Mir fannen, datt den analyteschen Deel vum Rapport ganz wesentlech a wichteg Elementer opzielt, mä mer mengen, datt en net konsequent ass an datt d'Konklusioun vum Rapport eigentlech deenen analytesche Schwaachpunkte vun der Konstruktioun net entsprechen.

Merci.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Laurent Mosar.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi de Kommissionspräsident Jean-Claude Juncker viru véier Méint säi Wäissbuch zur Zukunft vun Europa virgestallt huet, sot hien, an ech zitieren: „Deen däischtersten Dag am Joer 2017 wäert mat Sécherheet méi hell si wéi deen Dag, deen eis Pappen a Grouspappen op de Schluechtfelder verbruecht hunn.“ Dës Ausso ass am Ufank vun dësem Joer gemaach ginn an do hunn d'Joresausblécker éischter zu der Zort méi düster Lektür gehéiert.

Politesch, awer och wirtschaftlech Commentairen hunn ee vu Skepsis gepräagte Panoptikum vu Risiken a Suergen zesummegefallt. Mä wéi esou oft kënnt alles anescht, soudatt et net auszuschléissen ass, datt am Ufank 2018, wann déi üblech Réckblécker op 2017 kommen, déi Ausblécker vläicht guer net méi esou düster sinn, wéi se nach am Ufank vun dësem Joer waren.

D'Potenzial fir dës positiv Iwwerraschung huet dann awer virun allem déi politesch a wirtschaftlech Entwécklung an Europa. Interessant ass dës Noriicht, well se jo eigentlech guer net zu deem Bild vun Europa als enger verluerener Regioun am permanente Krisenzoustand passt. An dat ëmsou méi, well d'Unzeeche fir e wirtschaftleche Comeback vun Ale Kontinent eigentlech net méi ze iwwersi sinn.

Wat ass do passéiert? Mä ganz einfach: Europa wüsst erëm. An allen Euro-Länner huet d'Wirtschaft d'Rezessioun iwwerwonnen. Säit 2013 si knapp 4,5 Milliounen nei Aarbechtsplazen entstanen, an zwar net nëmmen an Däitschland, mä och a Spuenien, Frankräich, Italien a souguer a Griichenland. Dës nei Croissance, dës nei Aarbechtsplazen, dësen neien Elan an Europa an an der Eurozon sinn net einfach esou vum Himmel gefall, mä hunn och politesch Ursaachen.

Eng dovunner ass ouni Zweifel och de sougenannte Juncker-Plang, deen eendeiteg positiv Effekter fir d'Leit an op d'Wirtschaft hat.

Och, Här President, ass um Atmosphäresche ganz besonnesch an deene Méint nom Brexit eppes geschitt: nämlech, datt ëmmer méi jonk Mënschen amgaange sinn, erëm d'Virdeeler vun enger Europäescher Unioun ze entdecken. Dës jonk Generatioun huet geléiert, iwwer fräi Zirkulation sech selwer ze entfalten, a si ass zum Deel vum EU-Bashing, dee vun der Politik a vun de Medien oft bedriwwen gëtt, souguer richteg degoutéiert.

A fir dës jonk Generatioun ass d'Europäesch Unioun weder eng Fantasie vun Europanostalgiker nach en egalitäre Kuckucksee. An dës jonk Generatioun ass och bereet, sech méi politesch ze engagéieren, wéi een dat bei deene rezente franséische Legislatiwahle konstatéieren, wou net nëmme méi Fraen, mä och wesentlech méi jonk Politiker, zum Deel souguer ënner 30 Joer, op de Lëscht kandidéiert hunn an och gewielt gi sinn.

Här President, nodeem mäi Fraktiounschef Claude Wiseler e méi generellen Iwwerbléck iwwert d'Zukunft vun der Unioun gemaach huet, géif ech mech a menger méi kuerzer Interventioun haaptsächlech mat der Zukunft vun der Eurozon an op där anerer Säit awer och mat der Flüchtlingsproblematik beschäftegen, net ouni awer e ganz grouse Merci un eise Président-rapporteur ze maachen, deen dat, wéi mer et vun em gewinnt sinn, op eng ganz komplett, detailléiert Manéier gemaach huet, awer och haaptsächlech um Niveau vun den Diskussiounen ëmmer op war fir all Sugestiounen a Kriticken. Duerfir dem Här Angel e ganz grouse Merci!

Här President, déi zwou Froen, op déi mir an den nächste Wochen a Méint mussen eng Äntwert ginn, sinn déi vun der Gouvernance vun dem gemeinsamen europäesche Wirtschaftsraum an déi domadder zesummenhängend Fro vun engem europäesche Finanzminister an op där anerer Säit vun der Reform vum EU-Budget.

Mir sinn hei fir viles op, well d'Eurozon brauch eng nei Dynamik, awer an enger éischter Phas sollt ee sech emol Gedanken iwwert d'Zukunft vum Eurogroup selwer maachen, ier ee sech mat der Reform vum EU-Budget auserreesetzt an ier ee sech och iwwert de Sënn an den Zweck vun engem europäesche Finanzminister ausdréckt.

Grondsätzlech kann esou e Finanzminister, Dir Dammen an Dir Hären, Sënn maachen, mä da muss en awer och Moyenen hunn! An den institutionelle Rumm muss stëmmen! An hei bleift awer nach ganz vill Denk- an Iwwerzeegungsarbecht ze leeschten.

En attendant, Här President, plädéiere mir elo emol fir e vollberufflechen Eurogroup-Chef, well mer der Iwwerzeegung sinn, datt dës en eminent wichtige Posten ass, deen een eigentlech net gläichzäiteg mat engem Finanzministermandat an engem Memberland soll ausüben.

Wat d'Fro vun de Finanzen vun der Europäescher Unioun an domadder och den EU-Budget betrëfft, si mir saisiert op där enger Säit mam Rapport vum Mario Monti an op där anerer Säit mam Wäissbuch vum Kommissär Oettinger, dee mer jo och wäerten an deenen nächsten Deeg hei an der Chamber gesinn.

Ech hunn elo net d'Zäit, fir an den Detail vun dësen zwee Rapporten anzegoen, allerdéngs ass et esou, datt et dem Här Monti am Géigesaz zum Här Oettinger net virun allem ëm méi Geld an der EU geet, mä hie wëllt en neie System aféieren, andeem hie wëllt ewechkomme vun den Iwwerweisung vum de Memberstaten op Bréssel, bei deem jiddwereen duerno genau norecht, wivill datt en dann abezuelt huet an herno erëm erauskritt. Och wann d'Objektiver vum Här Monti duerchaus éierbar an novollzéierbar sinn, besteet dach d'Gefor, datt herno europäesch Steuerzueler bei sengem System duerno duebel bezuelen, nämlech trotz direkter Steuer un d'EU géifen nämlech wahrscheenlech - a losse mer eis do keng Illusionen maachen! - déi allermengsten EU-Memberstaten hir Steuern erofsetzen, soudatt finalement de Bierger méi géif un Europa bezuelen.

Souwiso, Dir Dammen an Dir Hären, muss ech lech soen, datt ech net iwwerzeegt sinn, datt d'Aféiere vun enger eegener EU-Steier momentan besonnesch politesch sënnavoll wier. Ech hunn éischter d'Gefill, datt Europa sech domat kee Gefale wäert maachen, well ech fäert gann, datt da ganz vill Bierger erëm an hirem Skeptizismus an Onmutt géintwuer Europa wäerte bestärkt ginn.

Allerdéngs, an do deelen ech dem Här Oettinger säin Uleies, steet d'Europäesch Unioun virun immensen neien Aufgaben, wann ech nëmmen d'Flüchtlingsthematik kucken, awer och op där anerer Säit d'Extensioun, iwwert déi jo scho geschwat ginn ass, vum EU-Juncker-Plang.

All dës nei Aufgabe wäerten net nëmmen héije Käschtpunkt mat sech bréngen, mä si fir eis och absolutt prioritär, a mir mussen dann och duerfir deen néidege Finanzement fannen.

Derbäi kënnt, datt duerch d'Ewechfalen, an dat ass de Mëtten och schonn e puermol hei ugeklongen, vu mindestens zéng Milliarden, déi Groussbritannien all Joers an den EU-Budget abezuelt huet, déi net méi wäerten do sinn, mer hei en zousätzlech Lach kréien.

Et wär also sënnavoll, Här Finanzminister, wa mir eis an deenen nächste Wochen a Méint géife Gedanken maachen, wéi dat Lach ka gestoppt ginn a wéi mer déi immens Erausforderungen, déi op d'Unioun zoukommen, finanziell an deenen nächste Jore kënnen schëlleren.

An deenen Diskussiounen wäert fir vill Leit eng ege Steuer - losse mer eis do näischt virmaachen! - dee méi bequeme Wee duerstellen. Allerdéngs, an duerfir wëll ech och direkt virun esou enger Steuer warnen, kënnen ege Finanzquelle vun der EU herno d'Basis bilden, fir datt an enger nächster Etapp no der Méiglechkeet geruff gëtt, och kënnen als EU Scholden ze maachen, an dann hätte mer niewent de Steieren eng zweet traditionell Finanzierungsquelle erschloss. An dat, Dir Dammen an Dir Hären, wär absolutt net gutt fir d'Europäesch Unioun!

An da komme mer schlussendlech zu där éiweiger Fro, déi mer och an eisen nationale Budgetsdebatten féieren, nämlech datt et net fir d'Éischt kann drëm goen, méi Recetten ze generéieren, mä dorëm, déi besteeënd besser a méi effizient auszeiginn.

Eppes Positives, Här President, kann awer de Brexit hunn, an do sinn ech eigentlech prinzipiell mam Här Oettinger d'accord: dat ass d'Ewechfale vum sougenannten „Britten-Rabatt“, deen 1984 vun der Madamm Thatcher estridde ginn ass an deen als Konsequenz e komplizierte System vu weidere Rabatten fir aner State mat sech bruecht huet. Den Här Oettinger wëllt déi alleguer ofschafen, andeem

e seet, wa Groussbritannien géif goen, an ech zitieren en: „géif d'Mamm vun alle Rabatten entfalle an domadder kéint ee jo dann och d'Kanner zéi loosse.“ Mir sinn der Meenung, datt een d'Fro vun de Rabatten soll a muss am Kontext vun der Reform vum EU-Budget kucken.

Zu deem Sujet eng lescht Bemierkung, déi dann och schonn am Wäissbuch vun der Kommission virgeschloe gëtt, nämlech eng sougenannte Konditionalitéit fir EU-Ausgabe virzegeinn. Wat heescht dat konkret an der Praxis? D'Ausbeuele vun EU-Mëttele bei Infrastrukturprojete géif zum Beispill vum Stand vun der Rechtsstaatlechkeet a verschiddene Memberstaten ofhängeg gemaach ginn.

Dës ass eng Iddi, Här President, déi mir net onsympathesch fannen. Fir eis muss et allerdéngs kloer sinn, datt um Niveau vun der Rechtsstaatlechkeet dës nëmme kann a leschter Instanz vum Europäesche Geriichtshaff kontrolléiert ginn. Iwwert dës Propositionen eraus ass et fir eis awer och gradesou kloer, datt et an der Europäescher Unioun och muss eng gewësse Solidaritéit ginn, och, mä net nëmmen an der Flüchtlingsthematik.

Mir sinn also der Meenung, Här President, datt mer eis effektiv solle Gedanken maachen, wéi mer Rechter a Flichte vu Memberstaten erëm méi enk kënnen matenee vernetzen. An ech erlabe mer och do, am Numm vu menger Fraktioun lech eng Motioun dozou ze deposéieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant la solidarité entre États membres comme étant un principe fondateur de l'Union européenne;*

- *constatant le manque flagrant de solidarité de certains États membres dans le cadre de l'application du Plan de relocalisation des réfugiés;*

- *considérant le «lien manifeste entre l'État de droit et la bonne mise en œuvre des investissements publics et privés soutenus par le budget de l'UE» supposé par le récent document de réflexion sur l'avenir des finances de l'UE;*

- *considérant dans ce sens l'ouverture par la Commission européenne de procédures légales contre la Hongrie, la Pologne et la République tchèque;*

- *considérant que la solidarité entre États membres ne constitue, selon les dires du Président de la Commission européenne, pas «une voie à sens unique» mais que celle-ci doit s'exercer dans un esprit de réciprocité;*

- *considérant que l'image internationale de l'Union européenne a également souffert de ce manque manifeste de solidarité et d'efficacité européennes,*

invite le Gouvernement

- *à promouvoir le principe fondateur de solidarité entre États membres,*

- *à soutenir au niveau européen toute initiative permettant l'application du Plan de relocalisation des réfugiés par tous les États membres en application du droit communautaire,*

- *à agir proactivement afin de favoriser le lien entre l'État de droit et la bonne mise en œuvre des investissements publics et privés soutenus par le budget de l'UE.*

(s.) Laurent Mosar, Octavie Modert, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Erlaabt mer dann, Här President, zu mengem zweete Punkt iwwerzegoen, nämlech d'Flüchtlingsthematik!

Och hei ass d'Aktualitéit eng dramatesch, ganz besonnesch an Italien, wat amgaangen ass, ënnert dem Drock vun de Flüchtlingszuelen ëmmer méi un an éischer iwwert d'Limite vu senger Capacitéiten ze kommen.

Dës weist allerdéngs och, datt mer nach laang net iwwert de Bierg sinn, an datt d'Flüchtlingsthematik wahrscheinlech dee gréissten Défi vun der Europäescher Unioun an deenen nächste Jore wäert bliwen.

Här President, virun allem solle mir eis hei näischt virmaachen. Ech hunn et virdu gesot, datt ee säit Wochen a Méint erëm e bësse méi mat Zouversicht kann an d'Europäesch Unioun an an hir Zukunft kucken. Bei all dëser Zouversicht solle mer awer net vergiessen, datt dësen Optimismus eng ganz zaart Plänzchen ass, déi erëm ganz schnell kann zertrampelt ginn, wann d'Zuel vun de Flüchtlingen an den nächste Wochen a Méint a Richtung Europa erëm massiv an d'Luucht geet.

Här President, wat virun allem awer wichtig ass, ass, datt d'Europäesch Unioun keen esou e rotloost an zerstriddend Bild méi hei wäert ofginn, wéi dat am Joer 2015 an och deelweis elo nach de Fall ass.



Ech hunn haut net d'Zäit, fir mech méi am Detail mat där enorm wichtiger Thematik ze beschäftegen, duerfir awer just e puer Wieder.

Éischtens, an dat kann eigentlech net oft genuch ëmmer erëm widderholl ginn, ass, dass mer an dësem Dossier an Europa virun allem Solidaritéit brauchen. An duerfir kann an dierf et net sinn, dass verschidde Länner einfach eweckucken an och iwwerhaapt net bereet sinn, sech un deem kollektiven Effort vun der Relokalisatioun vu Flüchtlingen ze bedeelegen.

Virun e puer Deeg ass bei der Geleeënheet vun der Trauerfeier vum Helmut Kohl iwwer seng Roll a seng Meritter fir Europa geschwat ginn. An een Zitat vun him ass ganz besonnesch bei mir hänke bliwwen, dat eigentlech perfekt op déi aktuell Situatioun an der Europäescher Unioun, och ganz besonnesch par rapport zu gewëssenen Ostblock-Länner, passt.

Den Helmut Kohl huet gesot, an ech zitieren: „Es ist leider bei uns Teil des Denkens geworden, dass man nur über Rechte und kaum mehr über Pflichten spricht.“ (veuillez lire: „Es ist leider bei uns ein Teil des Denkens geworden, dass man überwiegend von den Rechten und kaum mehr von den Pflichten spricht.“)

Abee, et géif verschidde vun deenen Ostblock-Regierungschefen, déi entre autres an der éischter Rei op der Trauerfeier vum Här Kohl stoungen, emol guttduen, sech erëm eng kéier dat Zitat zu Häerz ze huelen, net nëmmen, mä awer och ganz besonnesch am Kontext vun der Flüchtlingsproblematik.

Här President, wann ech da bei der Ëmverdeelung sinn, wëll ech awer och betounen, dass d'Ëmverdeelung, d'Relokalisatioun net eleng kann d'Antwort sinn op d'Migratiounen aus dem zentrale Méttelmier. Déi allermeeschte Mënschen, déi sech a Booter aus Libyen Richtung Italien op de Wee maachen, hu keen Usproch op Asyl. De Kommissär Avramópoulos huet virun enger Rei vun Deeg vun enger Zuel vun 80% - 80%! - vu Mënsche geschwat, déi keng Chance hunn, Asyl an Europa kënnen ze kréien. Fir dës Mënschen also an Europa ze verdeelen, ergëtt, Dir Dammen an Dir Hären, ganz weineg Sënn.

Bei den Nigerianer, der allgréisster Grupp vun dëse Mënschen, läit d'Schutzquot bei engem Véierel, beim Bangladesch, der zweetgréisster Grupp, läit se nach wäit drënner. Wien awer keen Asyl a kee Schutz domadder an Europa ka kréien, dierf och net bleiwen a muss erëm a seng Heemecht zrëckbruecht ginn. A wat nach vill méi wichteg ass: All méiglech Noamer müssen och mat alle Mëttele vun enger oft déidlecher Iwwerfaart ofbruecht ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, esou grouss de Misär an d'Perspektivlosegkeet grad a verschiddeenen Hierkonftslänner a Westafrika och sinn, ass engem Nigerianer an engem Senegalees da wirklech gehollef, wann e fir esou eng Rees seng lescht Erspuernesser opbréngt, vill Leed a Risiko op sech hëlt, fir da schlussendlech an Europa just de Choix tëschent Ofschibung an Illegalitéit ze hunn?

Och dës Fro, Kolleeginnen a Kolleegen, mengen ech, muss mer wirklech eng kéier ganz seriö diskutieren, wa mer och iwwer zukünfteg Moossname wëllen diskutieren.

Duerfir ass dat Wichtigst, dass Europa an allequerten d'Memberstaten hei endlech un engem Strang zéien, wa mer déi doten Eerausfuorderung dann iwwerhaapt wëlle packen. Et muss hei gemeinsam Drock gemaach ginn a finanziell Ureizer muss geschaf ginn och fir déi Hierkonftstaten, fir dass se bereet sinn, déi Mënschen erëm bei sech zrëckzehuelen. Och muss d'Europäesch Unioun substanzuell Italien ënnerstëtzen, mat eegene Grenzschützer, Asylrechtsspezialisten, fir hinnen och ze hëllefen, d'Situatioun ongeféier erëm an de Grëff ze kréien.

Mir müssen awer virun allem, an ech weess, dass dat vill méi einfach gesot wéi gemaach ass, Här Ausseminister, versichen, d'Situatioun a Libyen an de Grëff ze kréien, well dee ganze Chaos besteet jo eigentlech net am Méttelmier, mä besteet zu engem Deel a Libyen. Och hei, an ech weess dat, gëtt et keng einfach Léisungen. Mä et kann een awer trotzdem mat punktuelle Mesuren d'Situatioun verbessern, andeem een zum Beispill versicht, Opfangstrukturen an deem Land en place ze setzen, déi zumindest den Usproch hunn, e Minimum vu Mënscherechter ze respektieren. D'Prioritéit muss awer sinn, d'Grenz zu Libyen endlech och kënnen ze kontrollieren.

Ech sinn duerfir och net averstane mat deenen, déi soen, a Libyen kéint een iwwerhaapt guer näischt maachen, a wann, da géif dat schrecklech laang daueren, bis et iergendwéi eppes géif bewierken. Well wann een dat esou seet, géif jo dat och bedeuten, dass all Joer weider ronn 200.000 Mënschen an Italien géifen ukommen, der Dausenden erdrénken an Zéng-

dausenden a Libyen ënner grausame Bedingungen deelweis gefaange gehale ginn.

Ech muss lech soen - ech weess net, wéi et lech geet: Et ass fir mech moralesch onerdäglech an och politesch onhaltbar. Et gëtt scho Verschiddenes, wou d'EU sech kann och um Niveau vun der Rhetorik verbessern. Si sollt allequerten déi Mënscheschlepper konsequent als dat bezeichnen, wat se sinn, Här President, nämlech Sklavenhändler, a si soll och versichen, mat alle Moyene wierksam géint déi Aktivitéite vun deene Leit do virzegoen.

An deem Kontext géif ech och nach eng kéier rappellieren, Här Ausseminister, dass ee jo kéint Frankräich stellvertriedend fir d'Europäesch Unioun invitéieren, sech am Sécherheitsrot ëm e Mandat ze beméien, dat als Aufgab hätt justement d'Bekämpfung vun deene Schlepperbanden, déi jo awer zu engem ganz groussen Deel och responsabel fir de Misär vu ganz ville Mënsche sinn.

Dat géif dann awer och nach dat militärescht Virgoe vun der EU a libesche Gewässer, an ech mengen, dat schéngt mir eng wesentlech Fro, op eng völkerrechtlech Grondlag stellen a weider och Schrëtt am Kampf géint déi doten Zort vu Krimineller ermëglichen.

Ech weess, an ech hunn et och virdru gesot: All Schrëtt am Bezuch op Libyen ass extrem risikant, duerfir muss en och genau iwwerluecht a kloer ofgegrenzt sinn, awer esou, wéi et am Moment geet, kann et fir meng Fraktioun a fir mech net méi einfach virgoen.

Schlussendlech, Här President, muss mer eis awer och als Europäesch Unioun vill méi intensiv an nohalte mat de Flüchtlingsursaache beschäftegen. Ech bedauern, dass d'Bekämpfung vun deene Fluchtersaachen an der Zwëschenzäit zu enger Floskel, deelweis, vorkomm ass, déi vill Politiker eigentlech just benotzen, fir vum eigentlechen Thema ofzelenken.

Wat mir hei brauchen, ass ganz einfach eng nei Politik géint iwwer dem afrikanesche Kontinent. Mir müssen allequerten déi Länner als gläichwäerteg Partnerlänner considerieren a kucken, iwwer fair ausgehandelt Handelsverträge hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, hire wirtschaftliche Potenzial auszuschöpfen. Europäesch Firme muss vill méi um afrikanesche Kontinent investieren a müssen och an deem Sënn vun der Unioun ënnerstëtzt ginn.

Mir müssen awer virun allem ophalen, Här President, mat enger protektionistescher Politik, an ech soen dat hei ganz haart, virun allem am landwirtschaftleche Secteur, déi dozou féiert, dass afrikanesche Länner mat europäesche Produiten iwwerschwemmt ginn, wat ganz oft den Doud vun der Landwirtschaft a ville vun deene Länner do bedeit.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Laurent Mosar** (CSV). - Kuerz gesot: Mir müssen ewechkomme vun engem System vun Assistanat hin zu engem richtege Système de partenariat.

Schlussendlech muss mer an der Europäescher Unioun d'Kontributioun vun deenen eenzelne Memberlänner un der Entwécklungshëllef emol erëm eng kéier ganz seriö op de Leescht huelen.

Fir meng Fraktioun a fir mech selwer ass et op jidde Fall total inakzeptabel, dass europäesch Memberlänner an där aktuell äusserst sensibler a problematescher Situatioun um afrikanesche Kontinent mam Gedanke spillen, hir scho relativ reduzéiert Entwécklungshëllef nach erfzesetzen.

Ech muss lech soen: Ech fannen et eigentlech en Hohn, dass mir an der Europäescher Unioun, an dat ass kee Reproche, dee mer eis selwer müssen adressieren, et net fäerdegbréngen, allequerten als EU-Memberlänner 1% vun eise PIB an d'Entwécklungshëllef ze investieren, well domadder géife mer sécherlech substanzuell d'Situatioun vu ville Mënschen op deem afrikanesche Kontinent verbessern.

Alles dat, Här President, weess ech, brauch Zäit, mä et brauch virun allem de Willen, zesummenzeschaffen! Nationalismus a Populismus si leider an Europa nach ëmmer präsent, wéi den EU-Kommissiounspräsident Jean-Claude Juncker dat nach virun e puer Deeg ënnerstrach huet. D'Migrationsbewegung vun Afrika a Richtung Europa wäerten an deenen nächste Joren eng, an ech hunn et virdru gesot, vun deenen allgréissten Eerausfuorderungen un d'Europäesch Unioun duerstellen.

Déi europäesch Gesellschaften wäerte sech an deene kommende Joren a Jorzéngte fundamental änneren, well vill, ganz vill Mënsche wäerten an Europa kommen. Géint Verännerung ass jo prinzipiell iwwerhaapt näischt anzewinnen, mä si muss gesteuert ginn. An am Moment ass hir Vitesse ze héich an hiren Ausmooss ze grouss. D'EU muss an den nächste Méint

beweisen, dass si béides am Grëff huet. Si wäert dat awer nëmme fäerdegbréngen mat enger méi enker Koordinatioun a mat vill, vill méi Solidaritéit tëschent deenen eenzelnen EU-Memberlänner.

Nëmmen, Dir Dammen an Dir Hären, wa jiddwer Memberstat motivéiert an determinéiert ass, an déiselwecht Richtung ze steieren, huet d'Europäesch Unioun d'Chance, déi vläicht gréissten Eerausfuorderung an hirer Geschicht ze packen.

An ech géif ophale mat engem Zitat vum Jean Monnet: «Ce qui est important, ce n'est, ni d'être optimiste, ni pessimiste, mais d'être déterminé.»

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och dem Här Mosar. An d'Wuert huet elo den Ausseminister, den Här Jean Asselborn.

Prises de position du Gouvernement

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.* - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'Éischt dem Här Angel e grouse Merci soe fir seng Aarbecht, an och der Kommissioun. Ech mengen, dat ass eng Aarbecht vun e puer Méint gewiescht. An dat, wat Der hei presentéiert hutt, Här Deputéierten, ass wichteg, mengen ech, fir Europa, mä fir Lëtzebuerg richtig ze positionéieren am europäeschen Debat.

Ech géif vläicht ufänke mat deem Wuert „Polykris“, dat Der jo och benotzt hutt, an do e Wuert, wat och gesot ginn ass am Kontext vun dëser Debatt, virun allem eraussträichen, nämlech dat Wuert „Solidaritéit“, politesch Solidaritéit. Dat ass fir mech d'Einmaleins vun der europäescher Iddi iwwerhaapt, fir vun enger europäescher Gemeinschaft zu enger Unioun ze kommen, déi méi ass wéi just eng Additioun vun nationalen Interessen.

Op Lëtzebuergesch heescht dat, dass ee fir deen aneren do ass, sief et fir ze schützen, sief et fir e weiderzebréngen opgrond vun de Verträge. Dee mat deenen, deenen et manner gutt geet, an de Wuertstand op e méiglechst héijen Niveau stellen, ass eng aner Dimensioun vun der politescher Solidaritéit an Europa. Hëllef an Krisenzäiten, dass d'Laaschte gerecht verdeelt ginn, misst och een normale Reflex si vu Solidaritéit.

Et ass eis verdammte Pflicht, géif ech mengen, de Fridensprojet mat geliefer, mat effektiver politescher Solidaritéit ze verdeedegen an och virunzebréngen. Et gëtt keng flexibel Solidaritéit, esou wéi et keng flexibel Mënschlecheit gëtt. D'„ever closer union“ wäert de Brexit iwwerliewen a wäert och d'Motivatioun ëmmer bleiwen, fir d'Verantwortung fir d'Zukunft vun der Europäescher Unioun kloerzemaachen.

Ech wëll vläicht zou Remarque maachen hei. Déi eng, well mer jo hei ënner eis sinn, un den Här Claude Wiseler, dee mat Recht gesot huet, dass den Helmut Kohl ee groussen Europäer war, deen och Europa ëmmer als Erfolgsgeschicht duergestallt huet. Den Här Mosar huet grad geschwat, dass den Här Kohl gesot hätt: An der Europäescher Unioun gëtt et Rechter, mä et gëtt och Pflichten.

Dat, wat - ech mengen, wou ech net eleng sinn an Europa - schwéier ze verstoen ass, ass, dass den Här Viktor Orbán bis zu sengem Doud eigentlech als beschte Frënd vun him ugesi ginn ass, dass och den Här Viktor Orbán dee war, deen als Leschte beim Här Kohl passéiert ass. Dat ass a mengen Aen eng Contradictio in terminis, een Oxymoron, dee schwierig ze verstoen ass an dee menger Meinung no och net grad derzou bäidréit, fir Europa méi verständiglech ze maachen.

Dat Zweet, wat ech wollt soen, ass: Mir hunn hei an der Chamber een Debat, mir hunn decidéiert gehat an der Regierung, dass zwee Leit sollen hei qualitativ dem Debat gewuess sinn. Dat ass engersäits de Finanzminister fir den Euro an et ass de Minister, deen zoustänneg ass fir Europapolitik. Mir stellen eis dem Debat. Mir hoffen, wéi ech gesot hunn, deem gewuess ze sinn.

An ech mengen, dass et net ubruecht wier, fir hei géint de Premier ze argumentéieren. Dat schéngt mer déplacéiert ze sinn. Mir hunn an der Regierung mat dem Accord och vun der Commission des Présidents, der Conférence des Présidents decidéiert, dass dat déi Kompositioun wier, déi d'Regierung géif heihinner-schécken.

Nun, am Rapport huet d'Chamber eng ganz Retsch vun Iwwerleeungen ervirgehuewen, déi et eis erlaben, d'europäesch Politik besser ze gestalten. De Bierger muss dat zentraalt Element bleiwen, esou wéi mer dat och während eiser Présidence ëmmer erëm plädéiert hunn. De Rapport ënnersträicht richtegerweis och, dass déi national Parlamenten eng ganz zentral

Roll derbäi spillen an zur Demokratiséierung vun der Europäescher Unioun och bäidroen.

D'Wäissbuch iwwert d'Zukunft vun Europa, dat d'Kommissioun an dësem Mäerz virgestallt huet, ass jo ee Versuch, erëm Vertrauen hierzustellen. An ech wëll, fir Zäit ze wannen, net erëm eng kéier op déi fënnel Zeenarien agoen. Ech mengen, mir sinn eis hei bal allequerten eens, dass d'Optioun 1 an d'Optioun 2 net dat sinn, wat mer wëllen. Bei der Optioun 3 kombinéiert mat der Optioun 4 kéint een natierlech driwwer schwätzen. Mä mir wësse bei der Optioun 3, dass déi Coopération renforcée ee Reizwuert ass fir verschidde Länner, virun allem am Oste vun der Europäescher Unioun. An duerfir géif ech awer mengen, dass ee sech seriö muss mat der Optioun 3 befaassen. Et kënnen net déi Länner sinn, déi op der Brems stinn, déi den Tempo vun de Reformen a vun neien Initiativen an der Europäescher Unioun total blockéieren.

D'Optioun 4, „méi maache mat manner“, kombinéiert, wéi ech gesot hunn, mat der Optioun 3, ass net ze verwerfen, mä ech mengen - de Kolleeg vun de Gréngen, den Här Adam, huet dat och kloer gesot -, dass d'Optioun 5 eigentlech sollt déi bescht sinn.

Allerdéngs, do komme mer och an eng Kontradiktioun eran, dat ass, dass, wa mer wëllen d'Optioun 5 hunn, dann, mengen ech, komme mer net laanscht Ännerungen vun den europäesche Verträge.

Ech mengen, an deem Kontext do hunn ech d'Chamber verstanen. Ech mengen, an der Regierung ass och keen, dee sech an d'viischt Front setzt a seet: „Mir müssen elo Vertragsverännerungen hunn, fir Europa méi fit ze maachen.“

Ech géif et vläicht esou formuléieren, wann ee gesäit, dass een Zuch mat ville Waggonen op d'Schinn gesat gëtt, dass Lëtzebuerg net sollt carrement am Eck stoe bleiwen. Mä Dir hutt recht, mengen ech, als Chamber, an och wann een zéng Joer oder zwielef Joer hautno derbäi war, da weess een, wéi schwéier et ass, iwwerhaapt Ännerungen an de Verträge duerchzusetzen.

Wat elo déi Reflexiounspabeieren ugeet, sinn der jo fënnel vun der Kommissioun proposéiert ginn, an ech mengen, dass d'Kommissioun och do eng ganz gutt Aarbecht mécht. Ech wëll op dräi agoen.

Dat eent, dat ass d'Globaliséierung. Dee Pabeier ass den 10. Mee virgestallt ginn. An do sinn zwee Voleten, een externen Deel an och een interne Volet. Deen externe Volet deit jo un, dass gemeinsam Regeln op internationalem Niveau néideg sinn, fir eng nohaltegt Weltuerrdnung ze erreechen. Ausserdeem géif den externe Volet mat der Aarbecht vun der Europäescher Unioun weiderfueren, andeems nei Regele fir eng méi gerecht Konkurrenz opgestallt géife ginn. Weider handelspolitesch Schutzinstrumenter an och ee multilateralt Investitiounstribunal kéinte géint onfair Praktiken eng Léisung sinn.

Den interne Volet vum Reflexiounspabeier proposéiert Léisungen, fir d'Sozialpolitik an och de Bildungssystem ze verbessern. Dee Reflexiounspabeier ass interessant, well e schléit och vir, d'Strukturfonge fir d'Upassung un d'Globaliséierung fir Leit, déi am Chômage zum Beispill sinn, ze verwenden. Déi Fonge kéinten deene Leit bei der Sich no enger neier Aarbechtsplaz hëllefen. An, wéi scho gesot, ass de Fräihandel jo kee Selbstzweck. De fräien Handel ass ouni fair Regeln net méiglech. Duerfir, eng progressiv europäesch Handelspolitik erlaabt et eis, d'Globaliséierung a mengen Ae matzegestalten.

Natierlech geet et net nëmmen drëms, nei Aarbechtsplazen ze schafen, mä och dës Aarbechtsplazen a vollem Respekt an am Aklang mat eisen europäesche Standarden zum Aarbechts-, Sozial- an Ëmweltrecht ze gestalten.

Nëmmen eng Handelspolitik, déi keng nei Ongläichgewichter produzéiert, verdéngt d'Etikett „europäesch“. D'Europäesch Unioun ass nach ëmmer dee stärksten Handelsblock weltwäit. Mä mir sollen eis net täuschen loossen! Dat wirtschaftspolitescht Gewicht vun der Europäescher Unioun wäert an deenen nächste Joren tendenziell, wéinst dem Brexit op jidde Fall, no ënne goen.

D'Europäesch Unioun ass eleng och net staark genuch, fir déi multilateral Handelsuerrdnung ze stäipen a weider auszubauen. Duerfir si mer als Europäesch Unioun op Handelspartner ugewisen an duerfir och amgaangen, mat Länner Handelsaccorden auszuhandelen, déi déi nämlech Wäerter hunn an och déi nämlech Wäerter deele wéi mir.



Mir hunn, et ass ugeschwat ginn, déi lescht Woch en Accord de principe jo mat Japan fonnt. An dëst ass ee ganz wichtegt Signal an dësen Zäiten. Nom Réckzuch vun Amerika aus dem Transpazifischen Accord an der Aussicht, dass anerer an Zukunft kéinten d'Regele vum internationalen Handel bestëmmen, war Japan ganz staark drun interesséiert, mat engem Partner zu engem Ofschloss ze kommen, op dee Verlooss ass.

Nun, deem endgültigen Accord muss jo an den nächste Méint ausgehandelt ginn. Mä wat sech elo schonn ofzeechent, dat ass deem émfängärichsten Handelsaccord, deem d'Europäesch Unioun jee ofgeschloss huet.

Eis europäesch Standarden, an ech wëll dat ënnersträichen hei, am Ëmwelt-, am Aarbechtsrecht, am Sozialrecht bleiwen a vollem Émfang geschützt. Déi effentlech Servicer stinn net zur Verhandlung. A mir hu fir d'Éischte Kéier an esou engem Accord eng explizitt Verflüchtung fir d'Ëmsetzen och vum Paräiser Klimaaccord. Dat ass wichteg. Dat heescht, dass an Zukunft keen Handelsaccord méi ofgeschloss ka gi mat engem Land, wat sech net verflücht, dem Paräiser Accord Rechnung ze droen.

D'Europäesch Kommissioun geet dervun aus, dass ongeféier 31 Milliounen Aarbechtsplazen an Europa vum Aussenhandel ofhänken. 80% vun den europäeschen Exportateuren si kleng a mëttelgrouss Betriber. Et ass also net just fir déi grouss multinational Konzern, déi vum fräien Handel kënne profitéieren, mä och vill fir kleng a mëttel Betriber, dass mer müssen op der Schinn vum fräien Handel zu Accord kommen.

Deen zweete Pabeier, deem ech wëll uschneiden, ass d'Verdeedegung. An dësem Reflexiounspabeier ginn dräi Zeenarie virgeschloen, déi d'Entwécklung vun der europäescher Verdeedegung bis an d'Joer 2025 virsinn, jee nodeem wéi een Zeenario d'Europäesch Unioun elo wéi wäert.

Ausserdeem gëtt virgeschloen, en europäesche Fong fir d'Verdeedegung anzerichten. De Fong géif an zwee Voleten agedeelt ginn: ee Volet, deem d'Fuerschung betrëfft, an ee Volet, deem d'Weiderentwécklung an d'Acquisitiounen betrëfft. Déi Projeten, déi vum Fong finanziert géifen, wieren am Virfeld vun de Memberstate festgehal ginn. A bis 2019 wier de Fong elo mat 90 Milliounen finanziert, dovunner 25 Milliounen am Joer 2017.

Deen éischten Zeenario géif et de Memberstate erméiglechen, op fräiwëlleger Basis ze kooperéieren. Deen zweeten Zeenario géif der Unioun erméiglechen, hir militäresch Capacitéit ze maximéieren, an national Ressourcë kéinte méi rationell benotzt ginn. An dee leschten Zeenario géif eng Sécherheits- a Verdeedegungsunioun opstellen. An da kéint den Artikel 42 vum Vertrag iwwert d'Europäesch Unioun, deem de Kader an d'Aarbechtsweis vun der gemeinsamer Sécherheits- a Verdeedegungspolitik definéiert, ganz exploitéiert ginn.

Den europäesche Fong fir d'Verdeedegung géif Projete vun der europäescher Defense finanzéieren. Et ass net, dass duerch déi Initiativ hei d'Ausgabe fir d'Verdeedegung an Europa géife steigen. Bien au contraire, et géif versicht ginn, wéi mir als Lëtzebuerg dat jo och ëmmer matgedroen hunn, fir méi Synergien ze erméiglechen a fir méi sénnvoll eben an d'Verteidigung zesummen ze investéieren.

Da vläicht, Här President, déi sozial Dimensioun, déi och hei ugeschnidde ginn ass an déi mer selbstverständlech och an der Europäescher Unioun, wa mer iwwert d'Zukunft vun Europa schwätzen, müssen an de Vierdergrond stellen. Et gëtt a mengen Ae keng Zukunft fir d'Europäesch Unioun an deem Sënn, wéi mer se kannt hunn elo, wa mer weiderhi verluere Generatiounen sozialpolitesch an Europa hunn.

D'Euroskepsis, déi besteet an Europa, ass baséiert op ganz, ganz déif gräifend sozial Aschnëtter, déi a ville Länner sinn. Mir hunn dat a ville Südlänner, mir hunn et och a Länner am geografischen Oste vun Europa. D'Europäesch Unioun ka sech net ewechducke virun deene sozialen Aschnëtter an deene soziale Mankoen, déi bestinn. Duerfir brauche mer och an der Sozialpolitik méi gemeinsam Schrëtt an déi richteg Richtung.

D'Evolution, déi mer konnte feststellen, ass, dass d'Europäesch Kommissioun am Laf vum leschte Joer jo zwou Propose gemaach huet am Kader vun der Verstärkung vun där sozialer Dimensioun. Fir unzefänken, huet se déi europäesch Sail vun de soziale Rechter publizéiert, déi sech ronderëm dräi Themen artikuléiert: Chancëgläichheet an Zougang op den Aar-

bechtsmaat, equitabel Aarbechtskonditiounen an, drëttens, soziale Schutz an Agliderung an d'Gesellschaft.

D'Publikatioun heivun ass no enger breeder effentlecher Consultatioun komm a beinhalt souwuel legislativ wéi net legislativ Propositionen. An et ass gutt feststellen, dass dës Thematik och fir d'Kommissioun vu grousser Wichtigkeet ass a si sech asetze wëllt fir d'Schafe vun engem fairen Europa mat enger méi staarker sozialer Dimensioun.

Dee Reflexiounspabeier iwwert d'sozial Dimensioun geet vun dräi verschiddenen Zeenarien aus. Déi éischt Propositionen berëfft sech do-robber, déi sozial Dimensioun op d'Bewegungsfräiheet ze beschränken. Dëst bedeit, dass d'europäesch Legislatioun am soziale Beräich sech géif op grenzüwwerschreidend Fäll beschränken an d'Memberstate soss fräi wieren, op nationalem Niveau sozial, educativ a kulturell Norme fräi festzeleeën.

Déi zweet Proposition encouragéiert verschidde Memberstate, virun allem déi an der Eurozon, zu méi Kooperatioun am soziale Secteur, ouni déi aner Memberstate ze forcéieren, et hinne gläichzemaachen. Et géif een hei an de Verträge an deem Kader vun enger verstärkter Kooperatioun agéieren a sech prioritär op den Aarbechtsmaat, d'Kompetitivitéit, d'Geschäftsfeld, d'effentlech Administratioun a verschidden Aspekter vun der fiskaler Politik konzentréieren.

An da schlussendlech déi drëtt Optioun, dat wier eng generell Verdeiwung vun der sozialer Dimensioun an Europa. A fir dëst ze errechen, misst fir d'Éischt eng déif goend Reevaluatioun vun der Legislatioun, Kooperatioun, Orientatioun an och dem Finanzement op europäeschem Niveau a soziale Froe stattfannen. Och hei kéinten d'Memberstate an der zweeter Etapp wielen, a verschiddene Secteuren nëmmen zu e puer gemeinsam méi wäit ze goen.

Mir wäerten eis also am Kader vun de Gespréicher iwwert d'Zukunft vun Europa mat deenen anere Memberstate zu dësen dräi Zeenarie beroden. An ech kéint gleewen, dass mer wäerte gemeinsam kënne Europa sozialpolitesch an eng vill méi ambitiéis Richtung steieren.

D'Polykris, vun där am Rapport vum Här Angel rieds ass, ass haut net méi an esou engem negativen Ëmfeld wéi nach virun e puer Wochen, e puer Méint. Ech mengen insgesamt, dass et méi positiv Zeeche gëtt, dass sech dat europäesch Blat zum Besseren dréit, zu méi Optimismus op jidde Fall. Et gëtt erëm méi Hoffnung, well a Frankräich jo d'Euroskepsis, de Rietspopulismus entscheidend gebremst gouf, well sech och déi europäesch Wirtschaft insgesamt méi positiv entwéckelt a well mer och a Saache Brexit d'Enheet vun deene 27 staark behalen hunn. Et gëtt also Hoffnung, Hoffnung, op déi mer müssen opbauen, fir d'Gefore vum Populismus ee fir alle Mol ze bekämpfen.

Déi gesellschaftsoppen a fräiheetlech Kräfte an der Gesellschaft musse weiderhin zesummenhalen, fir ee gemeinsam Zeeche géint de Populismus ze setzen. Et ass also Zäit, fir lues awer sécher de Krisemodus ze verlossen. An esou gëtt Europa erëm eng Erfolgsgeschicht, wéi mer se kannt hunn a fir déi mer eis ëmmer och agesat hunn hei am Land.

All dës positiv Zeeche sollten eis awer elo schonn an eisem Courage bestärken, weiderhin Europa aktiv matzestalten, d'Problemer unzepaken, Léisungen ze fannen, ganz am Sënn, wéi ech gesot hunn am Ufank, vum Prinzip vun der Solidaritéit, ouni awer d'Aen zouzemaachen - an ech sinn elo beim Här Mosar nach eng Kéier, dee mat Recht kritiséiert huet - virun den destruktive Konsequenzen, déi fir d'Unioun am Kader vun der gemeinsamer Migratiounspolitik entstinn, soulaang mer net capabel sinn, eng kohärent Laaschteverdeelung tëschent den europäesche State op d'Been ze bréngen. An hei si mer erëm beim Ecksteen Solidaritéit, deem, wann en an der Migratiounspolitik zesummebrécht, Europa kéint an de Koup falen dinn.

Ech hunn déi Motioun hei gekuckt. Ech wëll vläicht ier ech zum Fong, oder ech wëll net zum Fong eppes dozou soen, mä zu Libyen.

Här Mosar, mir sinn zu dësem Moment elo an dës Stonnen amgaangen, als Lëtzebuerg en Amendement fir d'Konklusiounen opzebauen a wou mer och eng Chance hunn, dass mer duerchkommen dermadder den nächste Méindeg bei den Ausseministren, wat a Libyen an den Territorialgewässer geschitt, dass, wann - dat ass jo och richtig -, wa mer als Europäesch Unioun där EUNAVFOR-Missioun zwou nei Kompetenze ginn hunn, näamlech déi, fir engersäits de Waffenembargo ze kontrolléieren, an anerersäits, fir ze kucken, dass dee Business vun de Schleier gebrach gëtt, da musse mer och wëssen, mat deene Suen, déi investéiert

ginn, fir Coast Guards op libescher Säit dohin-ner ze stellen, wat dann d'Folleg ass vun deenen hiren Aktivitéiten.

Dir hutt dee Film vläicht gesinn, Dir hutt Artikel gelies, dass de Moment am Territorialgewässer vu Libyen d'Leit aus de Booten erausgeholl ginn, fir se ze retten, wat richtig ass; mä wat mer net kënne toleréieren, dat ass, dass déi Leit zrëckgeschéckt ginn a Libyen a Campen, wou d'Mënschlechkeet klenggeschriwwen gëtt, wat zum Deel Campe sinn, déi ze vergläiche si mat Konzentrationslagere, wou Leit zu Honnerten op ganz enkem Raum sinn ouni Toiletten, ouni Duschen. Dat muss ugeprangert ginn. Dat kann net sinn, dass mat europäesche Gelder esou Aktivitéite weidergefouert ginn.

Duerfir geet et nëmmen, dass déi Coast Guards, déi a Libyen agesat ginn an déi vun der Europäescher Unioun trainéiert sinn, d'Leit zrëckschécken a Strukturen, wou d'UNHCR a wou och d'OIM, dat heescht UNO-Organisationen, an - firwat och net? - no engem gewëssene Moment EU-Organisationen präsent sinn. Allerdéngs ass dat eng Fro och vun der Sécherheet, fir kënne a Libyen de Moment ze operéieren.

Mä gleefft mer, wat Är Motioun ugeet, ech mengen, Lëtzebuerg huet zënter 2005 versicht, an der Migratiounsfro wierklech europäesch ze agéieren, europäesch ze plädéieren an ze argumentéieren!

An dat, wat elo a Libyen ass, wat eise schwierigste Problem ass, ass eigentlech dee Problem, mat deem alles ugaangen ass 2015, am Ufank vum Joer, do huet et gekippt op eben d'Tierkei a Griichenland, a mer sinn elo erëm bei Italien. An dee Problem, dee mer a Libyen an Italien hunn, ass natierlech, well Libyen e Land ass ouni Gesetze de Moment, mä och well mer an der Europäescher Unioun et net fäerdegbruecht hunn, eng europäesch Migratiounspolitik op d'Been ze stellen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Ausseminister. An d'Wuert huet elo den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, Téif Kolleegen aus der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, fir d'Éischt géif ech gären ufänke mat engem Merci un den Deputéierte Marc Angel fir déi vill Aarbecht iwwert déi lescht Joren am Domän vun der Europapolitik a fir dee ganz gudden mëndlechen a schréfftleche Rapport, zu deem ech jo och zum Deel bäigedroen hunn, andeem ech esou vill wéi ech konnt op deene komplizéierte Sujete mat der Kommissioun zesummeschaffen.

D'Wirtschafts- a Währungsunioun ass fir Lëtzebuerg essenziell. Dat ass net eng politesch Ausso, dat ass ganz einfach eng Tatsaach. D'Zukunft vun der Wirtschafts- a Währungsunioun ass och ganz staark verbonnen a vernetzt mat der Evolution vun der Europäescher Unioun selwer. Mir sinn hei op enger historescher Kräizung ugelaangt, an eng historesch Kräizung, wou de Stëllstand keng Optioun ass.

Mir hunn haut de ganze Mëtten iwwert déi verschidden Zeenarie geschwat, an ech mengen, et besteet relativ vill Konsensus hei am Lëtzeburger Parlament, dass mer eng Präferenz hu fir eng Mëschung vun Zeenari dräi a vum Zeenario véier. Mä et ass awer esou, wann ee wëllt d'Wirtschafts- a Währungsunioun stäerken, wat mer, mengen ech, och zu engem groussen Deel wëllen, da si mer awer och zum Deel am Zeenario fënnf. Am Zeenario fënnf, deem a Richtung méi Federalismus geet. Et ass wahrscheinlech haut an elo net déi richteg Zäit, fir dat vill ze verdéiwen, mä et ass awer evident, dass d'Eurozon schonn en fait e groussen Deel vu Federalismus a sech huet. Wann ee schonn eng gemeinsam Währung huet, ass een do, historesch gesinn, ganz wäit gaangen.

Virewech wëll ech awer och soen, dass et ganz kloer ass, egal wéi wichteg d'Wirtschafts- a Währungsunioun ass a wéi vill mer se och wëlle stäerken: Europa ass natierlech net nëmmen eng Saach vu Währung a vu Mäert, et ass haaptsächlech e Friddensprojet. Dat muss een ëmmer am Hannerkapp behalen. An dee Friddensprojet huet eis Wuelstand bruecht, huet eis Liewensqualitéit bruecht, déi hiresgläichen an der Welt sichen. A se huet eis awer och e sozialt Netz bruecht, wat vläicht net genuch entwéckelt ass a wou nach vill ze maachen ass, mä mir sinn awer an der Welt déi Géigend, wou d'soziaalt Netz am beschten entwéckelt ass.

Zur Stëmmung an Europa géif ech gär folgende Saz soen: „Wat en Ënnerscheid e Joer kann ausmaachen!“ Dee Moment, wou Groussbritannien mat engem Vott per Referendum decidéiert huet, aus Europa erauszegoen, haten der vill propheetzeit, dass et mat Europa géif

ganz séier biergof goen an dass vill aner Länner deeselwechte Wee géifen aschloen. Vill haten Angscht virun deene verschiddene Wahlen, déi an Europa sollte sinn. An ee Joer nom Brexit gesäit viles anescht aus. D'Wahl vum amerikanesche President hat natierlech och eng Influenz drop. An ech géif soen, wann een nach virun engem Joer vläicht gemengt huet, dass Europa an engem Tunnel wier wéinst der Polykris, vun där de Jean Asselborn geschwat huet, da fänkt een awer elo un, um Enn vum Tunnel e Liichtbläck ze gesinn.

Hoffnung kënnt op, nei Iddie kommen op an d'Vertrauen ass amgaangen ze klammen. Ech deelen also d'Meenung vun deenen, déi dat haut hei geäussert hunn, dass Europa erëm op engem positive Wee ass. Dat wëllt net heeschen, dass déi Problemer, déi do waren an déi net geléist sinn, net méi müssen ugepaakt ginn, mä mir sinn an enger Opbrochstëmmung.

Ech wëllt dann iwwer zwee Sujeten haaptsächlech elo schwätzen, déi de Jean Asselborn jo och annonciéiert hat, an zwar en europäesche Finanzkader no 2020, dat wäert den éischten Deel sinn. An den zweeten Deel ass dann dediéiert der Wirtschafts- a Währungsunioun.

De Budget vun der Europäescher Unioun stellt 1% duer vum Revenu national brut vun der ganzer Unioun. Dat sinn op siwe Joer gekuckt ongeféier 1.000 Milliarden Euro. An dat stellt fir Lëtzebuerg 2% vun eisem nationale Budget duer. Dat sinn 1,5 Euro pro Persoun pro Dag.

A mat deem annerhallven Euro pro Persoun pro Dag huet all Lëtzeburger an all Entreprise ganz vill Virdeeler: Mir kënne eis fräi bewegen an Europa, eis Bauere kréien Direkthëlfe, d'Wissenschaftler kréie gehollef, d'Enterprisen hunn Accés op de grouse Maart. Ech fannen, dass déi 1,5 Euro Invest derwäert sinn.

D'Zesummesetzung vum europäesche Budget huet evoluéiert iwwert d'Zäit, mä wa mer haut eng Foto maachen, gesi mer, dass nach ëmmer 70% vum Budget vun der EU consacréiert si fir Agrardepensen a fir Kohäsionsfongen. Dass do nei Erausforderungen optauchen, schéngt mer evident. An dass do Ëmschichtunge musse geschéien, schéngt och inevitabel. D'autant plus, dass verschidde Sujete vill méi Wichtigkeet kritt hunn an Europa; ech denken do un de Jugendchömage, un d'Flüchtlingskris, un d'Sécherheet an natierlech un de Klimawandel.

Lëtzebuerg wäert op jidde Fall déi Diskussiounen ganz proaktiv begleeten an huet hei keng Apriorien. Mä déi Diskussioun, déi gëtt natierlech doduerch nach méi schwéier, well Groussbritannien amgaangen ass erauszegoen a mer doduerch 17% vum Revenu national brut verléieren. An dat gëtt natierlech der ganzer Diskussioun nach eng additionell Dynamik.

Wéi mer elo dat, wat felt am Budget wéinst dem Exit vu Groussbritannien, léisen, steet op. Verschiddener géife gären d'Depensen immens reduzéieren. Anerer géife gäre méi an de Budget erabezuelen. An eng drëtt Optioun ass och, nei Recetté fir den EU-Budget ze fannen, esou wéi de Rapport Monti dat proposéiert huet. Lëtzebuerg ass op, fir op deenen dräi Pisten ze schaffen an eng gutt Kombinatioun vun deenen dräi ze errechen.

Kloer ass och fir eis: Wann ee vun Europa méi freet - an ech hu virdru vu Klimaschutz geschwat, vu Sécherheet a Flüchtlingen ënner anerem -, jo, da muss een och Europa déi néideg Moyene ginn!

Op engem Punkt si mir ganz kloer, mengen ech, zu Lëtzebuerg, dat ass, dass mer keng Rabatter méi am EU-Budget wëllen. Dat war deemools an den 80er Jore vun der Madamm Thatcher agefouert ginn, exigéiert ginn an huet zu ganz villen Excès gefouert an huet haaptsächlech d'Iddi vun Europa denaturéiert. Well et ass een net an Europa dran, fir esou vill Suen anzebezeelen, wéi een der erauskritt. Europa ass net eng Bank. Europa ass e Friddensprojet, wéi ech virdru gesot hunn, an dat muss ee qualitativ moossen. An dofir wär et gutt, dass een elo, wou dat Land, wat de Rabatt am meeschte wollt, erausgeet, dann dee ganze Mentalitéitswiessel, deem do an den 80er Joren erakomm ass, géif lassginn.

Mir hunn also eng Rëtsch Optiounen, wéi mer hei kënne virgoen. A Lëtzebuerg wäert sech derfir schloen, dass Europa déi néideg Moyene soll kréien, fir sengen ambitiösen Ziler gerecht ze ginn, an och derfir ze suergen, dass den EU-Budget soll transparent, equilibriert an effikass sinn.

Ech kommen elo zum zweeten Deel vu menger Presentatioun, an zwar d'Verdeiwung vun der Wirtschafts- a Währungsunioun. Mir begreissen do d'Propositionen, déi d'Kommissioun gemaach huet.

Fir d'Éischt wëll ech emol virausschécken, dass den Euro e Succès war an e Succès ass. Natierlech huet e seng Schwächen, mä wat hätte mer dann an Europa gemaach an der Welt-



wirtschafts- a Finanzkris, wa mer den Euro net gehat hätten? An d'Bierger selwer sinn déi gréisste Beneficiairen dovunner, dass et den Euro gëtt, net nëmmen, well se kënne méi liicht duerch Europa reesen, mä well se natierlech immuniséiert si par rapport zu de Währungsschwankungen, déi et virdru gouf.

Den Euro ass déi zweetwichtigst Währung an der Welt, stellt ongeféier e Véierel vun alle Reserven, déi et an der Welt gëtt, duer an et ass eng Währung, déi vun 340 Milliounen Leit gebraucht gëtt.

Eis Währung ass en fait en Zeeche vun der Stabilitéit, déi Europa an der ganzer Welt mat sech bréngt. Leider huet een an deene leschte Joren dovunner net vill héieren, well alles dat, wat den Euro gutt gemaach huet, ass net beschriwwen ginn, an alles, wat schifgaangen ass, huet natierlech ganz vill Visibilitéit kritt. D'Erfolleger, wéi dat och haut e puermol hei gesot ginn ass, ginn net oft vun de Medien erëmgeholl. Good news is no news.

Den Euro huet seng Teenagekris iwwerwonnen, dat kann een haut behaapten. Wann ee kuckt, wivill Länner an deene leschte fënnf Jore gehollef kruten am Kader vun der Eurozon, da muss ee soen, dass d'Resultat am Fong geholl ganz positiv ass. Gehollef krute Spuenien, Portugal, Irland an Zypern an natierlech och Griichenland. Bei deenen éischte véier, déi ech genannt hunn, mengen ech, ass all Mënsch sech eens, dass dank der Eurozon an dank der gemeinsamer Währung deene Länner an där schwéier Phas gehollef ginn ass an dass se elo besser dosti wéi virun der Kris.

Bei Griichenland war et méi schwéier. Mä wivill vun lech ass dann opgefall, dass d'lescht Woch en fait en Accord konnt fonnt gi fir eng zweet Ausbezielung vun der Tranche un d'griichesche Regierung vun 8,5 Milliarden? Souguer iwwert dee Montant, deen absolut néideg gewiescht wier. A wann ech mech net iren, wäert d'Kommissioun haut proposéieren, dass d'Procédure de déficit excessif fir Griichenland soll opgehuewe ginn. Dat ass eng wonnerbar Noriicht, déi wahrscheinlech elo vill manner Echo kritt wéi all déi schlecht Noriichten iwwert déi lescht Joren iwwer Griichenland.

An Europa si mer de Moment an enger Phas vun Expansioun. Mir hunn elo 16 Trimesteren hannerenee Croissance gehat. Mir hunn eng Croissance, déi bal 2% ass an der Eurozon an an Europa an alleguerten d'Indicateure si positiv. De Chômage ass d'lescht Joer fir d'Éischt säit laanger Zäit ënner 10% gefall, en ass elo scho ganz no bei 9% als Moyenne an Europa. A mir gesinn och, dass den Invest an Europa endlech erëm no uewe geet. Mir wëssen, dass d'Ziffer fir Lëtzebuerg nach vill méi gënschteg sinn: Mir hunn eng Croissance, déi dat Duebelt ass vun der europäescher Moyenne an och eisen Invest ass praktesch duebel esou héich wéi d'europäesch Moyenne.

An dat erkläert och, firwat Lëtzebuerg do an de Statistiken an Europa gutt steet. Mir sinn eent vun de Länner mat de beschte Statsfinanzen, wat och duerch en Triple-A honoréiert gëtt.

Mä d'Kris huet awer och Vulnerabilitéite gewisen an dofir si jo an der Period 2010, 2011, 2012 eng ganz Rëtsch vu Konventiounen adoptéiert ginn. Ech nennen déi wichtegst Konventiounen, déi hei duerch d'Parlament natierlech ratifizéiert gi sinn: de Fiscal compact, den „Sixpack“ an den „Twopack“.

Wat awer an där Period ganz kloer ginn ass, dat ass, dass, fir de Pacte de stabilité et de croissance ze respektéieren, dat heiansdo en héije soziale Präis huet. A Lëtzebuerg ass eent vun deene Länner, wat sech derfir asetzt, dass déi sozial Komponent vum Pacte de stabilité et de croissance soll méi gekuckt ginn, dass eis Währungs- a Wirtschaftsunion och soll eng Jobunion ginn. Mir haten dat och zu enger Prioritéit vun eiser Presidence gemaach, wou mer jo den Triple-A social groussgeschriwwen haten.

Wann ech elo kucken, wéi mer eis dann elo solle positionéieren par rapport zu den Developpementen an der Wirtschafts- a Währungsunion, well ech fir d'Éischt emol ënnersträichen, dass ech an deene leschte Woche ganz proaktiv virgaange sinn, andeem ech eng bilateral Reunion hat mam Wolfgang Schäuble zu Berlin. Gëschter hat ech eng bilateral Reunion mam Bruno Le Maire. Ech wäert zum Schluss vum Mount op Roum fléien, fir eng bilateral

Reunion ze hu mam Minister Padoa-Schioppa. An ech schaffen drun, fir dass mer eng Benelux-Reunion solle kréien, zum Schluss vläicht vum August, Ufank September, fir eng Koordinatioun och um Niveau Benelux fäerdegzebréngen.

Wat vläicht haut net genuch erausgeschielt ginn ass, wat bei der Wirtschafts- a Währungsunion e Schlëssel ass, ass, dass am Fënnf-Presidente-Rapport en fait eng Distinction gemaach ginn ass tëscht Mesures à court terme a Mesures à long terme, fir déi Wirtschafts- a Währungsunion ze beliewen an ze verbessern. Déi Mesuren, déi à court terme geholl kéinte ginn, dat sinn der eng ganz Rëtsch, déi net exigéieren, dass d'Traitée musse changéiert ginn. Déi, déi à long terme sinn, déi verlaangen natierlech, dass mer d'Traitée changéieren.

An ech muss lech soen - an ech hunn och mam Jean Asselborn elo nach haut driwwer geschwat -, mir zu Lëtzebuerg als Regierung si relativ op um Sujet, wat een dann à long terme muss maachen. Mir mengen net, dass dat Institutionell muss an de Vierdergrond gesat ginn, mä wa mer elo en Elan feststellen, wéi mer amgaange sinn, een ze gesi mam Resultat vun de franséische Wahlen, wou de proeuropäesche Kandidat gewonnen huet, wann do eng historesch Opportunitéit ass, dann däerf ee sech awer näischt verschléissen.

Mä eng Saach no där aner. Mir sollten och emol kucken, wat een à court terme ka maachen. D'Stéchwuert, dat éischt, wat et scho gëtt, ass d'Bankenunion. Ganz kuerz, mir si frou iwwert dat, wat erreicht ginn ass: d'eenheetlech Supervisioun mat der Europäescher Zentralbank an de Single resolution board fir d'Resolutioun vun de Banken. Mä beim Dépôt de garantie, do ass de System nach net genuch communautariséiert. A mir si fir eng europäesch Solutioun do an och fir en „backstop“ vun Europa. Dat ass en fait e Sécherheetsnetz, wat vun dem Europäesche Stabilitätsmechanismus kéint geséichert ginn. Den ESM huet säi Sëtz hei zu Lëtzebuerg a mir wäert ganz derfir, dass de Rôle vun dem ESM sollt an Zukunft gestärkt ginn. Mir wäerten eis derfir asetzen.

Net alles, wat an der Bankenunion proposéiert ginn ass, gefält eis. Mir wëllen och derfir suergen, dass deen néidegen Equilibre tëscht de Besoinen vun de klengen a groussen Länner oprechterhale gëtt an dass, zum Beispill wat d'Stabilitéit financière ubelaangt, d'Stabilitéit vun de Banken net nëmme soll am Mammenthaus, an der Capitale sinn, mä awer och an de Filialen. A mir hu jo eng Bankeplaz mat ville Filialen.

Mir ënnerstëtzen, an dat ass en zweete konkrete Projet, d'Kapitalmaartunion. Ënner eiser Presidence sinn zwou Direktive verhandelt ginn, déi elo zum Ofschluss kommen. D'Titrisatioun an d'Prospektidirektiv, déi solle mat sech bréngen, dass Kleng- a Mëttelbetrieber méi liicht kënne Accès op d'Capitalen op de Bourse kréien.

Zur Debatt steet och hei, fir de Rôle vun der ESMA, déi europäesch Agentur, déi zu Paräis ass, ze verstärken. Do préiwe mir gär, ob dat wierklech och indispensable ass.

Wat elo d'Propositioone vun der Kommissioun ubelaangt, wat d'Verdéiung vun der Wirtschafts- a Währungsunion ubelaangt, géif ech emol soen, dass Lëtzebuerg do fir all Propositiounen en oppene Geescht huet. Mir wäerten dat zesumme mat de Partner diskutéieren. Fir eis ass an deem dote Kontext eng Iddi fundamental, dat ass déi vun der Responsabilitéit a vun der Solidaritéit.

Vill Länner froen, dass méi Solidaritéit soll geschéien (veuillez lire: kommen). An ech mengen, mir zu Lëtzebuerg kënne a sollen eis deem net verschléissen. Mä mir kënne nëmme méi Solidaritéit kréien, wann déi existéierend Regeln alleguerten agehale ginn an d'Regle fir all d'Länner, kleng oder grouss, d'Selwecht applizéiert ginn. Nëmme dat schaaft dat néidegt Vertrauen, dat ee brauch, fir a Richtung méi Solidaritéit ze goen. Et war ëmmer eng Qualitéit vun Europa, de richtegen Equilibre tëscht all deene Saachen ze fannen. An ech sinn och confiant, dass mer dat wäerten an Zukunft fäerdegbréngen.

Wann ech elo d'Propositioone vun der Kommissioun kucken, wat de long Terme ubelaangt, wou proposéiert gëtt, dass mer sollten en Eurozon-Finanzminister hunn, en euro-

päesche Budget sollen hunn a vläicht souguer en europäesche Fonds monétaire international, dat sinn natierlech Spréng vun enger ganz ambitiöser Natur a wou mer menger Meenung no nach net ganz preparéiert sinn. Mä ech wëll, wéi gesot, vu Lëtzebuurger Säit net soen, dass mer dat net kënne an d'A faassen, mä et muss een do realistesch bleiwen.

Wichtig ass et, dass d'Nationalparlamenten do mat agebonne sinn. D'Légitimité démocratique spillt sech net nëmmen um Niveau vum Europaparlament of, mä och um Niveau vun den Nationalparlamenten. A wa mer da wierklech gäre Saachen an d'A faasse wéi e Fonds monétaire international à l'européenne oder e Finanzminister, dee sech exklusiv ëm Europa bekëmmert, dat sinn Decisiounen, déi d'Souveränitéit vun alle Länner natierlech reduzéieren. An do muss d'Nationalparlament ganz no associéiert ginn.

En conclusion géif ech am Fong geholl gären dräi Saachen soen.

Mir müssen - eent - Europa dem Bierger méi no bréngen. Dat ass eng Saach de longue haleine. Dat muss een déi ganzen Zäit maachen. An ech kann lech soen: All Lëtzebuurger Minister wäert dat um europäeschen Niveau maachen.

Dat Zweet ass, mir müssen dee richtegen Equilibre fannen tëscht méi Pouvoir fir Europa par rapport zu de Länner. Déi richteg Vitesse fannen, wéi mer et wëlle maachen, dat ass net einfach.

An da leschtens, mir sollen als Lëtzebuurger hei bei der Wirtschafts- a Währungsunion proaktiv matschaffen. Mir hu vill Kredibilitéit. Mir sinn dat eenzegt Land, wat de Pacte de stabilité et de croissance ëmmer agehalen huet. Mir hunn d'Gewunnecht, mat eisen dräi Nopeschlänner zesummenzeschaffen a wäerten dat och hei maachen, mä mir kënne och, mengen ech, am Benelux eng wichteg Roll spillen.

Wéi ech dem Bruno Le Maire gëschter gesot hunn: De Couple franco-allemand, dat ass de Motor vun Europa, mä de Benelux, dat ass den Uelech, fir dass de Motor gutt fonctionnéiert.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Domat si mer um Enn vun den Debatten ukomm.

Résolution 1

Mir si saisiéiert mat enger Resolutioun, déi, souwäit ech gesinn, vun alle Fraktiounen a Sensibilitéite gedroen ass.

An dofir meng Fro: Kënne mer iwwert déi Resolutioun à main levée ofstëmme? Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Vote sur la résolution 1

Da géif ech lech bieden, wien derfir ass, dat ze weisen.

Géigeprouf: dergéint?

Enthalungen?

Domat ass d'Resolutioun 1, wéi se vun der Kommissioun ausgeschafft ginn ass, eestëmmege ugeholl.

Motion 1

Bei der Motioun ginn ech dervun aus, dass se motivéiert ass.

Gëtt et Wuertmeldungen zu der Motioun? Den Här Angel.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Jo. Här President, ech war e bëssen iwwerrascht iwwert déi Motioun hei vum Här Mosar, well se fuerdert d'Regierung op, eppes ze maachen, wat se souwiesou mécht. All d'Regierungsmemberen a besonnesch och den Här Asselborn ginn net midd, um europäesche Plang d'Solidaritéit grousszeschreiwen. En huet seng Ried haut hei ugefaangen, wou e gesot huet, dass d'Solidaritéit d'Einmaleins vun der Europäescher Union ass. En huet seng Ried domat opgehalen. Dofir fannen ech et scho bal eng Frechheet, wann een dës Regierung opfuerdert am Kader vun der Applikatioun vum Plan de relocalisation, wat d'Flüchtlingen ubelaangt, ze soen, se missten zu Bréissel an op anere Plazen d'Solidaritéit promouvéieren.

Den Här Ausseminister an och seng Kollege maachen näischt anescht. Dofir wollt ech

d'CSV froen, ob se net awer vläicht wëllt déi Motioun hei zréckzéien, well, ech mengen, grad den Här Mosar, deen déi hei geschriwwen huet, entrüst sech oft iwwer Twitter, wann den Här Minister Kloertext schwätzt. Dofir wär ech wierklech frou,...

(Interruption)

...wa mer haut déi Motioun hei net...

Op jidde Fall, mir als LSAP, an ech géif de Kollege vun der Majoritéit och recommandéieren, déi Motioun hei net ze stëmme.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den Här Mosar huet d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo. Also, mat allem Respekt fir den Här Angel, ech mengen, en ass am falsche Film. Ech weess net, ob en nach zu Wimbledon beim Gilles Muller ass, mä et geet iwwerhaupt net dorëm. Här Angel, Dir hutt mir net nogelauschtert!

► **Plusieurs voix.** - Oh!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Dir hutt mir net nogelauschtert. Et geet hei, an dat hunn ech hei ausgefouert, ëm déi Propositioun...

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - ...vum Här Oettinger, dee proposéiert huet am Kader vu sengem Wäissbuch, eng Konditionalitéit anzeféieren, wat de Lien tëscht Rechtsstaatlechkeet, Solidaritéit an EU-Ausgaben ass. Dat steet ganz kloer ënnendrenner am leschten Tiret!

An ech muss lech awer soen, wann d'Majoritéit déi do net wëllt stëmme, da solle mer awer ophalen, hei nach eppes ze soen! Mir hunn elo laang a breet iwwer Solidaritéit geschwat. Ech hunn dat quasiment aus alle Mënnen héieren. Wat mir hei proposéieren, ass, datt d'Regierung u sech deen dote Volet vun der Propositioun Oettinger soll ënnerstëtzen, well mer dat eng gutt Saach fannen.

An ech hu keen héieren, deen u sech do de Contraire gemaach huet. Et geet guer net ëm dat, wat Dir do gesot hutt, Här Angel. Et geet hei ëm eng konkret, punktuell Propositioun aus dem Wäissbuch vum Här Oettinger.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Also...

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Angel!

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Ech liesen hei: «- à promouvoir le principe fondateur de solidarité entre États membres, - à soutenir au niveau européen toute initiative permettant l'application du Plan de relocalisation des réfugiés (...)». Ech mengen, dat ass dat, wat permanent vun dëser Regierung gemaach gëtt.

An ech mengen, zu dem Här Oettinger senge Proposen ass den Här Gramegna och agaangen an huet gesot, dass mer...

(Interruption par M. Laurent Mosar)

...mat allem do kënne d'accord sinn. Ech fannen dat hei... Dir zitéiert elo just een Tiret vun Arer Motioun. Mä ech bleiwe bei menger Meenung: Mir sollen déi ofleenen.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här Angel, fir lech entgéintzekommen a fir et méi einfach ze maachen: Ech proposéieren, datt mer déi zwee éischt Tiren ewechloossen.

► **Une voix.** - Aah!

► **Une seconde voix.** - Da bleift net méi vill.


► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den Här Kartheiser an dann den Här Ausseminister.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Da bleift net méi vill.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Also, ech weess elo net, opgrond vu wéi engem Text ech soll argumentéieren, dee schrëfflechen oder deen neien, wou nëmmen nach een Tiret do ass. Dofir wëll ech probéieren, generell e puer Kommentaren ze maachen iwwert d'Approche hei an deem Text.

Wann et nëmmen ëm den État de droit an Europa geet, dann ass dat natierlech eng Proposi-



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram





tioun, fir de Lien ze maachen tëschent engem Netrespekt vum État de droit, wann deen dûment constatéiert ass. An da muss ee kucken, datt déi Prozeduren, déi dat virgesinn, och voll respektéiert sinn an datt sech eben do och ka rechtsgültig a politesch vertraglech op e Constat verlooss ginn, deen deen Abléck eventuell déi aner Memberstaten oder europäesch Institutione kann derzou bréngen, sech Gedanken ze maachen, wéi domadder kann emgaange ginn.

Ob awer de Wee vun der finanzieller Erpressung - well et ass jo eigentlech dat - dee richtegen ass politesch, fir Länner zu engem Verhalen ze bréngen, wat anerer fir richtig halen oder vun deem ee mengt, datt et eng laangfristeg Solidaritéit an Europa géif begënschtegen, fir op dee Wee ze goen, dat woen ech ze bezweifelen! Ech soen, déi politesch - soe mer emol - Rationalitéit, déi Méiglechkeet, fir mat Länner esou verzoogen, datt ee Land an Europa mat deem aneren op dës Manéier soll emgoen an dorausser e positivt Resultat sech erwaart, dat schéngt mer méi wéi zweifelhaft.

Datselwecht ass de Solidaritéitsgedanken. De Solidaritéitsgedanken, deen interesséiert déi osteuropäesch Länner, well em e puer vun deene geet et jo haaptsächlech, allgemeng selbstverständlech, well an den Traitée gëtt jo dee Gedanken an dee Begrëff e puermol ernimmt, mä besonnesch am Verhältnis zu den Artikelen iwwert d'Verdeedegung an d'Sécherheet, 42, an awer och iwwert d'Fonds de solidarité, wou mir an enger histoirescher Roll sinn, déi mer eis ginn hunn um Enn vum Kale Krich, fir eben deen Deel vun Europa, dee maner Gléck hat wéi mir, well en eben ënner kommunistesche Regimier gelidden huet, fir et hinnen ze erlaben, ekonomesch op eisen Niveau erunzekommen.

Dat sinn zwee Begrëffer vu Solidaritéit, déi emotional ganz wichteg sinn an Osteuropa. A wa mer déi Begrëffer benotzen, däerfe mer och déi Dimensioun net aus den Ae verléieren: Wéi eng Reaktiounen provoziéieren mer an deene Länner, wa mer op dese Wee ginn?

Ech géif dervir warnen, op dee Wee ze goen. Emmer, éischstens, allgemeng an Europa, datt ee probéiert, deen aneren ënner Drock ze setzen. Ech mengen net, datt dee Wee zu eppes féiert.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Hei geet et awer em Rechtsstaatlechkeet, wëll ech just soen.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo. Also, d'Rechtsstaatlechkeet hunn ech gläich am Ufank gesot, Här Wiseler, éischstens muss e Broch constatéiert sinn. An dat hu mer net bis elo. Zweetens, wann e constatéiert ass, da géif ech lech proposéieren, datt mer zesummen iwwerleeën, a mat deene Länner zesummen iwwerleeën, wat mer kënnen maachen, fir d'Rechtsstaatlechkeet ze verbessern.

An eng lescht Bemierkung: D'Rechtsstaatlechkeet huet net nëmmen an Osteuropa Problemer, mä och a Westeuropa. An och hei zu Lëtzebuerg kënnen sech esou Problemer presentéieren. An ech mengen, et ass richtig, datt ee Land deem aneren och do iwwert d'Schëller

kuckt, datt een deem aneren hëlleft, fir eventuell op Saachen opmierksam ze maachen, déi net gutt sinn, an datt dat am Dialog gekläert gëtt, an net probéiert gëtt, iwwer Muechtspiller oder finanziell Mechanismen oder e Mëssbrauch vun europäeschen Institutionen, fir Usiichten an engem Land duerchzusetzen, dat éischter engem anere seng sinn. Op deem Wee, mengen ech, komme mer an Europa net virun.

Ech soen lech Merci.

(*Interruption*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Vlächcht nach den Här Mosar an dann den Här Ausseminister,...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo. Ech wëll awer nach eng Kéier...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- ...fir d'Diskussioun ofzeschlëssen. Här Mosar!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ...dem Här Kartheiser äntwerthen. Eleng och d'Reaktioun vum Här Kartheiser weist, datt eis Motioun justifiéiert ass.

Ech wëll nach eng Kéier hei widderhuelen: Et geet drëm, datt eng Konditionalitéit soll agefouert ginn an e Lien gemaach ginn tëschent der Rechtsstaatlechkeet. Ech hunn uewen, wéi ech meng Ried gehalen hunn, präziséiert, déi Rechtsstaatlechkeet misst vun dem Europäesche Gerichtshaff unerkannt ginn. Dat hunn ech kloer gesot. An dat ass natierlech d'Konditioun.

Et geet net einfach duer, datt nëmmen een dat behaupt. Mä fir eis ass dat awer wichteg, well ech kann awer elo wierklech net novollzéien, datt mer hei alleguer vu Solidaritéit schwätzen, a wann d'Kommissioun emol endlech eng konkret Proposition mécht, da proposéiert den Här Angel, d'Motioun ze verwerfen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Ausseminister huet d'Wuert.

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Ech probéieren, Här President, fir e weëneg Uerdnung hei an eis Debatt ze kréien.

Ech mengen, keen ass... Mir hunn ugefaangen, Här Mosar, Här Angel, an där leschter Kommissioun heiriwwer ze schwätzen, well den Här Oettinger war bei den Europaministern am Conseil. Mir hate jo eng liicht Debatt an der Kommissioun doriwwer, déi mer och gutt iwwerwonnen hunn. An ech sinn deen Éischen, dee seet, dass een dee Lien tëschent der Rechtsstaatlechkeet an der Solidaritéit an dem Budget, deen opgestallt gëtt fir d'Joren 2020 an duerno, dass een dee soll net maachen. Dat ass evident.

Wann ech awer elo déi Motioun hei kucken, Här Mosar, an dat ass de Punkt. Dir schwätzt hei a praktesch allen Tیره vun der „Relocation“ a vun der Solidaritéit a Saache Flüchtlingen. An dann hanne kënnst dat vum État de droit. Also duerfir, ech géif dat heite proposéieren: Kommt, mir hunn e Freideg den Här Oettinger hei zu Lëtzebuerg. Mir schwätze mat him, esou wéi e mat eis am Conseil geschwat

huet. A wann en hei... Mir stellen em all d'Froen, déi mer ze stellen hunn: Dir als Deputéierten, mir als Regierung.

An dat, wat do erauskënnt, géif ech mengen, ass et der Méi wäert, dass d'Chamber hei an engem grouse Konsens deenen, déi domadder konfrontéiert sinn am Conseil, dann och de Réck stäipt a seet - also, wann dat doten zur Sprooch kënnst; an ech weess, dass den däitsch-franséische Motor, wéi den Här Gramegna elo grad gesot huet, dat doten och an d'A faasst -, enner wat fir Konditiounen, enner wat fir Aspekter.

Et ass extrem geféierlech, fir elo Solidaritéit, État de droit a Suen an een Dëppen ze geheien. Mä ech soen lech awer: Esou kann et net weidergoen! Dat hu verschidde Leit och hei gesot. Mir kënnen net dauernd d'Rechtsstaatlechkeet mat de Féiss rennen an och net dauernd d'Solidaritéit mat de Féiss rennen an et kritt keng Konsequenzen. Dat däerfe mer net maachen!

An duerfir géif ech proposéieren, am Sënn vun der Saach - et geet elo net hei em Opposition a Majoritéit -: Kommt, mir lauschteren e Freideg dem Här Oettinger no an da preparéiere mer an der Kommissioun, wann Der dat wëllt, en Text, deen dann d'ganz Chamber ka matdroen!

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Mosar!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Also, ech sinn d'accord. Ech halen elo net drop, datt haut iwwert déi Motioun ofgestëmmt gëtt.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ech sinn d'accord, datt mer déi an d'Kommissioun renvoyéieren. A wann dann den Här Oettinger e Freideg kënnst, da kucke mer, wat derbäi erauskënnt. An dann hunn ech och kee Problem, well jiddweree kennt mech, wann aner Kollegen der Meinung sinn, déi misst op engem Punkt nach completéiert ginn, kann ech domadder liewen.

Also, mir sinn d'accord, datt se an d'Kommissioun renvoyéiert gëtt. Soss froe mer fir e Vott.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ass dat...

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Also, dass mer eis gutt verstinn: Ech géif mengen, déi Motioun hei sollte mer op kee Fall stëmmen. A mir sollten elo, dat war meng Proposition, Här Mosar, lauschteren, wat den Här Oettinger eis seet, a kucken, an der Kommissioun een Text ze preparéieren, dee vun der ganzer Chamber ka gedroe ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ass dat eng Proposition, déi ka vu jiddwerengem gedroe ginn? Här Mosar?

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Wann dat heescht, datt et e Renvoi en commission ass, jo.

(*Brouhaha*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Minister?

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Jo, ech kann net tranchéieren, Här President, ob Dir elo Renvoi en commission maacht. Mir solle kucken, ee seriöen, zolitten Text ze kréien, dee mer an der Kommissioun preparéieren.

Bon, elo ass et un lech.

► **Plusieurs voix**.- Zum Vott!

► **D'autres voix**.- Renvoi!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Okay. Mir waren no bei engem Konsens. Wann dat net de Fall ass, da géif ech zum Vott kommen.

Vote sur la motion 1

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen nach.

An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss: 23-mol jo, 34-mol neen an 2 Abstentiounen. Domat ass d'Motioun 1 ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Félix Eischen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Spautz), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet (par Mme Octavie Modert).

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par Mme Cécile Hemmen), M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Marc Angel), Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens (par M. André Bauler) et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Henri Kox), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);


MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser) et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

A mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Rendez-vous muer de Moien um néng Auer.

Merci, a kommt gutt heem!

(*Fin de la séance publique à 20.22 heures*)



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, *Président*

2. 7093 - Projet de loi sur l'exploration et l'utilisation des ressources de l'espace

- Rapport de la Commission de l'Économie: M. Franz Fayot (intervention de M. Léon Gloden)
- Discussion générale: M. Laurent Mosar (dépôt d'une motion), M. André Bauler, M. Gérard Anzia (interventions de M. Laurent Mosar), M. Roy Reding, M. Marc Baum (interventions de M. Franz Fayot et Mme Nancy Arendt)
- Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie* (intervention de M. André Bauler)
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Vote sur la motion 1 (adoptée)

3. 6853 - Projet de loi ayant pour objet la mise en place d'un régime d'aide à l'investissement à finalité régionale

- Rapport de la Commission de l'Économie: M. Frank Arndt

- Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, Mme Joëlle Elvinger, M. Gérard Anzia
- Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

4. 7112 - Projet de loi modifiant:

1. le Code du travail;

2. la loi modifiée du 9 novembre 1990 ayant pour objet la création d'un registre public maritime luxembourgeois, en vue de transposer la directive (UE) 2015/1794 du Parlement européen et du Conseil du 6 octobre 2015 modifiant les directives 2008/94/CE, 2009/38/CE et 2002/14/CE du Parlement européen et du Conseil, et les directives 98/59/CE et 2001/23/CE du Conseil, en ce qui concerne les gens de mer

- Rapport de la Commission de l'Économie: Mme Tess Burton
- Discussion générale: M. Léon Gloden, Mme Simone Beissel (intervention de M. Eugène Berger), M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen (intervention de Mme Simone Beissel)
- Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouve: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre.

(*Début de la séance publique à 09.01 heures*)